# INFO BLAT

°07 23

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng



GEMENGEROTSSËTZUNG
VUM 1. DEZEMBER 2023

Actualités Events DIFFMAG Formulaires Contact Annuaire Développement urbain Emploi Revue de presse FR / EN / DE / PT

Ville de Differdange

Differdange et vous Démarches Services communaux Vie politique

# Conseil communal du 5 juin 2024

**Conseillers présents**

| | | |
|---|---|---|
| ALTMEISCH Guy (bourgmestre, LSAP) | CEMAN Emina | OLTEN Claude (CSV) |
| ULVELING Tom (1er échevin, CSV) | CILLIEN Eric (DP) | PREGNO Laura (déi gréng) |
| WAGNER Thierry (échevin, LSAP) | DA SILVA Elisabeth (DP) | SCHEUREN Michel (LSAP) |
| HARTUNG Gerard dit Jerry (échevin, CSV) | DIDERICH Gary (déi Lénk) | SCHÜTZ Manon (déi gréng) |
| BERTINELLI Fred (échevin, LSAP) | ENGEL Morgan (PIRATEN) | TEMPELS Guy (CSV) |
| AGUIAR Paulo (déi gréng) | MEISCH François dit Fränz (DP) | |
| CHARLÉ Zenia (LSAP) | MULLER Emy (LSAP) | |

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

INFO BLAT .07 23


COMPTE-RENDU DU 1ER DÉCEMBRE 2023

4-60

DÉMARCHES EN LIGNE

61

ACTIVITÉS EN PLEIN AIR

62



**ÉDITEUR** Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

**RÉALISATION** Service média et communication

**IMPRIMEUR** Imprimerie Heintz, Pétange

**TIRAGE** 500 exemplaires

© **PHOTOS** Couverture: Joanna Hudyka Photography

**INFOBLAT** imprimé sur du papier 100 % recyclé
**L'INFOBLAT** est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

**ÉDITION 07/2023**, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informatiounsblat

**F** Ville de Differdange

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU VENDREDI 1ER DÉCEMBRE 2023

## CONSEILLERS PRÉSENTS

Guy Altmeisch, bourgmestre (LSAP)
Tom Ulveling, 1er échevin (CSV)
Thierry Wagner, échevin (LSAP)
Jerry Hartung, échevin (CSV)
Fred Bertinelli, échevin (LSAP)
Paulo Aguiar (déi gréng)
Eina Ceman (CSV)
Zenia Charlé (LSAP)
Eric Cillien (DP)
Elisabeth Da Silva (DP)
Gary Diderich (déi Lénk)
Morgan Engel (Piraten)
Fränz Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Claude Olten (CSV)
Laura Pregno (déi gréng)
Michel Scheuren (LSAP)
Manon Schütz (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)

## ORDRE DU JOUR

### SÉANCE PUBLIQUE

1. **Communications du collège des bourgmestre et échevins.**
2. **Compromis de vente avec conditions résolutoires portant sur des parcelles au lieudit Zwischen-Lauterbännen d'une contenance totale de 125,87 a à Niederkorn — présentation du projet Niederkorn Mall par les promoteurs du projet et approbation dudit compromis.**
3. **Finances communales : présentation du budget rectifié 2023 et du budget initial 2024 par le collège des bourgmestre et échevins.**
4. **Déifferdeng eng Stad hëlleft : projets et présentation soutenus en 2023.**
5. **Plan d'aménagement général et plans d'aménagement particuliers :**
   a. Modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier dénommé Anciens Ateliers Niederkorn, concernant des fonds sis au lieudit Avenue-de-la-Liberté à Niederkorn, présentée par le collège des bourgmestre et échevins pour le compte de l'administration communale ;
   b. Modification du plan d'aménagement particulier Quartier existant de la Ville de Differdange et concernant des fonds sis au lieudit An-der-Kundel et l'article 30 présentée par le collège des bourgmestre et échevins pour le compte de l'administration communa
   c. le ;
   d. Plan d'aménagement particulier au lieudit Op-de-breeden-Dréischer-II à Oberkorn, convention signée avec la société Bepe Immo SÀRL.
6. **Enseignement fondamental : changements relatifs à l'occupation des postes.**
7. **Personnel communal : adaptation de l'organigramme en ce qui concerne le service mobilité.**
8. **Actes et conventions :**
   a. Acte notarié visant l'acquisition d'une maison unifamiliale sise à Differdange au 5, rue C.-M.-Spoo ;
   b. Contrat de bail commercial d'un local commercial dans l'immeuble situé aux 13-17, avenue de la Liberté à Differdange.
   c. Premier avenant au contrat de bail avec l'office social de Differdange pour des locaux situés au centre médicosocial de Differdange ;
   d. Premier avenant au contrat de bail d'un local commercial situé au 4, place du Marché à Differdange.
9. **Règlements communaux :**
   a. Relevé des nuits blanches officielles pour l'année 2024 ;
   b. Règlements temporaires de circulation.
10. **Syndicat des communales : Programme d'action Sicona-Sud-Ouest pour l'exercice 2024.**
11. **Commissions consultatives et groupes de travail : changements.**
12. **Questions**

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *ouvre la séance du 1er décembre 2023. Il salue les conseillers communaux, les représentants de la presse et les experts qui présenteront le projet du Niederkorn Mall.*
*Les écologistes ont introduit des questions qui seront traitées à la fin de la partie publique. Messieurs Diderich, Cillien et Muller ont aussi des questions.*
*Guy Altmeisch passe la parole à monsieur Bertinelli pour les communications.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *explique que les choses bougent au sein du groupement économique. Un restaurant devrait ouvrir en janvier sur la place du Marché.*
*Les travaux de la maison Moderne ont commencé et le bâtiment devrait ouvrir rapidement.*
*La maison Glauden a été louée à une société qui organise des jeux. Les travaux commenceront au début de l'année prochaine.*
*Une pâtisserie a ouvert à côté du café Al Déifferdeng. Elle est fantastique.*
*Une pizzéria devrait ouvrir en janvier là, où se trouvait la parfumerie.*
*Le restaurant Dimmi Si s'appelle désormais Osteria et a ouvert la semaine dernière.*
*Il est donc question de sept magasins. C'est une bonne nouvelle.*

**TOM ULVELING (CSV)** *rappelle qu'un atelier dans le cadre de Net0-Cities aura lieu samedi prochain. Il espère que les représentants politiques et de nombreux citoyens y participeront.*
*Les travaux du parc AS-Terrain sont pratiquement finis. La seule exception concerne les jeux d'eau à cause du gel.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe au compromis de vente de Niederkorn Mall.*

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Dir Dammen an Dir Hären, mir géifen ufänke mat eiser Gemengerotssitzung vum 1. Dezember. Ech heeschen haut wëllkomm hei an eisem Sëtzungssall, d'Kolleegen an d'Kolleeginnen aus dem Schäffen- an dem Gemengerot, d'Vertrieder vun der Press a verschidden Experten an Techniker, déi eis hëllefen, zum Punkt betreffend der Nidderkuerer Mall Erklärungen ze ginn, fir eis dat ze presentéieren. Ech wier frou, wa mer déi Hären och nach hei hätten herno bei der Froestellung, dass wa prezis Froe kommen, mer op si zréckgräife kënnen.

Ech soen Iech Merci a mer géifen dann ufänke mat de Froen. Mer hunn eng Fro erakritt, déi mer herno tëschent der Partie publique an der Partie non-publique géife behandelen. Dat sinn d'Froe vun deene Gréngen. Ass nach een aneren, deen eng Fro unzemellen huet? Den Här Diderich. Den Här Cillien. Den Här Muller. Ech soen Iech Merci.

Mir kommen zum Punkt 1, dat sinn d'Kommunikatioune vum Schäfferot. Do géif ech d'Wuert un den Här Bertinelli ginn.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Kolleeginnen a Kolleegen, an der leschter Zäit hate mer dacks schlecht Noriichte gehat. Ech wollt Iech haut matdeelen, dass den Här Ulveling an ech am Groupement économique e gutt Stéck virukomm sinn. Héchstwarscheinlech wäert am Januar e Restaurant op der Place du Marché opgoen. Si sinn amgaangen, mat Vollgas drun ze schaffen. Dat misst an deenen éischten zwou Wochen am Januar opgoen.

Da wéilt ech Iech informéieren, datt mer intensiv um Schaffe sinn an der Maison moderne, fir dat hinzekréien, fir do och schnellst méiglech opzemaachen. D'Aarbechten hunn do ugefaangen.

Weider deelen ech mat, datt mer d'Maison Glauden verlount hunn un eng Firma, déi maache Spiller do dran. Do si mer och amgaangen dran ze schaffen, déi uganks d'nächst Joer ufänken.

Aner gutt Noriichten: Eis Patisserie ënnen um Eck beim Café Al Déifferdeng huet eng offiziell Ouverture elo gemaach. Wat wierklech eng fantastesch Patisserie fir eis Stad ass, wat mech vill freet.

D'Pizzeria hei ënnen, wou d'Parfümerie war, gesäit och eng Ouverture am Januar vir.

An de Restaurant Dimmi Si, deen elo Osteria heescht, huet d'lescht Woch opgemaach.

Soudatt mer praktesch siwen nei Geschäfter an eiser Stad hunn, wat eis natierlech freet. Mir wollten de Gemengerot doriwwer informéieren. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Bertinelli. Ech géif d'Wuert weiderginn un den Här Ulveling. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, e klenge Rappell: Déi Invitatioun vun NetZeroCities, déi Der an d'Haus kritt hutt fir deen nächste Samschdeg, do hu mer en éischte Workshop an do hoffe mer, dass d'Vertrieder vun de Parteie wéi och d'Bierger sech do umellen.

Dat anert, wat ech Iech wollt matdeelen, dass d'Aarbechten am AS Park sou wäit ofgeschloss sinn, ausser dat Waasserspill, wat elo natierlech net méi kann installéiert ginn, well et elo fréiert. Dat wäerte se dann eng Kéier am Hierscht an Ugrëff huelen. Mee fir de Rescht ass elo alles fäerdeg. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Da kéime mer zum Punkt 2, e Compromis de vente vun der Nidderkuerer Mall. Den Här Ulveling huet nach eemol d'Wuert fir déi éischt Informatiounen. Duerno geet d'Wuert un de Vendeur fir den technesche Beräich, deen eis dat da ka virstellen. Merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, ech wäert kuerz de Kader setzen. Mir kréien dat duerno in extenso vum Architekt virgestallt.

Et handelt sech ëm ee Compromis de vente, ëm eng Fläch vun 1,2 Hektar, déi mir als Gemeng u verschidde Promoteure verkafen, déi sech do engagéiere wëllen. De Compromis gëllt bis den 31.12.2025.

D'Gemeng engagéiert sech, bis dohinner all d'Infrastrukturen ze leeën, de PAP ze maachen an och d'Stroossen ze bauen. Et ass tëschent de Lauterbännen, dat ass vis-à-vis vun eisem neie CID, dat grousst Areal, wou schonn ënnen en Hotel ass.

Do ass virgesinn, an enger éischter Phas e Shoppingzenter, eng Crèche fir 100 Kanner, zwee Geschäfter, Restaurant a Parking opzeriichten. An der zweeter an drëtter Phas, déi uneneeschléissen, kënnt en zweet grousst Gebai, dat soll dann e Baumarkt ginn, mat iwwer 7.000 Meterkaree. Dat gëtt mam Shoppingzenter mat enger Bréck verbonnen. An déi Bréck selwer kommen eng 24 Butteker a Büroe fir Startuppen. An de Baumaart kënnt ee Food Court, e Parking an e Restaurant gastronomique uewen op d'Terrass, eng sougenannt Rooftop-Terrass.

Dat besteeënd Hotel gëtt ëm 30 Zëmmere vergréissert, vun aktuell 19 op 49 Zëmmeren. Wat eis freet, well mer awer hei zu Déifferdeng e Manktem un Hotelszëmmeren hunn.

D'Promoteure soten eis, si wéilten esou schnell wéi méiglech ufänken. Enn 2027 ass geduecht, dass dat Ganzt eventuell kéint opgoen.

Déi 500 Aarbechtsplazen, déi doduerch entstinn, sinn immens wichteg fir Déifferdeng. Am Ranking vun den Aarbechtsplaze pro Habitant, do sti mir ganz schlecht. Dat hei hëlleft eis, deem entgéintzewierke respektiv mat der Dotatioun an dem Impôt commercial zousätzlech Ressourcë fir d'Zukunft kënnen ze schafen.

Ech hunn elo e bëssen de Kader gesat, da géif ech d'Wuert ginn un den Architekt vun deem Projet, deen eis dat dann emol mat e puer Biller wäert ënnermolen.

**PATRICK MEYER (BELVEDERE ARCHITECTURE SA):**

Meyer Patrick, Belvedere Architecture, mir sinn en charge, fir de Projet ze erstellen, ze plangen.

De Site ass méi wéi erkläert gi schonn, wou mer dru sinn. Do ass zum engen dat Hotel existant, dat besoten Hotel mat der Boulangerie, mat der Produktioun, déi dran ass, a Büroen. Déi éischt Phas dovunner, do si mer an der Phase d'autorisation, an déi zweet Phas ass déi vum Baumarkt, mat der grousser Shoppingmall, wat mer duerno méi am Detail gesinn.

Wéi deelt sech dee Projet op? Ech ginn duerch déi eenzel Phasen erduerch. Mat der éischter Phas, der Phase d'autorisation, domat si mer quasi fäerdeg oder um Wupp dovunner. De Parking ass hallef ausgegruewen. Dat gëtt ee Parking ouvert couvert, wat ganz flott ass, well esou Luucht vu baussen erakënnt, eng natierlech Beliichtung a Beléftung, déi geschitt.

Hei ass den Agank fir an den Zenter. An deem Beräich ass d'Animatioun, zwou Cellules commerciales an zwee Geschäfter.

De Stack driwwer kënnt de Supermarché vun enger Gréisst vu knapp ënner 2.000 Quadratmeter, wou eng flott Panoplie u Produiten ugebuede gëtt.

De Stack driwwer kënnt eng Crèche mat Terrass, déi sech do implantéiert.

An de Stack do driwwer kënnt e Rooftop-Restaurant, och mat enger Terrass, fir kënnen dobaussen ze sëtzen.

Dat ass d'Phas eent.

Elo zu der Phas zwee. Do sinn aktuell Etüden amgaangen. Mir haten éischt Kontakter gehat mat der Administration Nature et Forêts. Et sinn éischt Analyse gemaach ginn iwwert den Terrain, et ass e Relevé gemaach ginn. Mee dat ass en cours de route, dat heescht do ass alles nach vill méi mobil. Dat gëtt ugepasst un déi Besoinen, déi elo

**TOM ULVELING (CSV)** *se contentera d'une introduction avant de céder la parole à l'architecte.*

*Le compromis de vente concerne une surface de 1,2 ha que la commune vend à plusieurs promoteurs.*

*Le compromis vaut jusqu'au 31 décembre 2025.*

*La commune s'engage à mettre en place les infrastructures, à réaliser le PAP et à construire les routes. Le terrain se trouve au lieudit Lauterbännen en face du nouveau CID, là, où se trouve l'hôtel.*

*Sont prévus un centre commercial, une crèche pour cent enfants, deux magasins, un restaurant et un parking. Les phases 2 et 3 prévoient un deuxième grand bâtiment destiné à un magasin de bricolage de 7000 m². Les deux bâtiments seront reliés par un pont comprenant 24 boutiques et des bureaux. Le bâtiment avec le magasin de bricolage accueillera aussi une aire de restauration, un restaurant gastronomique et un parking.*

*L'hôtel sera agrandi de trente chambres.*

*Les promoteurs veulent commencer les travaux rapidement et les terminer fin 2027.*

*Cinq-cents emplois devraient être créés.*

**PATRICK MEYER (ARCHITECTE)** *travaille pour Belvedere Architecture. Il explique qu'il existe déjà un hôtel avec une boulangerie. La deuxième phase concerne le magasin de bricolage et le centre commercial.*

*La phase d'autorisation est pratiquement terminée.*

*Le parking sera à la fois ouvert et couvert*

*Patrick Meyer montre l'entrée du centre, la zone destinée aux animations, les cellules commerciales et deux magasins. Le premier étage comprendra un supermarché de 2000 m². Une crèche avec une terrasse ouvrira au deuxième étage. Le troisième étage accueillera un restaurant sur le toit, avec une terrasse.*

*En ce qui concerner la deuxième phase, des études sont en cours de réalisation. Les premiers contacts avec l'Administration de la nature et des forêts ont eu lieu. Comme ces études ne sont pas encore terminées, les plans restent flexibles. Il*

*faudra adapter le projet aux besoins.*
*Patrick Meyer montre ensuite le parking et une des cellules commerciales. Le premier étage comprend le magasin de bricolage, qui sera relié à l'hôtel par la cage d'escalier. Le deuxième étage accueillera des jeunes pousses dans le pont reliant ce bâtiment à la crèche. Patrick Meyer mentionne ensuite l'extension du parking et les 24 cellules commerciales.*
*Il y aura aussi des kiosques dans le hall et une aire de restauration avec 11 restaurants du monde. Des animations pourront être organisées dans l'espace extérieur.*

**ANTONIO TAVARES (PROMOTEUR)** *ajoute que le centre commercial comprendra aussi une aire de jeux pour les enfants — par exemple lorsque les parents font leurs courses.*
*Au milieu du centre commercial se trouveront des kiosques.*
*L'aire de restauration est une nouveauté au Luxembourg. Elle comprendra 11 restaurants, par exemple chinois ou italiens. On pourra manger sur place ou emporter les plats. Antonio Tavares désigne une plaza sur les plans et explique que les restaurants se trouveront tout autour,*
*En face de l'aire de restauration trouvera place un petit marché avec notamment des fruits frais.*
*Une brasserie en plein air sera située au-dessus sur une surface de quelque 400 m2. La terrasse aménagée fera 4500 m2. Les enfants pourront s'amuser sur une aire de jeux.*
*La terrasse extérieure de l'aire de restauration comprend un escalier en forme d'amphithéâtre. Elle pourra être utilisée pour des concerts en plein air. Tout en haut des escaliers, on aura une belle vue sur les concerts ou d'autres manifestations en été.*
*La crèche et la surface de shopping ont une surface de 1200 m$^2$. La crèche et sa terrasse font 680 m$^2$.*
*La toiture sera végétalisée et comprendra des panneaux photovoltaïques.*
*Le complexe sera relié au réseau de chauffage urbain.*

successiv entstinn oder gekläert ginn am ganze Projet.

Do hu mer och e Parking, deen de Sockel mécht mat dem Aganksberäich, erëm eng Cellule commerciale, fir eng Animatioun ze hunn.

Mir ginn erop op den éischte Stack, do ass dann de Baumaart, wat ee kennt als Gaardenzenter, Heimwerker, alles, wat do dran ass vun enger Konsistenz, Gréisst. An dat besteeënd Hotel gëtt drun ugebonnen. Wat eis erlaabt, op dat Trapenhaus, wat scho besteet, zréckzegräifen, also eng rational Notzung ze kréien dovunner.

De Stack driwwer, wou mer vun der Crèche eriwwerkommen, hu mer eng Verbindungsbréck. An deem Beräich vun der Verbindungsbréck gi Büroen installéiert fir Inkubator, Startuppen, wat eng ganz flexibel Struktur gëtt, fir och do Animatioun an dat Ganzt eranzekréien. De Brico kënnt eran. An de Stack drop d'Extensioun vum Parking, déi  vir eragräift an déi Entrée, déi do ass. Um Stack driwwer kënnt een an d'Mall, déi eriwwergeet vun der éischter Phas vum Restaurant iwwert d'Bréck. An der Bréck sinn d'Cellule-commerciallen integréiert a vun do kënnt een an d'Mall. En tout komme 24 Cellule-commerciallen, dat pass sech un, dat ass am Prozess.

Et komme Kiosken an de Gank, wéi mer op dësem Bild gesinn. Et kënnt ee Food Court mat eelef Restaurants du monde, wou eng Panoplie u Saachen ugebuede gëtt, mat engem Court commun, doriwwer wäerte mer nach e puer Wierder héieren. An natierlech en Espace extérieur, fir och do eng Animatioun ze hunn. Dat ass dee ganze Komplex.

Hei gesi mer Biller vun dobannen. Wëlls du vläicht e puer Wuert dozou soen?

**M. ANTONIO TAVARES (PROMOTEUR):**

Gudde Moien, fir e bëssen ze explizéieren, am Mall wëlle mer eng speziell Spillplaz fir d'Kanner maachen. Op dëser Foto gesitt Der se, wierklech eng attraktiv Plaz fir d'Kanner, dass d'Elteren, oder de Papp, wärend d'Mamm d'Kommissioune mécht, ka mat de Kanner e bësse spillen, fir dass d'Kanner eppes maachen.

An der Mëtt vum Mall kommen e puer Kiosken, sweet Kiosken an esou weider. De Food Court, dat gëtt eng Innovatioun hei zu Lëtzebuerg. An deem Food Court sinn herno eelef Restauranten, do fënnt een Italieenesch, Chineesesch, etc.wWou ee sur place iesse ka wéi och siche goen. Do fënnt jiddwereen, wat e Loscht huet.

Dat hei sinn d'Cellulle ronderëm d'Plaza vun der Restauratioun, déi ass an der Mëtt. Mir hunn eng Plaza an der Mëtt bannen, a mir hunn eng baussen och duerno. Do gesitt Der all d'Restauranten, déi ganz ronderëm ginn an do kënnt Der da siche goen, fir dann op der Haaptplaz duerno ze iessen.

Bei de Kiosken, direkt vis-à-vis vun der Plaza vun der Restauratioun, kënnt ee klenge Maart, mat frëschem Geméis, frëschem Uebst an alles, wou d'Leit sech mëttes eng kleng Fruucht kënne kafen oder esou.

Uewe kënnt e Biergarten-Restaurant mat enger Terrass, e Parc aménagé. De Biergarten-Restaurant huet ongeféier 400 Meterkaree an d'Terrasse aménagée huet ongeféier mam Park 4.500 Meterkaree. Do kommen och nach Spillplazen hin, wou d'Kanner sech ameséiere kënnen.

Ech muss och eppes soen zu där grousser Terrass extérieur vun der Restauratioun. Mir hunn hei eng speziell Trap, déi am Fong a Form vun engem Amphithéâtre ass.

Firwat? Ma dat ass geduecht fir kleng oppe Concerten. D'Trap geet esou erop, dat ass extra, fir dass d'Leit sech kënne sëtzen an der Trap bis ganz uewenop. An d'Leit kënnen dann och vun uewe kucken an da kann een do kleng Concerte maachen am Summer oder aner Veranstaltungen. Dat ass och nach eng Saach, déi dobäikënnt.

Wat kann een nach soen? D'Crèche an d'Shoppingfläch ass 1.200 Meterkaree, mat enger Terrass. Dat ass d'Crèche mat enger Terrass vu 680 Meterkaree.

Et komme Panneaux photovoltaïques, et gëtt eng Toiture verte an net ze vergiessen de Chauffage urbain, dee vun

der Gemeng geliwwert gëtt, deen direkt vis-à-vis ass, déi nei Gebaier vun der Gemeng. Deen ass direkt do, de Chauffage urbain. Dat heescht de Chauffage urbain wäert benotzt ginn.

Op der Phas 1, gesitt Der en SCW vu 4.400 Meterkaree. Op der Phas 2, dat ass d'Phas 1bis mat 2 zesummen: 18.800 Meterkaree.

De Bricozenter banne 7.000 Meterkaree. Baussen hu se nach eng Gäertnerei an alles, mat Blummen, wat se verkafen, dat sinn 1.500 Meterkaree, déi Verkafsfläch baussen.

Ech mengen, ech hunn den Tour vun allem gemaach. Dat ass d'Phas 1, deen éischte Block, dee gebaut gëtt. Deen Ufank nächst Joer ufänkt. Du kanns weidergoen.

Dat do ass d'Phas 3. Am Ganze gëtt et duerno dräi Afaarten, dräi Entréeën. Souwuel fir Autoe wéi fir Foussgänger. Hei gesi mer d'Entrée Nummer dräi, déi an der Rue de Bascharage ass, mat Extensioun vum Hotel. Den aktuellen Hotel ass hei, dat dote gëtt d'Extensioun vum Hotel.

Dat hei ass déi éischt Phas. An dat gëtt d'Verlängerung zu der Strooss vun der Rue des Ateliers vun der Gemeng. D'Gemeng ass hei, d'Gemengenateliere sinn do, an dat ass déi Strooss, an hei fänkt d'Phas 2 an 3 un. De Baumaart, dee wäert hei sinn duerno. De Supermarché, dee wäert dës Säit sinn. Hei hu mer d'Incubateuren an driwwer ass d'Galerie, déi vun där enger Säit op déi aner eriwwer geet, hei driwwer.

Hei gesitt Der e bëssen d'Ampleur vun uewen, mat de Photovoltaiken, mat allem, de Park uewen. Dat ass e ganzen Dräieck. Hei gesitt Der et vun enger anerer Vue.

Nach eemol: Déi éischt Entrée ass hei, déi zweet Entrée ass do, déi drëtt Entrée ass hei. Hei kënnen d'Leit vun der Cité ze Fouss erakommen. Déi brauche mol keen Auto. Dofir hu mer extra déi drëtt Entrée gemaach, dass déi Leit, déi 500 Meter dovunner ewech wunnen, kënnen ze Fouss dohinner goen. Déi Afaart huet e Lift an Trapen, fir erop op de Parc extérieur, de Rooftop.

Hei ass nach eng aner Vue. Hei gesitt Der de Gaardeverkaf vum Baumaart baussen, dat ass den Deel baussen.

Hei ass déi Säit vum Zuch. Normalerweis gëtt déi Fassad hei, déi gëtt mat …

### M. PATRICK MEYER (BELVEDERE ARCHITECTURE SA):

Fir vun de Fassaden ze schwätzen: Trespa ass projezéiert fir drop ze maachen, wat ee fantastesche Produit ass a wat virun allem een Atout huet, dass et ganz gutt altert oder, besser gesot, net altert. Dat heescht, et ass näischt, wou s de fäerte muss, wéi bei enger Isoléierfassad, déi gréng a modereg gëtt mat de Joren.

Dat anert, wat ganz interessant ass, d'Wänn ginn aus Isotex gemaach, wat Holzbëton ass, wat een nohaltegen ökologesche Produit ass. Wat eng ganz einfach Aart a Weis ass, fir ze bauen, well et Bléck sinn, déi ganz liicht sinn. An d'Holz, wat dran ass, suergt fir d'Isolatioun. Dat heescht, fir den Aarbechter ass et agreabel ze schaffen. Dat gesinn d'Leit net, déi duerno erakommen, et gesäit een et souwisou net, well et verkleet ass duerno, well et wéi eng normal Mauer funktionéiert. Et ass äerdbieweséscher, et ass ootmungsaktiv. Dat heescht d'Konstruktioun huet och „innere Werte", déi ökologesch sinn, déi s de awer herno net méi wäers gesinn, mee déi fir e gutt Raumklima suerge wäerten.

An dat ass an der zweeter Phas och dran. Wéi schonn ugeschwat, et ass fir eis ee Glécksfall, datt mer eng Gemeng hunn, wou mer eis kënnen un de Chauffage urbain uschléissen, wat vill Virdeeler mat sech bréngt. An da Photovoltaik, Regenrückhaltung …

### M. ANTONIO TAVARES (PROMOTEUR):

E Wuert zu der Photovoltaik. Déi heite Fassad, dat ass jo déi hënnescht Fassad, déi d'Leit net vun der Strooss aus gesinn, déi wëlle mer mat Panneaux photovoltaïques maachen. Déi dote Fassad. Déi, déi zu der Schinn ass, der Sonnesäit.

En anere Punkt: Mir wäerten och mam City-Management zesummeschaffe fir

*La phase 1 concerne 4400 m² et la phase 2 18 800 m². Le magasin de bricolage fera 7000 m² auxquels s'ajoute un espace de jardinage à l'extérieur de 1500 m².*
*La construction du premier bloc commencera au début de l'année prochaine.*
*Antonio Tavares passe à la phase 3. Le complexe comprendra trois entrées pour les piétons et les automobilistes. L'entrée 3 se trouve dans la rue de Bascharage à côté de l'hôtel.*
*Antonio Tavares montre ensuite des plans des ateliers communaux. Il désigne l'endroit où se trouvera le magasin de bricolage et celui où se trouvera le supermarché. Il mentionne aussi les incubateurs.*
*Une vue d'en haut montre l'ampleur du parc et des installations photovoltaïques.*
*Ensuite, il montre à nouveau les trois entrées, dont une du côté de la cité. Les gens habitant juste à côté n'auront pas besoin de prendre la voiture.*
*L'espace de jardinage du magasin de bricolage est partiellement à l'extérieur, du côté de la voie ferrée.*

**PATRICK MEYER (ARCHITECTE)** *ajoute que les façades seront en Trespa, un produit fantastique qui vieillit bien.*
*Les parois seront en Isotex, un produit écologique formé de ciment et de bois. Il est facile à travailler. Les gens ne verront quant à eux qu'une paroi normale. En d'autres termes, la construction sera écologique sans que cela soit visible.*
*Pour les architectes, il s'agit d'une chance de pouvoir profiter du chauffage urbain, qui offre de nombreux avantages.*
*Patrick Meyer mentionne aussi la photovoltaïque et les capteurs de pluie.*

**ANTONIO TAVARES (PROMOTEUR)** *ajoute que la façade postérieure, que les gens ne verront pas depuis la rue, sera aussi recouverte de panneaux photovoltaïques. Elle est orientée vers le soleil, du côté de la voie ferrée.*
*En partenariat avec le city management, il s'agira ensuite de voir si des commerçants locaux veulent s'y implanter. L'idée est d'attirer de*

*nouvelles marques. Les promoteurs ne sont pas contraires à soutenir les commerçants locaux s'ils le souhaitent, mais il faudra que les produits soient attractifs, car il y a déjà beaucoup de centres commerciaux dans le pays.*
*Quelque 400 personnes travailleront sur le site.*

**PATRICK MEYER (ARCHITECTE)** *précise être en contact avec l'Administration de la nature et des forêts pour définir les compensations écologiques. Bref, des discussions sont en cours avec les administrations et la commune pour s'assurer que le centre commercial sera bien intégré à son environnement social et urbain.*
*Le complexe constituera aussi une entrée en ville intéressante axée non seulement sur les magasins, mais aussi sur les services. Tout le monde devrait donc y trouver son bonheur.*

**ANTONIO TAVARES (PROMOTEUR)** *demande s'il reste des questions.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *remercie les intervenants pour leurs explications. Il se dit convaincu que les conseillers communaux ont encore des questions, car le projet est chouette et intéressant.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *remercie à son tour les intervenants. Il les félicite pour leur esprit d'initiative. Ce centre commercial sera intéressant pour Differdange, mais aussi pour toute la région. Il pense que tout le bassin de la Chiers pourra en profiter.*
*Il reste la question du trafic. Il s'agira de rendre la mobilité douce attractive. En tout cas, le site est bien desservi par les transports en commun.*
*Erny Muller répète que les gens devront pouvoir s'y rendre sans voiture. Il faudra aussi qu'ils puissent rentrer à la maison avec leurs courses.*
*Erny Muller se réjouit de la coopération avec le city management et la cellule économique. En effet, il est important de disposer d'un concept global pour la ville afin de combiner efficacement les nouveaux magasins avec les anciens. Les gens*

d'Butteker an esou. Fir do ze kucken, wa Leit hei aus der Géigend wëlle Butteker dramaachen. Eisen Objektiv ass, fir nei Marken ze bréngen. Mir kënnen do och mat lokale Leit schaffen, et ass jo net, dass mer onbedéngt musse Leit vun ausserhalb siche goen. Wa Geschäftsleit hei aus der Gemeng e Projet maache wëllen, da musse mer kucken, mee mir wëllen awer nei Marken an deem Shopping.

Mir wëllen en neien attraktive Pôle bréngen, well Shoppingzentere gëtt et der scho genuch zu Lëtzebuerg, mir wëllen awer aner Saache bréngen, fir dass dat attraktiv ass, dass d'Leit bei eis kommen.

Wéi den Här Buergermeeschter gesot huet, herno wäerten ongeféier tëschent 450 a 500 Leit am ganzen Dräieck schaffen.

Wat kënne mer nach soen? Ech mengen, mir hunn näischt vergiess.

**M. PATRICK MEYER (BELVEDERE ARCHITECTURE SA):**

Wéi ech virdru gesot hunn, mat der Forst- an Naturverwaltung si mer a Kontakt, d'Analyse si gemaach fir den Terrain, d'Kompensatioun, d'Punkte sinn definéiert. An dat gëtt dann och ausgeglach. Dat heescht, an deem Volet si mer op der gudder Säit, wat dat ugeet. Et geet alles säi Wee. Mir sinn a Kontakt mat den Administratiounen, a Kontakt mat der Gemeng, mat der Verwaltung hei, fir déi Saache weiderzedreiwen an dat an deem Sënn, datt et sech an den Tissu urbain an an d'sozial Struktur vun deem ganzen Ëmfeld, wat mer hunn, erasetzt.

A fir deem och, mir hunn et genannt, eng nei attraktiv Porte ze ginn, fir, wann s de erakënns an d'Gemeng, datt een do een anere Pôle huet, dee Multiservice ass. Et ass net ausgeluecht op nëmme Geschäft, et ass net ausgeriicht op nëmme Service. Et ass eng Mëschung vun all deem. Wat och mécht, datt jiddweree säi Bonheur do ka fannen, an datt et einfach méi ass wéi nëmmen eng Funktioun, a keng Monofunktioun, déi proposéiert gëtt.

**M. ANTONIO TAVARES (PROMOTEUR):**

Gëtt et eventuell Froe vun Ärer Säit?

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech wollt profitéieren, fir éischtens emol Iech Merci ze soe fir déi flott an interessant Erklärungen, déi vill Detailer, déi Der eis ginn hutt. Mee ech sinn iwwerzeegt, dass d'Kolleegen an d'Kolleeginnen heibanne bestëmmt nach Froen hunn zu deem awer fir eis Gemeng flotten an interessante Projet. Gëtt et Froen zu deenen Erklärungen, déi mer grad kritt hunn, Wuertmeldungen?

Den Här Muller. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci. Am Numm vun der LSAP fir d'éischt emol Merci fir déi ganz interessant Presentatioun. Mir felicitéieren Iech fir Är Initiativ an Äre Courage, deen Der opbréngt, fir deen, an eisen Aen, ganz attraktive Geschäftszentrum op där Plaz opzeriichten, deen interessant ass fir Déifferdeng, fir eis Populatioun, mee awer och doriwwer eraus, fir d'ganz Regioun. Well, ech mengen, dat do ass jo eppes, wat dee ganze Kordall kéint interesséieren a vläicht och e bësse vu méi wäit, well mer op Zoubrénger-Achse leien do op der Nidderkuerer Plaz, wat och ideal ass, fir déi Leit ze erreechen.

Wat de Verkéier ubelaangt, dat hate mer scho gesot, do muss een natierlech kucken. Mee eng Méiglechkeet wär iwwert d'Mobilité douce, ganz benotzerfrëndlech, fir dohin ze kommen oder iwwert déi ëffentlech Verkéiersmëttelen, do si mer gutt ugebonnen. Et muss ee kucken, ob een do nach kann aner Offeren ubidden, fir dass d'Leit och ouni Auto dohi kënne kommen. Et bleift ëmmer de Problem: Wéi komme se heem? Well si huele jo och eppes mat, wa se akafe ginn. Ech mengen, dat däerfe mer awer och net vergiessen, si wëlle jo och do kafen.

Dir hat gesot, Dir géift mam City-Management a mat der Cellule économique zesummeschaffen, dat freet mech.

Well et ass jo wichteg, dass een awer e Gesamtkonzept huet. Déi hunn elo e Konzept fir Äre Mall, fir déi gréisser Kombinatioun vu Geschäfter. Ech mengen, och dat musse mer kucken, dass mer dat kombinéiere mam Rescht, wat et nach an der Stad gëtt. An dat alles op een Niveau ze bréngen, dass do ee roude Fuedem drakënnt. An dass d'Leit kënnen, sou vill wéi méiglech, vun allem, wat mer als Stad offréieren, profitéieren.

Op jidde Fall wënsche mir Iech vill Erfolleg. Den Här Buergermeeschter an de Schäfferot, ech mengen, ouni, dass ech mech ze wäit aus der Fënster leenen, sti komplett hanner deem Programm. 2027 hoffe mer dann, dass dat, wat Der eis haut gewisen hutt, Realitéit gëtt. An da wäerte mer bei der Aweiung dobäi sinn. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Den Här Meisch.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, schéine gudde Moien. Iech merci fir d'Presentatioun. Mir wënschen Iech elo scho vill Energie a bonne chance mat der eventueller Ëmsetzung vun Ärem ambitiéise Projet.

Duerch dës Absichtserklärung gi mer den Investoren d'Méiglechkeet weiderzeplangen. Dee Projet ass jo schonn eng länger Zäit an der Diskussioun hei an Déifferdeng.

Den envisagéierte Site ass interessant a gutt ugebonnen. Eng Grande surface a Richtung Baumarkt géif eis effektiv hei an der Géigend gutt zu Gesiicht stoen.

Mat der eventueller Nidderloossung vu weidere Geschäfter an engem zousätzleche Centre commercial Niederkorn Mall, musse mer eis bewosst sinn, dass dat d'Aufgab net wäert vereinfachen, fir eisen ale Stadkär punkto Geschäfter ze beliewen. Mee iergendwann musse mer eis all agestoen, dass dee Wandel net opzehalen ass, an dass ee muss alternativ Konzepter a Geschäftsforme fir den Déifferdenger Zentrum entwéckelen. Mir hunn do als Demokratesch Partei eng Rei Iddie virzeschloen.

Hei geet et elo ëm eng Absichtserklärung, ëm ee Compromis, fir eisen Terrain als Gemeng ze verkafen. Mir als Demokratesch Partei kënnen dat ganz gäre matstëmmen an hoffen, dass déi envisagéiert Schafung vun enger ganzer Rei vun Aarbechtsplazen dach schnellst méiglech kann ëmgesat ginn. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci, Här Meisch. Madamm Pregno, wannechgelift.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Schéine gudde Moien alleguerten och vun eiser Säit. Ech muss soen, och mir als déi Gréng fannen dat en immens flotte Projet. Och vun eis positiv Wierder. Ech weess jo, dass mer an Tëschenzäit oft de Stempel opgedréckt kréie vun den negative Wierder. Mee nee, et sinn och oft positiver do.

Jo, jo, Här Ulveling, Dir wësst et.

Ech hu just zwou oder dräi kleng Bemierkungen. Dat eent ass, mir fannen et immens flott wéi den Akt geschriwwen ass, mat deene verschiddene Klauselen, déi drastinn, well mer an der Vergaangenheet oft gemierkt hunn, dass verschidde Saachen net agehale goufen, well mer keng Datumen drastoen haten, an dass d'Projeten net verwierklecht goufen. Mir begréisse ganz staark, dass dorop opgepasst gouf.

Eng Saach, déi eis an deem Projet feelt, dass, falls den Terrain eng Kéier géif verkaf ginn, dass do keng Plus-value kann drop gemaach ginn. Deen Ofsaz feelt eis. Ech denken, dass dat awer vläicht wichteg wär, a Consideratioun ze zéien. Net dass dee Projet net zustane kënnt, an dass mer dann u sech als Gemeng en Terrain privatiséiert hunn, wou herno de Benefice engem Privaten zegutt kënnt.

Déi Fro, déi ech hätt: Si scho Butteker konkreet am Gespréich? D'DP huet et och scho gesot, relativ schwiereg. Mir wëssen, am Auchan si vill Butteker, déi

*doivent pouvoir profiter de tout ce que la ville a à offrir.*
*Erny Muller souhaite bonne chance au projet. Le collège échevinal le soutient entièrement. Il espère qu'en 2027, ce qui a présenté aujourd'hui deviendra réalité.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *remercie à son tour les experts pour la présentation. Il leur souhaite bonne chance.*
*Il rappelle qu'il est question de ce projet depuis belle lurette. En tout, Niederkorn a besoin d'une grande surface avec un magasin de bricolage.*
*D'un autre côté, il faut se rendre à l'évidence que les nouveaux magasins ne vont pas simplifier la revitalisation du centre-ville historique. Mais cette transformation est inévitable et il faut donc rechercher d'autres concepts pour le centre. Les démocrates ont des idées.*
*Aujourd'hui, il est question d'un compromis de vente de terrain. Le DP l'approuvera. François Meisch espère que les travaux et la création d'emplois avanceront vite.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *trouve le projet vraiment chouette. Elle sait qu'entretemps, on dit que les écologistes se plaignent en permanence. Mais cette fois-ci, leurs mots sont positifs.*
*Elle souligne le nombre important de clauses dans l'acte. C'est une bonne chose, car dans le passé, les conditions n'avaient pas toujours été respectées — par exemple parce que l'acte ne contenait pas de date. Laura Pregno salue le fait que le collège échevinal a porté attention à ce point.*
*Elle regrette en revanche l'absence d'une clause prévoyant qu'en cas de revente du terrain, il ne sera pas possible de générer une plus-value. Car si le projet n'était finalement pas réalisé, un particulier risquerait de faire un bénéfice grâce à un terrain qui appartenait à la commune.*
*Pour ce qui est des magasins, y a-t-il déjà des noms concrets ? Laura Pregno signale que certains magasins d'Auchan ont fermé leurs portes récemment. À Foetz, les magasins du centre commercial ont des difficultés à l'exception de la pâtisserie et du magasin de sport.*

*Deux boutiques ont fermé récemment.*
*Le collège échevinal sait-il de quels magasins il est question ? Existe-t-il des études quant au pouvoir d'achat des Differdangeois et des habitants de la Grande Région ? La clientèle est-elle là ?*
*Comme monsieur Muller, les écologistes s'inquiètent du trafic. Niederkorn connait déjà des problèmes aux heures de pointe. Malgré l'entrée pour les piétons, il est évident que la plupart des gens se rendront au centre commercial en voiture. Déjà maintenant, à 17 h, il faut une demi-heure pour se rendre d'Oberkorn à Niederkorn. Les choses vont empirer. Heureusement, Laura Pregno pourra s'y rendre à pied. Elle se rendra sur l'aire de jeux avec les enfants pendant que son mari fera les courses.*

**ANTONIO TAVARES (PROMOTEUR)**
*a visité pratiquement tous les centres commerciaux européens. Il a eu jusqu'à 18 magasins à Luxembourg, Paris et Lisbonne. Il n'est donc pas tombé de la dernière pluie. Il vit pratiquement dans les centres commerciaux et connait les arrière-cours, les livraisons…*
*À Luxembourg, il n'y a pas de centre commercial avec un grand magasin de bricolage. Le Niederkorn Mall comprendra aussi un grand magasin d'alcool et de tabac ainsi qu'un supermarché.*
*Antonio Tavares ne veut pas tout dévoiler pour éviter que la concurrence ne copie ses idées. Mais il entend ouvrir un centre commercial avec des choses qui n'existent pas ailleurs. Tous les centres commerciaux lui demandent de participer aux tables rondes pour apporter des idées. Il vit dans les centres commerciaux depuis 34 ans. Les promoteurs disposent donc d'expérience à la fois dans le domaine du shopping et dans celui de la promotion immobilière.*
*C'est de là que viennent les idées des jeunes pousses, du parc, de l'aire de jeux…*

an der Lescht net iwwerlieft hunn, déi zougemaach hunn, wou Wiessel war. Net wäit ewech, zu Féiz, gëtt et genee esou eng Mall, vill méi kleng wéi dat hei, wou awer d'Galerie uewen, ausser der Patisserie, déi ganz gutt geet, an engem Sportsbuttek, Schwieregkeeten huet, um Rullen ze bleiwen.

Viru Kuerzem hunn ech gesinn, dass do nees zwee Butteker zougemaach hunn, een neien ass amgaange sech ze installéieren. Mee dat gestalt sech awer alles ganz schwiereg. Hutt Der Iddien, wéi eng Butteker dat sinn? Sinn Etüde gemaach ginn, ob Kafkraaft do ass, souwuel vun Déifferdenger Leit, déi dohinner akafe komme wéi déi aus der Groussregioun, Lëtzebuerg och vläicht, Kordall oder not Ausland? Well Dir setzt jo gär vill do dran an d'Erwaardunge si grouss. Hutt Der Iddien, wien do akafe kënnt, ob Clientèle do ass?

Eng aner Fro. Wéi den Här Muller gesot huet, den Trafick mécht eis e bëssen Angscht, Nidderkuer ass schonn zu Spëtzenzäiten déck besat op de Stroossen. Ech mengen, dat do bréngt net manner Trafick. Och wa mer eng Piétonsentrée hunn a vläicht nach eng gutt Séil mam Cargobike eng Planz an de Gaardenzenter siche kënnt, wësse mer awer, dass de Gros vun de Leit mam Auto dohinner fiert, dat ass numol den Alldag. Däers musse mer eis bewosst sinn.

Dat heescht, mir mussen eis bewosst sinn, dass zu Déifferdeng, zu gewëssenen Auerzäiten, näischt méi no vir an näischt méi no hanne geet. Dir wësst alleguerten, um 17 Auer braucht Der vun Uewerkuer op Nidderkuer oder ëmgedréit, iwwer eng hallef Stonn. Dat gëtt domadder net besser. Mee et ass okay. Also ech kann domadder liewen. Ech wunne jo déi aner Säit, et ass okay, ech ginn ze Fouss. An ech ginn ze Fouss an ech sëtze mech awer als Mamm bei d'Spillplaz a mäi Mann geet akafen. Ech hoffen, dass dat awer okay ass. Villmools merci fir d'Nolauschteren.

**M. ANTONIO TAVARES (PROMOTEUR):**

Säit 34 Joer liewen ech an de Shoppingen. Et gëtt net vill Shoppingen an Europa, an deenen ech net dra war, déi ech net kennen. An ech hat bis 18 Geschäfter an de Shoppingenztëschent Lëtzebuerg, Paräis a Lissabon. Ech selwer, ech liewen dran. Ech si kee Promoteur, deen nëmmen en Investissement mécht an deen awer net vill dovunner kennt. Virdrun hutt Der Leit genannt, déi vill Suen hunn, mee déi net dra liewen. Ech liewen dran. Ech kennen och d'Arrière-Couren, d'Liwwerungen an hei do. Ech hu genuch Kontakter, fir déi Mall do voll ze maachen.

An d'Iddi vum Baumaart, dat ass jo grad, well hei zu Lëtzebuerg gëtt et kee Shopping mat esou engem grousse Baumaart. Dat gëtt eng enorm Lokomotiv. Et wäerten nach aner Surprisë kommen. Eng zum Beispill, et kënnt ee grousst Alkohols- an Tubaksgeschäft sou grouss wéi e Supermarché dran. Mir däerfen net vergiessen, mir sinn hei direkt un der Grenz vun der Belsch, vu Frankräich, wou den Alkohol vill méi deier ass an den Tubak vill méi deier ass.

Et kommen nach Neiegkeeten dran. Ech kann elo net alles devoiléieren, well dat géif deenen aner Shoppingen d'Possibilitéit ginn, wärend den nächsten zwee Joer dat nach séier ze maachen, éier mir et maachen. Eist Zil mat der Nidderkuerer Mall zu Déifferdeng ass et, en attraktive Shoppingzenter ze maache mat Saachen, déi nach net do sinn.

Ech si bal an all Kommitee, op all Table-ronde vun all Shoppingzenter vu Lëtzebuerg ginn ech geruff, fir Iddien ze bréngen. All d'Proprietäre froe mech permanent, ech soll dobäi sinn, fir Iddien ze bréngen, well se wëssen, dass ech säit 34 Joer an de Shoppinge liewen.

An dat ass eis Stäerkt. Mir hunn d'Stäerkt, d'Shoppingen ze kennen a mir hunn d'Stäerkt vun der Promotion immobilière. Den Toni huet iwwer 40 Joer Experienz an der Promotion immobilière. Ech war iwwer 30 Joer an der Promotion immobilière. Mee ech liewen och an de Shoppingen. Déi kleng Paraff wollt ech Iech ginn.

An dofir och d'Iddi vun de Startuppen, d'Iddi vum Park mat der Spillplaz an nach vill aner Saachen, déi kommen.

Mir wëllen Iech och e bësse Surprisë bréngen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech fannen dat ganz flott an ech fannen dat och héich professionell, wéi dat vum Promoteur a wéi dat vum Constructeur a wéi dat vum Architekt bruecht ginn ass. Merci fir déi flott Erklärungen, déi animéiert Erklärungen an déi Begeeschterung, déi Dir selwer an Äre Projet leet. Ech mengen, dat muss op eis eriwwergoen an dat muss op d'Leit vun Déifferdeng eriwwerschwappen, fir dass mer do richteg matzäiten ukommen an deenen Dimensiounen, wéi mer wëlles hunn. Also all Respekt.

De Schäfferot an, ech mengen, och de gesamte Gemengerot – dat wäerte mer da gesi bei der Ofstëmmung – stinn zu 100 % hanner Iech. A mir wäerten Iech mat all deene Moyenen, déi mir hunn, ënnerstëtzen, zum Wuel vun de Leit an zum Wuel vum Quartier vun Nidderkuer.

Dat gesot, wëll ech nach op zwou Saachen agoen, ugefaange mam Verkéier. Eng Entlaaschtung fir de Verkéier gëtt et duerch de Contournement vu Käerjeng, deen net wäit do ewech erlaanscht féiert an deen och do eng Zoubrénger erméiglecht. D'autant plus gëtt et d'Collectrice ënnen op der Biff, dat ass och net esou wäit ewech. Soudass mer do kee Réckstau dierfte kréien oder de Verkéier net gutt gereegelt respektiv proportionéiert dierfte kréien.

Déi aner Saach, d'Plus-value, Madamm Pregno, wéi Der gesot hutt, déi gëtt normalerweis net am Compromis de vente erwäänt. Am Acte notarié, selbstverständlech, gëtt déi herno do niddergeschriwwen an dann och vum Schäfferot ënnerschriwwen an Iech da public gemaach, dee Moment wou mer sou wäit sinn.

Dann nach eng aner Saach, wou mer net däerfen entgleisen: Wa mer vu Baumaart schwätzen, dann ass dat net wéi deen däitsche Baumarkt, dee mer alleguer kennen. Dann ass dat ee Baumaart, deen dohinnerkënnt. Net, dass Der mengt, dee vu Mamer, dee géif elo eng Extensioun hei maachen. Dat ass net dat. Et ass am grousse Ganzen vun de Baumäert, de Marché, wou sou Material verkaaft gëtt, dat gëtt domadder ugedeit.

Den Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, léif Projektträger, ech selwer si kee grousse Fan vu Shoppingmallen oder vun deem Modell. Den Här Meisch huet schonn ugedeit, dass dat natierlech ëmmer awer och au détriment vun engem Zentrum geet. Mee ech verstinn awer ganz gutt, dass grouss Deeler vun deem dote Konzept och net esou realisabel sinn an engem Zentrum, och wann ee sech dat gären heiansdo romantesch virstellt, dass een déi nämmlecht Geschäfter op en Zentrum ka verdeelen.

Mee dat Konzept schéngt sech e bëssen imposéiert ze hunn. Et schéngt sech esou imposéiert ze hunn, dass mer zu Lëtzebuerg am Fong op d'Fläch, déi mer hunn, oder op d'Populatioun, déi mer hunn, ze vill Shoppingzentren hunn. Do ass Lëtzebuerg net dat eenzegt Land, dat ass och op anere Plazen an Europa de Fall, Bréissel ënner anerem. Wou där Saachen ëmmer méi gebaut ginn, awer net onbedéngt de Marché ëmmer do ass.

Ech sinn awer elo hei keen Expert vum Marché, ech hu keng Marktanalyse gemaach. Déi Saache si schonn hei an do diskutéiert ginn, wéi wäit de Marché dofir do ass och nach fir Déifferdeng. An et gesäit een et jo e bëssen um Opkorn, mee do iwwerloossen ech Iech de Risiko vum Investment.

Aus Gemengeperspektiv ass et interessant, well et Aarbechtsplaze bréngt, well et verkéierstechnesch op enger interessanter Plaz ass, well et direkt bei der Autobunn ass. Wann ee schonn esou vill op den Auto setzt, an dat mécht ee forcement bei esou engem Konzept, da kann een et bei esou engem Konzept quasi net anescht maachen. An dann ass et an deem Sënn gutt ugeschloss fir dee Verkéier, deen ee vu bausse wëll unzéien.

Well wann een de Geschäftsleit nogelauschtert huet, deen Attraktiounsmoment, deen ee wëll kreéieren, fir d'Leit aus der Belsch an aus Frankräich unzezéien, dann ass et forcement dat, dass een déi mam Auto dohinner drainéiert.

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *souligne le professionnalisme du promoteur, du constructeur et de l'architecte. Un projet de cette envergure impose le respect. Le soutien du collège échevinal est entier. Il reste à voir ce qu'il en est du conseil communal. La commune soutiendra le Niederkorn Mall par tous les moyens.*
*En ce qui concerne le trafic, Guy Altmeisch mentionne le contournement de Bascharage, qui devrait soulager le site. Il rappelle aussi que l'on peut accéder à la collectrice par le Biff. Cela devrait limiter les embouteillages.*
*Normalement, la question de la plus-value en cas de revente du terrain n'est pas résolue dans le compromis de vente, mais dans l'acte notarié. Celui-ci sera rendu public le moment venu.*
*Guy Altmeisch précise par ailleurs qu'il est question d'un magasin de bricolage et non du magasin Baumarkt, qui se trouve à Mamer.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *signale qu'il n'est pas un amateur des centres commerciaux et de ce type de modèles. Monsieur Meisch a expliqué que ce projet sera réalisé au détriment du centre-ville. D'un autre côté, il est évident que ce concept ne peut pas être réalisé dans un centre-ville, même si l'idée est romantique.*
*En tout cas, les centres commerciaux se sont imposés au Luxembourg au point que la surface commerciale est exagérée par rapport à la taille de la population. Luxembourg n'est pas seul. Gary Diderich explique que Bruxelles se trouve dans la même situation. On ouvre des centres commerciaux même si le marché n'existe pas.*
*Bien entendu, Gary Diderich n'est pas un expert. Mais les risques liés à ce type d'investissements se voient avec Opkorn.*
*Pour la commune, le projet est intéressant en raison des nombreuses places de stationnement. De toute façon, compte tenu du concept, c'était inévitable. En plus, le site est bien desservi, ce qui permettra d'attirer des clients de l'extérieur de la ville. Et les clients belges ou français viendront nécessairement en voiture. Mais ils ne passeront pas*

*par Differdange, car l'accès à l'autoroute est à côté.*
*Cependant, le projet n'est pas vraiment durable. Gary Diderich ne comprend pas comment on peut mentionner Net0Cities dans le compromis de vente. L'objectif est d'attirer les automobilistes pour vendre de l'alcool et du tabac. Ce n'est pas dans l'esprit des mesures qu'il faudrait prendre pour réduire les émissions de $CO_2$.*
*Monsieur Muller a souligné l'importance de la mobilité douce pour connecter le quartier voisin.*
*Des places sont-elles prévues pour les vélos ? Y aura-t-il un système de vélos-cargos ? Bien entendu, il faudra voir où en seront les pistes cyclables. En tout cas, la commune devrait mettre en place un système de vélos-cargos pour tous les magasins.*
*Déi Lénk soutient le projet, car il y va de l'intérêt des Differdangeois.*

**MORGAN ENGEL (PIRATES)** *annonce son soutien au projet, qui enrichit l'offre commerciale à Differdange.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *estime que l'endroit choisi est stratégique. En plus, il est question depuis longtemps d'ouvrir un magasin de bricolage à Differdange.*
*Les chrétiens sociaux souhaitent beaucoup de succès à monsieur Tavares. Guy Tempels espère que le projet créera de nombreux postes d'emploi.*

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** *salue ce projet ambitieux. Elle estime que s'il est réalisé conformément à la présentation, il renforcera Differdange.*
*Pour revenir sur la question du trafic, Zenia Charlé rappelle que les clients viendront aussi d'autres villes et que le centre commercial est relié à l'autoroute. En plus, il est facile de se rendre à ce centre commercial en bus ou en Diffbus. Par ailleurs, monsieur Diderich a raison de mentionner le raccordement aux pistes cyclables.*

Mee et drainéiert ee se awer net duerch Déifferdeng. Dat heescht, an deem Sënn ass et fir Déifferdeng elo net esou schlëmm.

Mee et ass keen immens nohaltege Projet. Ech weess och net, firwat am Compromis NetZeroCities steet. Wann ee wëll Autosverkéier fir Tubak a fir Alkohol op Déifferdeng drainéieren, dann huet dat, mengen ech, näischt mat engem europäeschem Geescht a mat CO2-Reduktioun ze dinn. Ausser, dass am Projet selwer, op d'mannst u Photovoltaikanlagen an e Fernwärmenetz geduecht ginn ass.

Den Här Muller hat d'Mobilité douce ugeschwat, dat ass virgesi fir de Quartier, deen niewendrun ass. Dat ass wichteg a wäertvoll. Esou Uschlëss soll een op jidde Fall maachen, wann ee se ka maachen.

Een Uschloss an een Element fir d'Mobilité douce bei deem do Projet, deen elo nach guer net zur Sprooch komm ass, dat ass dee vum Vëlo. Do ass näischt dozou gesot ginn. Si Parkplaze virgesi fir Vëloen? Gëtt et e System fir Cargovëloen, dass d'Leit, déi dohinner akafe kommen, sech ee kënne léinen, domadder hire Blummestack heem bréngen an da vläicht de Vëlo erëm zréckbréngen?

Dat hänkt awer och vun de Vëlospisten of, déi dann dohinner féieren, ob dat méiglech ass. Mee ech mengen, dass dat awer ëmmer méi eng Méiglechkeet ass. Souwisou, Déifferdeng sollt virgesinn, e System Richtung Cargovëloen en place ze setzen, deen net nëmme fir dat Geschäft géif gëllen, mee fir ganz vill aner Geschäfter géif gëllen.

Mir wäerten de Projet esou awer ënnerstëtzen, well en am Interêt ass vun den Déifferdenger Bierger. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. D'Madamm Engel, wannechgelift.

**MORGAN ENGEL (PIRATEN):**

Merci fir d'Wuert. Mir als Piratepartei stëmmen dëse Projet och mat, well mir fannen, dass et effektiv eng Beräicherung fir Déifferdeng wäert ginn. Merci fir d'Wuert.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Engel. Den Här Tempels, wannechgelift.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Ech faasse mech kuerz, mir hunn nach vill um Programm. Ech oder mir denken och, dass dat hei eng strateegesch gutt Plaz ass, wou déi Nidderkuerer Mall ugeduecht ass an och, et ass scho laang driwwer geschwat ginn, dass mer sollen e Baumaart op Déifferdeng kréien, dee scho méi laang e bësse gefrot ginn ass. D'leschte Kéier hat den Här Meisch no fäerdege Projete gefrot. Hei kritt en een.

Mir wënschen dem Här Tavares vill Succès mat deem dote Projet, deen Déifferdeng vill Aarbechtsplaze bréngt an och e Surplus fir Déifferdeng wäert sinn. Mir soe Merci a mir stëmme mat Jo.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Tempels. D'Madamm Charlé, wannechgelift.

**ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Ech wollt e grousse Merci soe fir déi flott Presentatioun an dee wierklech ambitiéisen, awer super Projet. Wann een dat wierklech géif esou ëmgesat kréien, wéi mer dat haut presentéiert kruten, da sinn ech iwwerzeegt, dass dat doten eiser Stad ganz vill hëlleft an och doriwwer eraus.

Et si Bedenke wéinst dem Verkéier ugeschwat ginn, mee et komme jo och Leit vu baussen, an et gëtt do eng Opfaart Richtung Collectrice, soudass ech mer virstelle kann, dass dat ganz gutt kéint

klappen. An och mat engem gudde Bus-Service, Busser déi dohinner géife fueren an och mam Diffbus kann ee kucken, dass deen dohinnerfiert. Och wéi den Här Diderich gesot huet, vélostechnesch, dass een dat och ka gutt ubannen. Wann een dat alles virgesäit, dann, denken ech, dass dat verkéierstechnesch kee Probleem sollt ginn.

Ech begréisse ganz vill, wann ee sech ausrechent, wéi vill Geschäfter do sollen hikommen, an d'Startuppen oder d'Entreprisen, déi dat kéint unzéien, datt een do bestëmmt Richtung 500 Aarbechtsplaze kéint kommen. Dat kann ech ganz staark begréissen, well dat awer eppes ass, d'Aarbechtsplazen, déi aktuell problematesch sinn, respektiv wou mer zu Déifferdeng net immens gutt do stinn.

Dofir denken ech, dass dat en extreem gudde Projet ass. Mir freeën eis, wann dat Ganzt 2027 kéint esou do stoen a mir kéinten do derbäi sinn, wann d'Bändchen duerchgeschnidde gëtt. Villmools merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci. Da geet d'Wuert un den Här Bertinelli, wannechgelift.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech wëll eppes zu de Vëlosweeër soen. Et ass eng ganz berechtegt Fro. D'Ëmgeeungsstrooss tëschent Suessem mat Bascharage, do ass e Vëloswee, eng Vëlospist geplangt. Do kënnt nach eng Strooss bäi, déi op Péiteng erop féiert, wou och d'Vëlospist laanscht fiert. Dat gesot, dat ass och scho matageplangt.

Dat eenzegt, wat den Här Diderich gesot huet, dat weess ech och net, wou ech déi elo hierkréien, dat sinn déi Vëloen, wou een déi Saachen aus dem Baumaart kann heem féieren. Doriwwer muss ech mech nach informéieren oder et muss ee mam Baumarkt schwätzen ob hien der op senger Vëlosverbindung ka stoen hunn. Souwäit hate mer nach net geduecht.

Mee ech wëll virun allem Iech hei als Promoteur Merci soen. Et war rieds vu 500 bis 600 Leit, déi dohi solle schaffe kommen. Mir hunn all déi Froe gestallt, déi mer ëmmer gestallt hunn: Kënne mir als Gemeng matschwätzen, wa Leit agestallt ginn? Datt do och en Deel vun Déifferdenger Leit agestallt ginn? Do hutt Der direkt Jo gesot. An dat freet eis enorm.sSou wéi mer dat deemools mam Auchan gemaach hunn, datt ganz vill Leit och vun Déifferdeng agestallt gi sinn. Dat ass och nämlech wichteg fir eis. Dat sinn Aarbechtsplazen, déi mir onbedéngt an eiser Stad brauchen. An duerfir nach eng Kéier vu menger Säit villmools merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Bertinelli. Wann et keng Wuertmeldung méi dozou gëtt, komme mer zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le compromis de vente avec des conditions résolutoires portant sur des parcelles au lieudit Zwischen-Lauterbännen d'une contenance totale de 125,87 a à Niederkorn dans le cadre du projet Niederkorn Mall.*

Ech soen Iech Merci. Dir kënnt gären heibleiwen, se ass jo public eis Versammlung. Mir kommen elo zum Punkt 3, de Gemengefinanzen, der Presentatioun vum Budget rectifié 2023 an dem Budget 2024.

Mir wëllen Iech net weider ophalen. Mir hu jo d'Datumen héieren, net dass Der op eemol wéinst eis an de Retard kommt. Dat wëlle mer jo net.

Merci fir d'Hëllefe vum Amenagement vum Sall. Ech fannen et och ganz flott, wann een d'Kolleege vun der Press gesäit. Wann ee se an d'Gesiicht kuckt, gesäit een awer besser hir Reaktiounen op eis Gespréicher, dat ass vill méi flott an och vill méi informativ.

Da wiere mer beim Punkt, deen ech annoncéiert hunn, dem Punkt 3 vum Ordre du jour. Ier ech méi genee op d'Zuele vum Budget rectifié 2023 an dem Budget initial 2024 aginn, erlaabt mer op e puer Punkten anzegoen, déi

*Le centre commercial devrait accueillir des jeunes pousses, des entreprises et des magasins. En tout, on s'attend à quelque 500 emplois. C'est une bonne chose pour Differdange.*
*Les socialistes sont impatients de pouvoir inaugurer le projet en 2027.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *revient sur la question pertinente des vélos. Des pistes cyclables sont prévues du côté de Sanem, Bascharage et Pétange.*
*Monsieur Diderich a mentionné des vélos-cargos pour rapporter les emplettes à la maison. Fred Bertinelli devra se renseigner, car il n'est pas au courant de ce système.*
*Il remercie le promoteur. En effet, il est question de 500 ou 600 emplois. Le collège échevinal a demandé au promoteur s'il était possible de privilégier les Differdangeois et il a répondu que oui. C'est une bonne chose. Differdange a besoin d'emplois.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *précise aux invités qu'ils peuvent rester s'ils le souhaitent, la séance du conseil communal étant publique. Il va être question du budget.*
*D'un autre côté, Guy Altmeisch ne voudrait pas que le projet prenne du retard à cause du conseil communal.*
*(Discussions)*
*Guy Altmeisch se réjouit aussi de la présence de la presse.*
*Le bourgmestre passe au budget rectifié 2023 et au budget initial 2024.*

*Il mentionne les guerres, les crises humanitaires et les violences commises par les gangs partout dans le monde. Tout cela a des conséquences sur l'économie mondiale. L'explosion des prix et la stagnation économique en sont des conséquences. C'est notamment le cas de l'énergie, des matières premières, des aliments, des matériaux de construction…*
*À titre d'exemple, les transactions immobilières au Luxembourg ont chuté de 45 % au deuxième semestre de 2023 contre 25 % en moyenne en Europe. Les secteurs de la construction et de la restauration rencontrent des difficultés. Les faillites ont augmenté de 25 % au premier semestre de 2023. Le chômage se situe à 5,6 % et la tendance est à la hausse.*
*L'impôt commercial a baissé de 25 % entre le premier et le troisième trimestre de 2023, ce qui pourrait entrainer une diminution de la dotation de l'État.*
*Les prix des matériaux de construction connaissent une hausse de 20 % à 30 %.*
*L'électricité a augmenté de 200 %. Avant la crise, la commune payait 52 €/mW. En 2023, le prix a grimpé à 450 €/mW. Actuellement, il est redescendu à 144 €/mW.*
*Les chaines d'approvisionnement du gaz ont implosé avant de se normaliser. Malheureusement, le conflit au Proche-Orient a entrainé une augmentation du prix de 13,8 %.*
*Le marché du pétrole s'est calmé. Mais le prix des aliments est en hausse.*
*Il est évident que cette situation a des conséquences sur les finances communales. En janvier 2023, l'inflation se situait à 4,8 %. L'année se clôturera par une moyenne de 3,2 %. Pour lutter contre l'inflation, les taux d'intérêt ont grimpé à 4,07 % en novembre. C'est ce qui explique que le marché de la construction s'écroule. En effet, les prêts coutent cher et les gens consomment moins. Les plus démunis doivent recourir à l'aide sociale.*
*À cause des taux d'intérêt élevés, les gens préfèrent faire des économies au lieu d'investir, ce qui ralentit la croissance économique.*

verantwortlech si fir déi global Finanzsituatioun vun eisem Land an deemno och fir eis Gemeng.

Iwwerall op der Welt gëtt et Kricher, Konflikter, humanitär Krisen, Ëmwelt- a Klimakatastrophen a Bandegewalt. Dës schrecklech Situatioune suerge fir eng enorm Nervositéit vun der Weltwirtschaftslag. Den Handel op de Liewensmëttel, Geld- an Energiebourssen ass super empfindlech a reagéiert op all kleng Onrouen.

Mat der Folleg, dass an der Ekonomie d'Präisser explodéieren an de Wirtschaftswuesstem stagnéiert. D'Energiepräisser, d'Matière-premièren an d'Liewensmëttelpräisser sinn an d'Luucht geschoss. D'Material um Bau war net verfügbar, wéi et gebraucht ginn ass, d'Präisser sinn explodéiert. D'Follgen erliewe mer um Immobiliemarché, wou am zweete Semester 2023 eng Chute zu Lëtzebuerg vun den Transactions aux logement vu 45 % festgestallt gouf, am Verglach zu 25 % am Duerchschnëtt an Europa.

D'Betriber a ville Secteuren, virun allem an der Konstruktioun an am HorCca-Beräich, kommen un d'Struewelen.

Mir stellen eng Augmentatioun vun de Faillitten ëm 25 % am éischte Semester 2023 fest. Dat dreift de Chômage an d'Luucht, aktuell bei 5,6 % an d'Tendenz weider steigend.

Dobäi kënnt nach eng Chute vu 25 % vun der Gewerbesteier, tëschent dem éischten an dem drëtten Trimester 2023. Dës kéint e Risiko an eiser Dotatioun vum Staat duerstellen, déi sech am Worst-Case-Zenario no ënne kéint ajustéieren.

Fir d'Privatleit an d'Gemenge sinn d'Hausse vun 20 % bis 30 % beim Verrechne vun der Bausubstanz leider den Alldag. Am Elektreschen hate mir mat Momenter eng Hausse vun no bei 200 %. Virun der Energiekris hu mir als Staat op der Bourse d'Elektresch fir 52 Euro de Megawatt akaaft. Dëse Präis ass 2023 op 450 Euro de Megawatt geklommen, fir sech dann elo fir 2024 bei 144 Euro de Megawatt anzependelen an esou e bëssi den Drock vun eisen Energiekäschten ewechhuelen.

De Gas, dee jo opgrond vum Zesummebrieche vun de Supply Chains explodéiert ass, a sech lues a lues erëm an een normalen Niveau agependelt huet, ass zënter dem Noostkonflikt erëm um Klammen a befënnt sech haut, Marchésstand vum 27. November, bei engem Plus vun 13,8 % op déi lescht sechs Méint.

Waren d'Präisser vum Pëtrol bis Oktober nach an der Hausse, sou huet sech de Maart vun haut liicht berouegt. Dogéint konnten d'Liewensmëttel hir Präisser net halen an hu sech no uewen orientéiert.

Am Verglach zum Virjoer hu mir 2023 eng Hausse vun 13 % gehat. National a logescherweis och kommunal entsteet doduerch eng Finanzsituatioun, déi net beaflosst ka ginn.

Am Januar 2023 hate mir eng Inflatioun vu 4,8 %. Dëst Joer wäerte mer mat enger Moyenne vun 3,20 % ofschléissen. Dëser héijer Inflatioun gëtt mat der Hëllef vu steigenden Zënsen um Geldmaart entgéintgewierkt. Am November louchen d'Zënse bei 4,07 % ouni d'Margen um Taux anzerechnen.

Eng vun de Follgen ass déi fatal Entwécklung am Bausecteur.

Deiert Geld muss geléint ginn, fir sech een Daach iwwert dem Kapp leeschten ze kënnen. Zënse vu wäit iwwer 4 % sinn am Bausecteur den Alldag. Wat eng schlecht Stëmmung vun eise Konsumenten zur Folleg huet. Vill Leit falen a finanzielle Misär a mussen op Hëllef zréckgräifen.

Déi héich Zënstauxen dreift d'Leit dozou, hir Suen ze spueren an net méi fir de Konsum oder en Invest anzesetzen, wat natierlech déi wirtschaftlech Entwécklung ausbremst.

Dës Situatioun hat als Folleg, dass mer dräi Indextranchen zu 2,5 % am Joer 2023 erlieft hunn. De Konsument konnt d'Präisentwécklung heimat deelweis opfänken. Fir d'Betriber huet sech de Käschtepunkt awer leider verschäerft.

Fir d'Gemengefinanzen hunn déi dräi Indextranche plus d'Erhéijung vum Punktwäert ëm 1,9 % op den 1. Januar

2024 an d'Erhéijung vun der Part patronale fir d'Beamtepensiounskeess vu 7,8 % bedeit, dass d'Personalkäschten ëm ronn 15,3 % steigen. Mir haten 2022, virun der Kris, eng ronn 54,9 Milliounen Euro Personalkäschten. Déi klammen elo 2023 op 63,5 Milliounen Euro an 2024 nach eng Kéier op 68,6 Milliounen Euro.

Dëst entsprécht enger Augmentatioun vun 2022 op 2023 vu 15,7 % an dann nach eng Kéier 8 % vun 2023 op 2024.

D'Personalkäschte maache 50,5 % vun eise Betribskäschten aus. Mir zielen haut iwwregens zirka 800 Salariéen, déi fir eis Gemeng schaffen.

Dës virgenannten Ëmstänn sinn och eng enorm Belaaschtung fir déi national Ekonomie. Eisen Aarbechtsmaart steet viru groussen Erausfuerderungen. Firwat dësen Ausfluch an d'Makroekonomie? Ech sinn der Meenung, dass dës Erklärunge vun de wirtschaftlechen Zesummenhäng an d'Verhale vu verschiddene Secteure muss kloer sinn, ier mer kënnen eng fair an oppen Diskussioun iwwer eise Budget féieren.

Virsiicht a Virausdenken ass an der Opstellung vum Budget onbedéngt erfuerdert, fir eng ausgeglachen Zukunft ze garantéieren. Dëse Schäfferot ass sech deem zu honnert Prozent bewosst.

Et géif ze wäit féieren, wann ech an den Detail vum Budget géif agoen. Dofir erlaabt mer, bei de grousse Linnen ze bleiwen an d'Tendenzen ze erklären.

D'Schéier tëschent de Recetten, am Schnëtt eng Augmentatioun iwwert déi nächst Jore vu ronn 3,3 %, an den Depensen, am Schnëtt eng Augmentatioun vu ronn 5,4 % iwwert déi nächst Joren am ordinären Exercice, geet zou. An eisen ordinären Iwwerschoss hëlt of.

Hate mer 2022 nach mat engem ordinären Iwwerschoss vun 48,05 Milliounen Euro ofgeschloss, sou fält dësen duerch déi genannten Ursaachen 2023 viraussiichtlech op 36,37 Milliounen Euro an 2024 weider op 31,19 Milliounen Euro erof.

An anere Wierder: Mir verléieren an eisem Boni ordinaire iwwert déi lescht zwee Exercicer eng ronn 17 Milliounen Euro, déi mir als eege Mëttelen net méi zur Deckung vum Nettoinvest zur Verfügung hunn.

Spréch am ordinären Exercice 2024 kréie mer den Nettoimpakt vun den Investissementer net méi mat eisen eegene Mëttele gestemmt. Aus dëser Ursaach hu mir am Budget 2024 en Emprunt d'équilibrage vu 26 Milliounen Euro agesat, fir dass eise Budget um Stand vun haut equilibréiert ass.

D'Annuitéit mécht op 2025 eng ronn 2,5 Milliounen Euro d'Joer aus.

Fir 2023 gouf en Emprunt vun 13 Milliounen Euro comptabiliséiert a schléit esou 2024 mat 1,4 Milliounen Euro zu Buch. Dës Emprunte musse mir maachen, fir all eis Projeten, déi am Bau sinn, kënne fäerdegzestellen. Et sinn dës: d'Sportshal zu Uewerkuer, d'Schoul um Bock, de CID zu Nidderkuer, d'Renovatioun vun der Schoul zu Nidderkuer.

Nei Projeten dränge sech op, bedéngt duerch eise Wuesstem: eng nei Schoul fir den Déifferdenger Zentrum bauen, an deenen aneren Uertschafte Schoule plangen. Eist Gemengenhaus muss un eis Awunnerzuel an un d'Effektiver ugepasst ginn.

Dréngend muss d'oppe Schwämm zu Uewerkuer renovéiert ginn. Och Renovatiounen am Stroossebau an op eise Fussballstadione sinn néideg. Dës sinn nëmmen e puer Opzielungen. Déi jeeweileg Schäffe wäerten Iech de finanziellen Detail vun hirem Ressort liwweren.

Als Iwwerschoss am ordinäre Budget rectifié 2023 sti 36 Milliounen Euro. Dobäi kënnt e Boni aus dem Compte annuel vun 2022 vu 4,7 Milliounen Euro, wat insgesamt e Report vu ronn 41 Milliounen Euro ausmécht, déi mir am Budget extraordinär kënnen investéieren.

De Bruttoinvest bedréit 119,4 Milliounen Euro. Deem stinn 61,3 Milliounen Euro als Subside géintiwwer, soudass mir um Stand vun haut fir 2023 en Nettoimpakt vun eisen Investissementer vun 58,09 Milliounen Euro droe mussen. Dat erkläert de budgetiséierten Emprunt vun 13 Milliounen Euro.

*En 2023, trois tranches d'indice de vie chère sont tombées. C'est ce qui a permis aux consommateurs de faire face à l'augmentation des prix. Mais pour les entreprises, la situation a empiré. Pour la Ville de Differdange, cela a entrainé une croissance des frais de personnel de 15,3 %. Ces frais s'élevaient à 54,9 millions d'euros en 2022, à 63,5 millions d'euros en 2023 et à 68,9 millions d'euros en 2024.*
*Les frais de personnel représentent 50,5 % des dépenses ordinaires. Differdange compte 800 salariés.*
*L'économie nationale souffre aussi des mauvaises conditions.*
*Guy Altmeisch tenait à mentionner la situation macroéconomique avant de lancer les débats sur le budget.*
*Pour garantir l'équilibre budgétaire, il faudra se montrer prudents. Au cours des prochaines années, les recettes devraient augmenter de 3,3 % et les dépenses de 5,4 %. La fourchette se rétrécit et l'excédent ordinaire diminue. En 2022, il se montait à 48,05 millions d'euros; en 2023, il est de 36,37 millions d'euros; en 2024, il devrait tomber à 31,19 millions d'euros. Cela représente une diminution de 17 millions d'euros en 2 ans.*
*Cela signifie que la Ville de Differdange ne pourra pas financer ses investissements seule en 2024. Un emprunt d'équilibrage de 26 millions d'euros est prévu. Les annuités se montent à 2,5 millions d'euros en 2025. L'emprunt de 2013 s'élevait à 13 millions d'euros et représente 1,4 million d'euros en 2024.*
*Guy Altmeisch explique que ces emprunts sont nécessaires pour pouvoir terminer les projets en cours: le centre sportif d'Oberkorn, l'école du Bock, le CID de Niederkorn et la rénovation de l'école de Niederkorn. La réalisation de nouveaux projets est également nécessaire comme de nouvelles écoles ou l'agrandissement de l'hôtel de ville. La piscine en plein air d'Oberkorn doit être rénovée tout comme le stade de football et diverses rues.*
*L'excédent ordinaire de 2023 s'élève à 36 millions d'euros. S'y ajoute un excédent de 2022 à hauteur de 4,7 millions d'euros. Cela*

*représente 41 millions d'euros à investir dans le budget extraordinaire. Les investissements bruts se montent à 119,4 millions d'euros et les subsides à 61,3 millions d'euros. Restent donc 58,09 millions d'euros, ce qui explique l'emprunt de 13 millions d'euros.*

*Parmi les investissements de 2023 figurent le CID (23,2 millions d'euros), l'EIDE (12,24 millions d'euros), le commissariat (10,25 millions d'euros) et le centre sportif John-Scheuren (9,9 millions d'euros). Parmi les recettes extraordinaires figurent les reventes et les subsides liés à Gravity pour 24,23 millions d'euros.*

*En ce qui concerne le budget 2024, les recettes ordinaires sont estimées à 167 millions d'euros — une augmentation de 2 % par rapport à 2023. La dotation de l'État représente 67 % de ces recettes.*

*Les dépenses ordinaires s'élèvent à 125,4 millions d'euros sans annuités et à 135,8 millions d'euros avec les annuités — c'est-à-dire une augmentation de 6,3 % par rapport à 2023. L'excédent est estimé à 31 millions d'euros. Guy Altmeisch mentionne les frais de personnel en augmentation, l'explosion des prix de l'énergie, la maintenance des bâtiments publics…*

*Le budget 2024 prévoit des investissements de 112,8 millions d'euros et le remboursement anticipé de divers crédits à hauteur de 55 millions d'euros pour un total de 167,7 millions d'euros. Guy Altmeisch mentionne le CID (trente-millions d'euros), le logement abordable (dix-millions d'euros), l'école du Bock (neuf-millions d'euros) et le complexe sportif John-Scheuren (neuf-millions d'euros).*

*Les recettes extraordinaires sont estimées à 141,8 millions d'euros, dont des subsides pour 60,87 millions d'euros, un emprunt de 26 millions d'euros et le remboursement de préfinancements de 55 millions d'euros.*

*Guy Altmeisch passe à ses autres ressorts : l'informatique, la sécurité et les syndicats. Le service informatique.*

*La commune s'est lancée sur la voie du numérique. Le service informatique développe des solutions et crée des programmes spécifique-*

2023 gëtt de Bruttoinvest dominéiert vum neie CID mat 23,2 Milliounen Euro, der EIDE, déi Part vun der Primärschoul, mat 12,24 Milliounen Euro, dem Policegebai mat 10,25 Milliounen Euro an dem Centre sportif John Scheuren mat 9,9 Milliounen Euro.

An de Recetten am Extraordinär schloe virun allem d'Revente an d'Subsiden am Kader vum Gravity zu Buch mat 24,23 Milliounen Euro.

Elo zum Budget initial 2024. Am Budget initial 2024 hu mir an de Recettes ordinaires e Gesamtvolume vun 167 Milliounen Euro. Wat u sech eng Augmentatioun vu ronn 2 % par rapport zum Budget rectifié vun 2023 ass.

Et muss een awer ënnersträichen, dass vun deenen 167 Milliounen Ordinär eng ronn 67 % vun enger Dotatioun vum Staat kommen. Dat sinn 112 Millioune fir d'Stad Déifferdeng, laut Circulaire ministérielle, fir esou eis lafend Fonctionnementskäschten ze decken an eis legal Missiounen ze garantéieren.

D'Dépenses ordinaires belafe sech op 125,4 Milliounen Euro ouni eis Finanzausgaben. Duerch déi 26 Milliounen Emprunt d'équilibrage hu mir elo fir 2024 missen eng hallef Annuitéit virgesinn, soudass eis Finanzausgaben op 10,4 Milliounen Euro klammen am Exercice 2024.

Domadder sinn eis Gesamtdepensen am Ordinär eng 135,8 Milliounen Euro, eng Augmentatioun vu 6,3 % par rapport zum Budget rectifié 2023. Dat ergëtt e Boni vu ronn 31 Milliounen Euro, déi mir op den Extraordinär iwwerdroe kënnen.

Déi Baisse vun den Eegemëttelen ergëtt sech, wéi schonns e puermol erwäänt, aus gestigene Personalkäschten, Energiepräisser, déi explodéiert sinn – ech denken u Gas a Stroum –, d'Deierecht am Ënnerhalt vun eise Gebaier a ville Matière-premièren an esou weider.

Am Exercice 2024 hu mir e geplangte Bruttoinvest vun 112,8 Milliounen Euro an en antizipéierte Remboursement vun eise Kreditter am Kader vun der EIDE, dem Polizeigebai an Héicht vu 55 Milliounen Euro. Wat eng Gesamtdepense am Extraordinär vun 167,7 Milliounen ergëtt.

Zu de gréisste Bruttoinvestissementer 2024 gehéieren, ënner anerem, de CID mat 30 Milliounen Euro, d'Acquisitiounen am Kader vum Logement abordable vun zéng Milliounen Euro, de Campus scolaire Bockschoul mat néng Milliounen Euro an de Sportkomplex John Scheuren mat néng Milliounen Euro.

An de Recettes extraordinaires hu mir 141,8 Milliounen Euro astoen, sachant dass dovunner just 60,87 Milliounen Euro tatsächlech affektéiert Subside sinn a Venten. Eng 26 Milliounen Euro am budgetiséierten Emprunt an eng 55 Milliounen Euro als duebel Buchféierung zu den Depensë wär dann d'Cessioun vum Policegebai souwéi d'EIDE un de Staat.

Bei de 60,87 Milliounen Euro Subsiden, Venten etc. maachen d'Vente de terrains 8,8 Milliounen aus, d'Subside Karro sti mat 8,2 Milliounen Euro an oder nach e Subsid fir d'Bockschoul mat véier Milliounen Euro an nach e Subsid fir de Centre sportif John Scheuren mat 3,5 Milliounen Euro.

En Nettoimpakt vun 51,95 Milliounen Euro bei den Investissementer steet op aktuell Eegemëttelen 2024 an Héicht vu 27,2 Milliounen Euro.

31 Milliounen Euro 2024, 3,8 Milliounen 2023. Dëst erklärt dann och de budgetiséierten Emprunt vu 26 Milliounen.

Ech wéilt nach kuerz op meng weider Ressorten agoen: Service informatique, Sécherheet a verschidde Syndikater.

Eist Gemengenhäerz schléit fir déi digital Zukunft. Eise Service informatique entwéckelt Léisungen a produzéiert Programmer, déi exakt zu eisen Ufuerderunge passen an den Alldag fir eis Schoulkanner, eis Bierger, eist Léierpersonal an eis Beamte verbesseren.

Dës rasant Entwécklung spuert Zäit a revolutionéiert d'Zesummenaarbecht. Mir beweegen eis mat grousse Schrëtt Richtung Digitaliséierung vun de kommunalen Déngschter. Méi Formulairen online, méi Informatioun an Hëllef iwwer Internet.

Och eise Kanner kënnt dës Entwécklung zegutt. Si sollen esou fréi wéi méiglech an eise Primärschoulen esou enger Formatioun begéinen. An de Schoule muss dem Personal den Ëmgang an d'Manipulatioun mat dem Informatikmaterial vereinfacht ginn. All eis Schoule sollen no an no mat Laptoppen ausgerüst ginn.

Och am Beräich Sécherheet gëtt eise Service informatique mat neien Ufuerderunge konfrontéiert. Iwwerwaachunge vun eise Gebaier, Parken a Schoule gëtt weider staark gefuerdert. Och ginn am ëffentleche Raum Foussgängerkameraen agesat, ee mega Schratt no vir a Relatioun mam Sécherheetsgefill vun eise Bierger.

De CID muss 2024 nei ageriicht ginn. D'Material an d'Software kaschten no bei enger Millioun.

Erneierunge vun Informatikleitungen, Ersetze vun alem Material, de Kontrakt mam SIGI sinn e grousse Poste fir de Service informatique. Dofir stinn 2,4 Milliounen Euro zur Verfügung.

Am Virfeld hunn ech Iech vun der Augmentatioun vun de Personalkäschte geschwat, dës Entwécklung schount och de Budget vum CGDIS a vum T.I.C.E. net.

Am Budget 2024 sinn 160.000 Euro méi fir eis Rettungsdéngschter virgesinn. Am T.I.C.E. komme mir vun 3,2 Milliounen op 5,4 Milliounen also ronn 2,2 Millioune méi. Dozou muss ech awer Follgendes erklären.

Den T.I.C.E. hat eng Konventioun mam Staat. An dësem Schreiwes war genau festgeluecht, wéi vill Geld vum Ministère investéiert gëtt, fir den Transport public am Süden ze garantéieren. Dës Konventioun ass am Joer 2023 gekënnegt ginn. Eng nei Konventioun ass dobäi, verhandelt ze ginn.

Och hu verschidden aner Fakten zu dëser Verdeierung gefuerdert. Mat 500 Leit maachen d'Personalkäschten e groussen Deel vun dësen Depensen aus. D'Ëmstellung op emissiounsfräi Bussen ab 2035 kascht enorm Geld. Elektro- a Waasserstoffbusse sinn am Gespréich, deelweis ukaf a befanne sech an der Testphas. De Véirelstonnentakt soll bäibehale ginn op deenen Haaptlinnen.

Et steet awer och eng genau Analys vun de Fuerpläng vum RGTR, dem T.I.C.E. an de Gemengebussen um Programm. Et muss eng Optimiséierung a firwat net eng Diversifikatioun mat neien ëffentlechen Déngschtleeschtunge vun dëse Servicer kommen.

Nach beweisen dës Zuelen et net, mee déi Zäit, déi de Schäfferot investéiert huet, fir erëm nei Aarbechtsplazen op Déifferdeng ze kréien, ass ganz wichteg. Ee vun dëse ganz interessante Projeten hu mir jo elo als Virgab vun eisem Gemengerot presentéiert kritt. An ech kann Iech soen, d'Lëscht vun de Gedanken a vun den Investissementer wäert an deenen nächste Joren net ofräissen.

Ech kommen elo sou lues zum Schluss vu menger Budgetsried. All meng genannten Zuele fannt Dir am Libellé vun eisem Budgetsdokument zréck. Dës Zuele sinn haut gëlteg. Mir wëssen awer net wéi laang, méiglecherweis a sechs Méint wäerte se änneren.

Schrumpfend Energiemëttelen, kaum Reserven an e schwéiere Cashflow erfuerderen déi Virsiicht haut, fir dass mir muer weider reagéieren an iwwerhaapt nach agéiere kënnen, wann d'Situatioun et erfuerdert.

Rechent een d'Virfinanzéierung vum Polizeigebai, der École internationale Déifferdeng an et berécksiichtegt een eis nei Scholden, dann hätte mir e Scholdestand 2023 vun 59,86 Milliounen Euro, deen 2024 dann op 81,83 Milliounen Euro klamme géif. Dat wär fir 2023 eng Pro-Kapp-Verschëldung vun 2.030 Euro an 2024 géif déi da klammen op 2.673 Euro. Domat leie mir weiderhin am ënneschte Mëttelfeld am Verglach zu anere Gemengen.

Dëse virsiichtege Budget erlaabt eis weider Investitiounen zum Wuel vun all eisen Awunner. Nei Investitioune musse mir virop méi kritesch ugoen, eis selwer strikt Finanzenveloppe setzen a gegeebenefalls Verhandlungsverfaren a gréissere Projeten ustriewen.

Déifferdeng brauch als Regionalzentrum hei am Kordall weider innovativ a couragéiert Visiounen. Mir musse kontinuéierlech an de Logement abordable investéieren. Dozou gehéieren och Studentewunnengen. D'Lunex zielt

*ment adaptés aux besoins des services communaux. Ces développements facilitent la collaboration. De plus en plus de formulaires sont disponibles en ligne et de plus en plus d'informations se trouvent sur internet.*
*À l'école, les enfants doivent se familiariser avec le matériel informatique. Toutes les écoles disposeront petit à petit de laptops.*
*Le service informatique est aussi actif dans le domaine de la sécurité — notamment à travers la surveillance de bâtiments, parcs et écoles. L'installation de caméras est prévue.*
*Le matériel et les applications pour le CID coutent près d'un-million d'euros. D'autres dépenses concernent des frais de modernisation et le contrat avec SIGI.*
*Les frais destinés aux syndicats augmentent en 2024 : 160 000 € de plus pour le CGDIS et 2,2 millions de plus pour le TICE. La convention entre le TICE et l'État est arrivée à échéance en 2023, ce qui explique l'augmentation. En outre, le TICE compte 500 employés. Le syndicat doit passer à des bus 0 émission à partir de 2035.*
*Il est prévu d'analyser en détail les trajets du RGTR, du TICE et des bus communaux afin de les optimiser.*
*Le collège échevinal a de nombreuses idées pour créer des emplois à Differdange. Un projet a été présenté au conseil communal tout à l'heure, mais d'autres investissements sont prévus au cours des prochaines années.*
*Tous les chiffres que Guy Altmeisch a cités figurent dans le dossier des conseillers communaux. Ces chiffres sont valables aujourd'hui, mais ils évolueront peut-être au cours des prochains mois.*
*La commune doit se montrer prudente aujourd'hui pour pouvoir agir demain. L'endettement devrait passer de 59,86 millions d'euros en 2023 à 81,83 millions d'euros en 2024. La dette par tête d'habitant s'élèverait donc à 2673 €, ce qui reste raisonnable.*
*Un budget prudent permet de réaliser les investissements nécessaires pour tous les habitants. La commune devra fixer des enveloppes budgétaires strictes et lancer des*

*appels à candidature pour les grands projets.*
*En tant que centre régional, Differdange a besoin de visions courageuses. La Ville doit continuer à investir dans le logement abordable et les studios pour étudiants. LUNEX, par exemple, compte mille étudiants sur son site.*
*La commune doit créer des emplois. Le centre-ville doit être assaini. Les activités quotidiennes doivent reprendre. Les nouveaux lycées et les universités ont un rôle à jouer dans ce contexte.*
*Le collège échevinal réfléchit à l'agrandissement d'Aquasud avec un centre de thérapie. D'une manière générale, il faut investir dans la santé, l'exercice et le sport.*
*Differdange est la seule ville luxembourgeoise à faire partie du programme Net0Cities. Un groupe de travail est chargé de développer des concepts durables, Guy Altmeisch mentionne un projet de géothermie dans le Parc-des-Sports. Il se réjouit du projet de l'État visant à financer des installations photovoltaïques sur les habitations en gestion sociale locative. Differdange sera en première ligne avec l'AIS Kordall.*
*Le collège échevinal va maintenir le montant de l'allocation de vie chère et fera de la création d'emplois une priorité.*
*Guy Altmeisch remercie les services communaux et en particulier Carole Friedrich, Romaine Regenwetter, Max Felten, Henri Krecké et Jean-François Leblond pour leur savoir-faire et leur patience.*

**TOM ULVELING (CSV)** *constate que ficeler le budget 2024 n'a pas été facile. La dotation de l'État stagne, les frais de personnel augmentent et le secteur de la construction est en crise.*
*La fourchette entre les recettes et les dépenses s'élargit. Chaque année, les frais de fonctionnement augmentent de 5,4 % contre 3,3 % pour les dépenses. L'excédent a fortement baissé entre 2022 et 2024. La chute de la dotation en 2022 n'a pas encore été compensée.*
*Tom Ulveling rappelle aussi que la commune a dû préfinancer des projets nationaux comme le commissariat ou l'EIDE à hauteur de 11 millions d'euros.*

zum Beispill, Stand haut, iwwer 1.000 Studenten op hirem Site.

Mir mussen zousätzlech lokal Aarbechtsplaze schafen, do besteet nach wie vor akuten Nachholbedarf.

Eise Stadkär muss progressiv sanéiert ginn an nees zur gewënschter Openthaltsqualitéit fannen. D'Dagesaktivitéite musse progressiv klammen, fir esou eise lokale Kreeslaf nees ze stäerken. Heizou droen och eis nei Lycéeën an eis Uni-Sitte bäi.

Mir denken dobäi, ënner anerem, un een Ausbau vum Aquasud mat engem Therapiezenter. Och gëllt et, fir Jonk an Al weider an d'Gesondheet, d'Beweegung, Sport a Fräizäit ze investéieren.

Ofschléissend nach e puer Wuert zu eiser Sozial- a Klimapolitik. Als eenzege Lëtzebuerger Ambassadeur um europäeschen NetZeroCities-Programm, dëst als kleng Stad, op Aenhéicht mat, fir nëmme si ze nennen, Paräis, München oder Madrid, schafft eisen Aarbechtsgrupp behäerzt un neie klimaneutrale Konzepter. Woubäi beispillsweis e Geothermie-Projet am Parc des Sports schonn als subventionabele Projet vu Bréissel zréckbehale gouf. Am Joer 2024 wäerte mir Iech progressiv weider konkreet Projeten opdëschen.

Mat grousser Freed hëlt eise Schäfferot Kenntnis vum Projet de loi, fir Photovoltaik op GLS-Wunnengen vum Staat ze finanzéieren. En éischte gudde Schrëtt, deen nach weider op Famillje mat geréngem Akommes ausdeenbar wäert sinn.

D'Stad Déifferdeng wäert do an éischter Linn mat dobäi sinn a senger Roll als AISK-Initiator gerecht ginn.

Och hale mir, trotz wirtschaftlech nationaler Schiflag, un eisem jëtzege Montant a punkto Allocation de solidarité weider a kloer fest a setzen eis intensiv fir nei Aarbechtsplazen am Raum Déifferdeng an.

Ofschléissend geet mengersäits ee grousse Merci un all déi Responsabel vun de Servicer an hir Mataarbechter. E ganz spezielle Merci un d'Carole Friedrich, d'Romaine Regenwetter, de Max Felten, den Henri Krecké an de Jean-François Leblond, déi an dëser schwiereger Aufgab vill Gedold a Fachkenntnis bewisen hunn an eis ëmmer zur Säit stoungen. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Ech géif d'Wuert viruginn un den Här Ulveling.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, no där exhaustiver Virstellung vun dem makroekonomeschen Zoustand vun eisem Land, deen am Fong op d'Probleemer higewisen huet, déi mer an der Opstellung vun dësem Budget haten, muss ech soen, et war sécher net einfach, dëse Budget ze ficeléieren.

D'Zouwendung vum Staat geet net erop. Mer hu véier Milliounen Euro méi Personalkäschten duerch Indextranchen an Zousätz vun de Pensiounskeesen. An der Baubranche eng Kris, där et heescht entgéintzewierken.

A munchem Budget, dat huet de Buergermeeschter scho gesot, geet d'Schéier tëschent de Recetten an den Ausgaben ëmmer méi wäit auserneen. Eis Frais de fonctionnement klamme pro Joer ëm 5,4 %, d'Recetten awer nëmmen ëm 3,3 %, soudass den ordinären Iwwerschoss vun 2022 op 2024 staark gefall ass, wat bedeit, dass déi Suen, déi mer brauche fir ze investéieren, net méi an deem Mooss do wäerte sinn.

Fakt ass, dass mer en Abroch haten 2022 an der Dotatioun, déi mer bis dato an der gewinnter Progressioun vun de Jore virdrun nëmmen zum Deel kënnen opfänken oder kompenséieren.

Fakt ass, dass mer bei eise Projeten, déi mer fir de Staat gebaut hunn, wéi d'Polizeigebai an d'EIDE, och Suen aus eisem Portmonni virgestreckt hunn, fir se kënne fäerdeg ze maachen. Dat waren 11 Milliounen Euro. Dofir gesäit et dann am Rectifié manner gutt aus, wéi et a Wierklechkeet ass, well mer déi Sue jo awer zréckkréien.

Zousätzlech hu mer de Probleem vun Inflatioun, Indextranchen a luesem Wuesstem, wat net zur Verbesserung vun der Situatioun bäidréit.

Wa mer weider Investissementer maache wëllen, da musse mer léine goen, well och an der jëtzeger staatlecher a finanzieller Situatioun vu Chômage, Faillitte et unzehuelen ass, dass den Impôt commercial net weider klëmmt a well mer keng Reserve méi hunn als Gemeng.

Mir hunn awer decidéiert, verschidde Projeten ze starten, well mer eis erhoffen, dass d'Baupräisser vläicht elo méi bëlleg sinn, wann d'Demande kleng ass a well mer mussen investéieren a Schoulen an a Logement.

Dir gesitt, dëse Schäfferot investéiert weiderhin an de Logement. Vun alle Säiten ass dat hei ëmmer gefuerdert ginn, a wat de Staat mat enger Zouwendung bis zu 75 % ënnerstëtzt.

Et muss een och soen, dass mer an eise Baute fir Schoulen a Sportshalen zwar Subside kréien, mee dës sinn ni adaptéiert ginn un d'Baupräisser. Soudass mir ëmmer méi ee groussen Delta musse bäisteieren. Och gëtt punkto Schoulen elo verlaangt, dass mer e Maximalsubsid eréischt kréien, wa mer 100 % vun de Maison-relaise bauen, wat d'Saach natierlech net méi bëlleg mécht.

Bref, et ass haut schwéier, an d'Zukunft ze investéieren, a Gebaier, déi gebraucht ginn, opzeriichten – déi natierlech duerno och Follgekäschte mat sech bréngen –, ouni Emprunt. Déi, leider, de Moment vill méi deier si wéi virun dräi Joer. Mer leien do bei iwwer 5 %.

Dofir musse mer eis an eise Bauten eng Rigueur ginn, fir wierklech nëmmen esou ze bauen, dass et funktionell ass, ouni Schnickschnack, mat engem einfache Confort. Dorop wäert ech nach zréckkommen.

Mäin éischte Ressort ass NetZeroCities. Do hu mer dëst Joer villes vir. Elo, wou mer deen éischte Workshop den 9. Dezember organiséiert hunn an och zënter Kuerzem e Logo hunn, respektiv wäerten en Internetsite lancéieren, hu mer vill Projete fir 2024 virgesinn. Fir d'Digitalisatioun, fir den Développement urbain, fir de Soutien de l'économie locale, fir d'Gestioun vum Müll, fir d'Energiespuermoossnamen, fir d'Klima a fir d'Mobilitéit. Déi jeeweileg Beträg, déi virgesi sinn, fannt Der am Budget erëm.

Mir sinn eis bewosst, dass dësen éiergäizege Projet nëmme ka geléngen, wann eis Bierger sech do abréngen a mathëllefen, eis gesaten Ziler bis 2030 ze erreechen.

Als Gemeng wëlle mir Virbild sinn. Dofir hu mer Mesuren a Kreditter virgesi vu 500.000 Euro, fir zwee bis dräi vun eise Gemengenhaiser energeetesch ze sanéieren.

Ech wollt och eppes zu den Energiepräisser soen, mee de Buergermeeschter huet dat scho gesot, dass dat alles an d'Luucht geet. Dat wësse mer. Dat ass och eng Situatioun, déi eise Budget belaascht.

Dann zu mengem Ressort vun der Kultur. Do hu mer versicht, um Niveau 2023 ze bleiwen. Eppes stécht awer eraus: den zwanzegjäregen Anniversaire vum Blues Express, wat mer gebierend feiere wäerten. Dofir hu mer eis nei Sponsere gesicht, fir dass et, ënner dem Stréch, net ze vill méi soll kaschte wéi déi Jore virdrun. À ce stade si 400.000 Euro virgesinn.

Éischtmoleg gouf e ganze Programm opgestallt, fir an der Kierch zu Lasauvage Kultur unzebidden. Et mussen awer nach nei Still kaf ginn, e Mobilier a fir d'Akustik ze verbesseren, dat steet alles am Budget.

Den Tourismus wëlle mer weider promouvéieren.

Mir hunn d'Frais de vernissage vu 70.000 Euro op 50.000 Euro erofgesat.

Fir de Mérite culturel, dee mer d'nächst Joer wäerte verginn, si 14.000 Euro a fir den Ticketing 60.000 Euro virgesinn.

Am H2O musse mer en neie Video- an Audiosystem virgesinn, dofir sti 45.000 Euro dran. D'Programmatioun am Ale Stadhaus kascht eis 350.000 Euro.

Fir de Festival du rire si 50.000 Euro virgesinn. Dat war iwwregens en immense Succès dëst Joer, wou mer net manner wéi 2.000 Spectateuren an enger Woch haten.

*Le Luxembourg est aussi confronté à l'inflation, aux tranches d'indice et à la baisse de la croissance.*
*Pour pouvoir réaliser des projets, la commune devra emprunter de l'argent, car compte tenu des faillites et du chômage, l'impôt commercial ne risque pas d'augmenter.*
*Cependant, le collège échevinal a décidé de lancer certains projets en espérant que les prix de la construction sont plus faibles compte tenu de la faible demande. De toute façon, la commune doit investir dans les écoles et le logement. L'État subventionne les investissements dans le logement à hauteur de 75 %.*
*Tom Ulveling souligne le fait que les subsides pour les écoles et les infrastructures sportives n'ont jamais été adaptés aux prix de la construction. En plus, les nouveaux bâtiments entrainent des frais de maintenance et les prêts coutent cher en ce moment. C'est pourquoi le collège échevinal veillera à ce que les projets soient fonctionnels.*
*Le premier atelier de Net0Cities a eu lieu le 9 décembre. De nombreux projets sont prévus pour 2024 dans le domaine de la numérisation, du développement urbain, du soutien à l'économie locale, de la gestion des déchets, des économies énergétiques, du climat et de la mobilité. Ce projet ne pourra être réalisé que si les citoyens acceptent de participer. La commune se doit d'être un modèle et a prévu d'investir 500 000 € dans l'assainissement des bâtiments communaux.*
*Comme l'a souligné le bourgmestre, les prix de l'énergie explosent, ce qui impacte le budget.*
*Pour ce qui est de la culture, le Blues Express fêtera ses 20 ans en 2024. La commune a cherché de nouveaux sponsors pour que les festivités ne coutent pas trop cher. Le budget est estimé à 400 000 €.*
*Le service culturel a dressé un programme pour l'église de Lasauvage. Il faudra acheter des chaises et du mobilier, et améliorer l'acoustique.*
*Tom Ulveling mentionne la promotion du tourisme.*
*Les frais de vernissage passent de 70 000 € à 50 000 €. Quatorze-mille euros sont prévus pour le Mérite culturel et soixante-mille euros pour le ticketing.*

*Un nouveau système audiovisuel sera installé au $H_2O$ pour 45 000 €.*
*La programmation de l'Aalt Stadhaus coutera 350 000 €.*
*Cinquante-mille euros sont prévus pour le Festival du rire, qui a attiré 2000 spectateurs cette année.*
*Il est prévu de publier une brochure pour promouvoir le patrimoine culturel pour 25 000 €.*
*En partenariat avec la Commission culturelle, Tom Ulveling souhaite créer une association pour dynamiser les jumelages. Des programmes d'échange auront lieu dans les domaines de la culture, du sport et de l'enseignement.*
*En tout, 1,5 million d'euros sont prévus pour la culture.*
*En ce qui concerne les recettes, le seul changement concerne l'école du blues de Differdange, qui ne sera plus subventionnée à hauteur de 15 000 € par le ministère.*
*Pour ce qui est des routes, il faudra prolonger celle menant au CID, raccorder la Wuelemswiss et le parc Terrain-AS au canal, refaire les chemins des cimetières, allonger la rue Lazard, lancer les phases 3 et 4 à Niederkorn et refaire la rue Pierre-Krier.*
*Le projet de suppression du PN 15 sera relancé.*
*Pour la rue Pasteur, il faudra prévoir un crédit supplémentaire d'un-million d'euros.*
*En matière de construction, chaque devis devra être analysé. La bonne planification des projets est essentielle. Quatre projets sont en cours : le CID, le campus du Bock, l'école de Niederkorn et le centre sportif John-Scheuren. En 2024, les investissements se monteront à 53 millions d'euros. En 2025, il restera 8,5 millions d'euros à payer. Le surcout pour ces 4 projets s'élève à 15,3 millions d'euros.*
*Les projets de l'école Saint-Pierre, de la rénovation de Belair, de l'école des garçons de Niederkorn, de l'église de Lasauvage, des fenêtres de la villa Hadir et du parc Terrain-AS coutent aussi plus cher que prévu.*
*En tout, les augmentations représentent 21,2 millions d'euros.*
*En ce qui concerne l'agrandissement de l'hôtel de ville, tout ce qui dépasse l'utile et le nécessaire sera supprimé — par exemple,*

Éischtmoleg hu mer dëst Joer näischt virgesinn, fir eise Patrimoine culturel ze renovéieren. All eis Monumenter sinn an de leschte Jore renovéiert ginn, also si mer do bäi.

Et ass eng kleng Broschür virgesinn, fir eise Patrimoine culturel virzestellen. A fir de Jumelage, dee mer wëllen intensivéieren, si 25.000 Euro virgesinn. Hei hunn ech mer virgestallt, dëst Joer, zesumme mat der Kulturkommissioun ze kucken, fir e Partnerschaftsveräin ze grënnen, ënner enger anerer Form. Wou interesséiert Leit sech zesummefannen, fir de Jumelage weider ze beliewen.

Doniewent wëlle mer Austauschprogrammer op d'Bee setze mat Sportsveräiner, Kulturveräiner an awer och mat Schoulen.

Dëst Joer si fir d'Kultur 1,5 Milliounen Euro virgesinn.

An de Recettë bleift alles beim Ale fir d'Joer 2023, ausser dass de MENJE d'Bluesschoul net méi mat 15.000 Euro subventionéiert.

Da kommen ech zum Stroossebau. Och hei gëtt e groussen Invest an dës Struktture gestëmmt. Tëschent Lauterbännen gëtt d'Strooss verlängert, fir dass mer bis bei de CID kommen. D'Kanalisatioun vun der Wuelemswiss an den AS Park muss geluecht ginn. D'Feldweeër an d'Weeër op eise Kierfechter ginn erneiert. D'Rue Lazard, fir bei de Woiwer ze kommen, gëtt verlängert. Zu Nidderkuer ginn d'Phas dräi a véier lancéiert. An och si Kreditter virgesinn, fir d'Rue Pierre Krier fäerdeg ze maachen.

Wéi all Joer ass e gutt dotéierte Poste fir den Eclairage public, d'Vëlosweeër a fir de Reprofilage vun de Strooosse virgesinn.

Nei ass, dass mer de Projet Suppressioun PN15 erëm wäerten ugoen an deen erëm aus dem Tirang geholl hunn.

Mir mussen awer och en Zousazkreditt vun enger Millioun fir de Projet Belair/Rue Pasteur virgesinn, well do d'Soumissioun eng Millioun Euro méi deier war wéi virgesinn.

Elo zu mengem gréisste Ressort, dee vun de Bauten, deen, deen also am meeschte Sue verbraucht, mee deen awer och eppes Durabeles kreéiert.

Beim Baue musse mer ëmdenken, ech hunn et schonn ugedeit. Et muss méi seriö geplangt ginn an all Zousazdevis muss op de Leescht geholl ginn. Et ass wouer, dass et an den haitegen Zäiten extreem schwiereg ass ze plangen, well d'Präisser eis dervulafen, d'Soumissioune sinn deelweis Milliounen iwwert dem Devis.

Dir wësst, dass mer véier grouss Projeten amgaangen hunn, déi och musse fäerdeggestallt ginn: de CID, d'Schoul an d'Maison relais, d'Sportshal um Bock, d'Meederchersschoul zu Nidderkuer an d'Hal John Scheuren. Do musse mer d'nächst Joer 53 Milliounen Euro investéieren.

Da bleiwe fir 2025 nach eng 8,5 Milliounen Euro iwwreg, déi benéidegt ginn, fir alles fäerdeg ze maachen. Eleng op dëse véier Megaprojeten hu mer bis dato e Surplus vu bal 15,3 Milliounen Euro budgetiséiert wéinst der Pandemie, wéinst Indextranchen a Liwwerschwieregkeeten en rapport mam Krich an der Ukrain. Bei anere Projete falen nach eemol Milliounen un, Projete wéi d'Saint-Pierre-Schoul, d'Renovatioun vum Belair, d'Stroosserenovéierung, d'Jongeschoul Nidderkuer, d'Kierch zu Lasauvage, d'Fënsteren Hadir, Park AS a Container Déifferdeng. Do hu mer nach Zousazkreditter vu 5,9 Milliounen.

Wann een dat alles zesummerechent mécht dat Zousazkreditter vun 21,2 Milliounen Euro, déi am initialen Devis net virgesi waren.

Ee groussen neie Projet, dee mer elo awer wëllen ugoen, ass den Ausbau vum Stadhaus. Mer versichen awer, den initiale Projet, dee mer jo schonns viru Joren hei gestëmmt hunn, an deem Sënn ze reduzéieren, dass mer alles dat, wat den Utile et le nécessaire depasséiert wëllen eraushuelen. Wéi zum Beispill Designerluuchte fir 680.000 Euro, e Prunklift fir 13 Persoune fir 280.000 Euro, den Aménagement exterieur. Iwwer dëse Wee versiche mer, Milliounen anzespueren. Och wäerte mer den Dossier Killung vum Gebai nach eemol op de Leescht huelen. Mir wëllen do kee Prunkbau. An

ech engagéiere mech, do nach Aspuerungen ze fannen.

Et muss ee wëssen, zousätzlech zu deem Agespuerte ginn och nach 30 % agespuert, wat den Deel vun TVA an Honorairen ausmécht. Dat heescht, wann ech e Lift vun 220.000 Euro sträichen an duerch en normale Lift vu 75.000 Euro ersetzen, dann hunn ech 145.000 Euro plus 30 %, dat heescht 188.000 Euro gespuert.

Et geet drëms, déi richteg Balance ze fannen tëschent dem nice to have an dem utile et nécessaire. Och do mussen eis Beamte respektiv déi, déi mam Projet befaasst sinn, ëmdenken an an Zukunft méi oft nee wéi jo soe bei der Ëmplanung.

Zousätzlech wäert eis Finanzpersoun an Zukunft all dës Projeten am A behalen an Alarm schloen, wann et derapéiert. De Soumissiounsdossier fir de Réibau vun dësem Gebai ass quasi prett a mir hoffen, no der Summervakanz mam Chantier kënnen ze demarréieren.

Et ass virgesinn, dass mer déi Servicer, déi elo am Nelson-Mandela-Gebai sinn op den zweete Stack am CID temporär installéieren, fir do den Accueil fir eis Bierger an deem Gebai wärend der Bauphas vum Stadhaus ze verlageren. E puer Servicer mussen awer dann nach am Stadhaus bleiwen. Fir eis Mataarbechter gi Parkplaze beim ale Spidol a fir d'Bierger am Parking Cactus reservéiert.

De Projet Nelson-Mandela-Plaz bleift am Suspens bis de Chantier vum Stadhaus, zumindest de Réibau fäerdeg ass. Do musse mer dann e Parking an déi Plaz nei amenagéieren. Also en ënnerierdesche Parking ass do virgesinn.

En anere grousse Projet, dat sinn d'Schoulen. Dir hutt matkritt, dass mer an de leschte Jore staark gewuess sinn. Dofir brauche mer zousätzleche Schoulraum zu Déifferdeng, zu Nidderkuer an um Fousbann. Mir wëlle mam Zentrum ufänken, an zwar am ale Spidol. Do soll en neie Schoulcampus entstoen. Do si scho prealabel Etüde gemaach ginn, fir op dësem Site dat aalt Gebai ze halen an en Neibau drunzesetzen.

No éischte Schätzunge wäert de Campus 40 Milliounen Euro kaschten. Dat ass dann awer eng Schoul mat 20 Klassesäll, mat enger Maison relais an enger Sportshal dran. Et wier awer och d'Méiglechkeet, keng Sportshal do ze bauen, well de Staat jo wëll um ale Site vum CID, wa mer bis geplënnert sinn, weidere Schoulraum respektiv eng Sportshal an eng Schwämm bauen, déi mir dann och kéinte mat notzen. Fir de Projet vum Ausbau vun dësem Site hu mir elo mol am Budget eng hallef Millioun virgesinn.

De Containerschoulbau vun der Bockschoul gëtt ofkaf fir 1,2 Milliounen Euro an dann ofgebaut an op de Woiwer transferéiert, well mer och do Nout u Schoulraum hunn. Dëse Bau kann eis zéng Joer laang déngen, bis mer dann och do an deem Quartier aktiv ginn. Well, wéi gesot, mir brauchen och nach zu Nidderkuer zousätzleche Schoulraum, dee relativ schnell muss geplangt ginn.

Et ass en Zousazkreditt fir déi nei Structure provisioire um Déifferdenger Schoulhaff vu 500.000 Euro virgesinn.

Dir gesitt, dass mer de Parking am Haneboesch erëm wëlle relancéieren, dat awer vläicht mat engem privaten Investisseur.

Ech hat et scho gesot, de PN15 huele mer erëm aus dem Tirang.

Et ass virgesinn, eng Aart Chalet um Eck Tennisterrain um Thillebierg opzeriichten, wa mer den Talus bis stabiliséiert hunn a wann déi éischt Phas vun der Mise en sécurité vum Thillebierg amgaangen ass.

Och wat d'Maison Wolff ubelaangt, wëlle mer aktiv ginn, dat Lokal respektiv den Daach an d'Fassad schnellstens renovéieren. Mir wëllen do engem Geschäft Mëtt vum nächste Joer d'Méiglechkeet ginn, do seng Dieren opzemaachen.

Endlech sollen déi dräi Haiser zu Lasauvage fäerdeg gemaach ginn. Do lappt et e bëssen zurzäit. Mee mir wëllen déi fir d'Touriste virun der Summersaison zougänglech maachen. Och hei musse mer Zousazkreditter stëmmen.

*680 000 € pour l'éclairage design ou 280 000 € pour un ascenseur de 13 personnes. Tom Ulveling s'engage par ailleurs à réduire ultérieurement les couts. À ces économies s'ajoutent aussi les réductions de la TVA et des honoraires. En d'autres termes, remplacer un ascenseur de 220 000 € par un ascenseur de 75 000 € représente une réduction de 145 000 € plus 30 %, c'est-à-dire 188 000 €. Il faudra trouver un équilibre entre l'utile et l'agréable. Le chantier devrait commencer après les grandes vacances.*

*Les services se trouvant dans le bâtiment Nelson-Mandela déménageront au CID pour que les services aux citoyens puissent être offerts dans le bâtiment Nelson-Mandela. Des places de stationnement seront réservées près de l'ancien hôpital et au Cactus.*

*Pour ce qui est de l'enseignement, il faut de nouvelles salles de classe à Differdange, à Niederkorn et au Fousbann. Un nouveau campus est notamment prévu sur le site de l'ancien hôpital pour quarante-millions d'euros. Il comprendra une école de vingt salles de classe, une maison relais et une salle de sport. La salle de sport est optionnelle, car l'État a décidé de construire une salle de sport et une piscine sur le site du CID actuel.*

*Les conteneurs de l'école du Bock seront transférés au Woiwer, où il manque des salles de classe. La commune a racheté les conteneurs, qui pourront servir pendant 10 ans, pour 1,2 million d'euros. À Niederkorn, il faut aussi des salles de classe.*

*Un crédit supplémentaire de 500 000 € pour la structure provisoire dans la cour de l'école de Differdange est également prévu.*

*Le projet d'un parking au Haneboesch sera relancé, tout comme celui du PN 15. Une sorte de chalet sera installé sur le site des courts de tennis du Thillebierg une fois que le talus sera stabilisé.*

*Le toit et la façade de la maison Wolff seront rénovés. Un magasin devrait y ouvrir ses portes au milieu de l'année prochaine.*

*Les trois gites de Lasauvage ont pris du retard. Mais le collège échevinal veut les ouvrir à temps pour*

*la saison touristique. Des crédits supplémentaires sont nécessaires.*
*L'étude sur les pluies va être terminée bientôt. Les petites mesures prises jusqu'ici ont permis d'éviter des inondations dernièrement.*
*Le toit du bâtiment A du 1535° va être réparé. Il sera muni d'une installation photovoltaïque dans le cadre de Not0Cities.*
*Deux-millions-cinq-cent-mille euros seront investis dans des bassins de rétention au Rattem, dans la rue de Hussigny, à la ferme rouge et à Lasauvage.*
*La piscine en plein air est en mauvais état et ne pourra pas ouvrir la saison prochaine. Une nouvelle piscine y sera aménagée dans un cadre verdoyant.*
*Une nouvelle école sera construite aux Woiwerwisen. Mais avant, une étude devra être réalisée. En attendant, le collège échevinal entend aménager des conteneurs.*
*Un projet prévoit la démolition du centre médicosocial et la construction d'un nouveau bâtiment en partenariat avec un investisseur privé. Le PAG devra être modifié dans ce contexte, tout comme pour le Haneboesch, les anciens ateliers, la cité Bescha et les terrasses de la Ville.*
*Des PAP sont nécessaires pour le City Parking et le Niederkorn Mall.*
*Des espaces verts seront aménagés dans tous les quartiers pour les rendre plus conviviaux à l'image de ce qui a été fait derrière le lycée de l'EIDE. La place Jehan-Steichen sera réaménagée en parc.*
*Le CID pourra emménager dans les nouveaux locaux à partir du mois de mai.*
*Le parc automobile sera modernisé pour 1,3 million d'euros pour deux voitures électriques, deux minibus, une voiture de service, un Transit, une camionnette, un fourgon et un camion-benne de 850 000 €.*
*Le service arbres va acheter des arbres pour 45 000 €. Des entreprises spécialisées réaliseront des travaux pour lesquels l'équipe communale n'est pas formée à hauteur de 120 000 €.*
*D'une manière générale, la commune va investir 110 000 € pour la formation du personnel.*
*Les cours de récréation des écoles vont devenir plus vertes au cours des prochaines années.*

Déi Staarkreen-Etüd gëtt fäerdeg gemaach. Mir hunn elo den Accord vun der ArcelorMittal, fir am Wierk kënnen hir Reseauen opzehuelen. Leider war dat wéinst dem schlechte Wieder an der Lescht net méiglech, soudass mer dat esou schnell wéi méiglech maachen.

Mee wéi Der gesitt, konnt ee mat klenge Mesuren trotz Dauerreen an de leschte Wochen, vermeiden, dass et zu zousätzlechen Iwwerschwemmunge komm ass.

Den Daach vum A-Gebai vun dem 1535° gëtt dëst Joer gefléckt an et gëtt am Kader vum NetZeroCities en neie Projet gemaach, fir 2025 den Daach mat Photovoltaik-Modullen auszerüsten, nodeems mer deen Daach dann och definitiv reparéiert hunn.

Et gëtt och vill an eise Bassin d'eau investéiert. An den nächsten zwee Joer si virgesinn, 2,5 Milliounen Euro ze investéieren um Rattem, an d'Rue de Hussigny, de Roudenhaff an zu Lasauvage.

Déi oppe Schwämm ass an esou engem schlechten techneschen Zoustand, dass mer se net méi kënnen opmaachen dat nächste Joer. Do ass elo eng Etüd virgesinn, fir op dësem Areal eng nei Schwämm ze amenagéieren, déi soll sech an enger parkaarteger Anlag befannen.

Den Athleetiksterrain ass net vergiess. Do schéngt sech an enger anerer Kordall-Gemeng eng Opportunitéit opzemaachen. Dozou schwätzt nach den Här Wagner.

Wat den Urbanismus ugeet, wëlle mer Etüde lancéieren iwwert de Plateau des Hauts-Fourneaux, e PAP vun de Woiwerwise gëtt gemaach, fir dëse Quartier mat enger Schoul opzewäerten. Fir d'éischt awer musse mer d'Container do opriichten an da musse mer kucken, wou mer déi nei Schoul bauen. Mir wäerte mussen Etüde maache loosse vum PAG Quartiers existants.

Mir denken iwwer e Centre médico no, wou jo e Projet mat engem privaten Investisseur besteet, fir deen ofzerappen an en neit Gebai dohinner ze bauen. Wéi gesot, do muss de PAG geännert ginn. Och si Modifications vum PAG fir den Haneboesch, Anciens ateliers, Cité Bescha, Terrasses de la Ville virgesinn.

Des Weidere muss e PAP gemaach gi fir de City-Parking an de Site Lauterbännen, wou jo soll d'Nidderkuer Mall hikommen, dat hu mer elo de Moie scho gesinn. Et mussen zousätzlech topografesch Etüde gemaach ginn. A mir mussen och Geld virgesi fir Publikatiounskäschten, fir all déi Ëmänneringe vun de PAGen an/oder PAPen.

Niewent der Travée verte am Zentrum, hanner dem EIDE-Lycée, déi elo amgaangen ass, gëtt an all Quartier méi Gréngs installéiert respektiv konvivial Plazen amenagéiert. D'Place Jéhan Steichen gëtt parkänlech ëmgestalt.

Dann zu mengem leschte Ressort, dat ass de CID. Et gëtt gerechent, dass mer ab Mee kënne mat Plënneren ufänken. Dat soll sech bis an den Dezember hinzéien an dann ofgeschloss sinn.

Wat eise Fuerpark ugeet, gëtt dëst Joer e bësse méi gespuert. Mir hunn an der Lescht vill Déngschtween kaaft. Mir hunn awer virgesinn, do fir 1,3 Milliounen Euro Gefierer ze kafen. Dat sinn zwee elektresch Autoen, zwee Minibusser, een Déngschtwon mat méi enger grousser Autonomie, en Transit mat Plateau fixe, eng Camionnette an e Fourgon fir de Service parachèvement.

Dobäi en neie Müllwon, deen eleng schonn 850.000 Euro kascht an e Camion benne an nach ee klenge Müllwon.

Eis Bam-Ekipp keeft all Joer fir 45.000 Euro Beem. Mer mussen 120.000 Euro virgesi fir Firmen, déi eis grouss Beem schneide kommen, do wou mir net utiliéiert sinn, fir dat ze maachen, an eis Leit och net forméiert ginn.

Et ass wichteg ze wëssen, dass mer verstäerkt d'nächst Joer wäerten a Formatioun vun eisen Aarbechter Suen investéieren. Dat heescht, do ass e Budget vun 110.000 Euro virgesinn.

Mir wëllen eis Schoulhäff an Zukunft méi gréng gestalten. Manner Bëton a Goudron ass de Motto. Dofir si Kreditter virgesinn.

Ech vu menger Säit wëll all menge Mataarbechter Merci soen, déi un der

Opstellung vun dësem Budget bedeelegt waren. Mir hunn heiansdo gestridden, mee mir sinn awer zu vernünftege Léisunge komm. Iech soen ech Merci fir d'Nolauschteren a stinn déi nächst Sitzung fir Froen zur Verfügung. Merci villmools.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Da wier et um Här Wagner. Här Wagner, wannechgelift.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Wéi de Kleeschen, kënnt de Gemengebudget reegelméisseg ëm déi selwecht Zäit. Et ass ëmmer e ganz interessanten Exercice, quitte dass engem schonns vill Zuelen ëm de Kapp fléien. Et sinn awer immens wichteg Zuelen, well ouni den néidege finanzielle Backup kann ee keng Politik a virun allem keng Politik zum Wuel vun de Bierger maachen.

D'Situatioun ass, wéi een et scho konnt erwaarden, net onbedéngt déi bescht. Mir sinn an enger globaler internationaler Rezessioun. Dovu bleiwe Lëtzebuerg an och Déifferdeng net verschount.

D'Scholdelaascht ass kritesch, bedéngt duerch d'Bauten, déi onbedéngt néideg waren, a wou awer zum Beispill nach déi staatlech Subventioune feelen. Et ass eng Situatioun änlech wéi aktuell am Logement: Du gëss däin Appartement net lass, mee du wunns awer schonn an engem neien Haus. An déi Phas schléift fatzeg an de Portmonni.

Zréck bei d'Gemengefinanzen. Do soll een op kee Fall elo de Kapp an de Sand stiechen an eng passiv Spuerpolitik ouni Investitioune fueren. Dat wär e schlecht Signal. Ënner dem Stréch géife mer souguer nach méi verléieren.

Et gëllt deemno, eng intelligent Marge festzeleeën, fir dass mer an eise Budgetsméiglechkeete bleiwen an trotzdeem no vir kënne kucken. L'utile et le nécessaire ass een Ausdrock, deen hei wéi d'Fauscht op d'A passt.

Do muss een eise Gemengeservicer en décke Luef ausschwätzen, well ouni si wär dëst net méiglech. Eise Leit aus dem Sekretariat, déi deeg- bis wochelaang mat den Zuele jongléiert an eis ëmmer gutt beroden hunn. Merci de Chef-de-servicen, déi an hire Ressorte gutt geschafft hunn, fir dëse Budget op d'Been ze stellen.

No ville konstruktive Reuniounen huet de Schäfferot den Deckel drop gemaach, an déi final Zuele fir den Initial 2024 presentéiere mer Iech dann haut. An dëst och zesumme mam Budget rectifié vun 2023. Dat hutt Der jo alles och an Ären Dokumenter.

Ech wëll elo a menge verschiddene Ressorte méi an den Detail goen. Ech géif mat deem Klengsten ufänken, dem Volet Crèche an de Maison-relaisen.

Punkto Alimentatioun, wou mer, wéi schonns am leschte Gemengerot gesot, op biologesch a regional Produiten zréckgräifen, hu mer elo direkt keng Augmentatioun virgesinn. 2023 hate mer jo schonns eng Majoratioun vun 20 % agerechent. Ze hoffen ass, dass et keng Präisexplosioun en cours de route gëtt.

Mir si plus-minus bei de Fourniturë vun de Crèchen um Level vun 2023. Elektresch geet erof an dee groussen Check vu LuxControl fir déi verschidden Agrementen, deen all dräi Joer ass, ass 2024 eeben net. Mee duerfir ginn d'Salairen drastesch an d'Luucht, wat sech wéi e roude Fuedem duerch dee ganze Budgetsexercice zitt.

De Constat zu de Maison-relaise wéi zu de Crèchen ass praktesch identesch. Fir d'Vacances loisirs gëtt direkt net gespuert, respektiv musse mer och der Präisdeierecht Rechnung droen, wéi zum Beispill duerch déi méi deier Entréesticketen.

D'Kannerparad an de Kannergemengerot si weiderhin am Budget, mee déi nei Kannerkommissioun wëll virun allem d'Kannerparad iwwerdenken, eventuell eppes Neits ausschaffen.

De Baby-Dag am Opkorn ass 2024 nees um Programm.

Ënner dem Stréch leie mer am Ordinär fir Crèche, Garderie a Maison relais bei

*Tom Ulveling remercie ses collaborateurs qui ont participé à l'élaboration du budget. Les discussions ont parfois été houleuses, mais finalement, on a trouvé des solutions raisonnables.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *constate que le budget arrive tous les ans au même moment que saint Nicolas. Ces chiffres sont essentiels à la mise en place d'une politique pour le bienêtre des citoyens.*
*La situation économique est difficile, et Differdange et le Luxembourg ne sont pas épargnés. Les emprunts sont nécessaires pour terminer les projets en attendant que les subventions de l'État soient versées. C'est un peu la même situation que pour le logement : on habite déjà dans une nouvelle maison alors que l'ancien appartement n'est pas encore vendu. Cela coute cher.*
*C'est pourquoi il faut une feuille de route intelligente. Parler d'utile et de nécessaire est l'expression adéquate.*
*Thierry Wagner salue le travail des services communaux et notamment du secrétariat et des chefs de service. De nombreuses réunions constructives ont eu lieu pour que le collège échevinal puisse présenter le budget aujourd'hui.*
*Thierry Wagner va passer en revue ses ressorts en commençant par les crèches et maisons relais. En ce qui concerne l'alimentation, la commune continuera à miser sur les produits biologiques et régionaux. Le budget avait été augmenté de 20 % en 2023.*
*Le budget alloué aux fournitures reste au niveau de 2023. Le prix de l'électricité baisse et Luxcontrol ne devra pas intervenir en 2024. En revanche, les salaires explosent.*
*Le collège échevinal n'a pas prévu de faire des économies sur les vacances-loisirs. Le défilé des enfants et le conseil communal des enfants seront reconduits avec éventuellement quelques nouveautés.*
*La Journée des bébés à Opkorn aura lieu à nouveau.*
*En tout, le budget ordinaire pour les crèches et les maisons relais augmente de 8,25 % en moyenne, à cause notamment de la hausse des salaires.*

*Comme l'a dit monsieur Ulveling, le chantier du Bock sera terminé pour deux-millions d'euros.*
*Thierry Wagner ajoute que les experts recherchent la cause du dommage des eaux du Woiwer. Actuellement, la maison relais a du mal à trouver des salles disponibles.*
*Toujours au Woiwer, une cuisine pédagogique subventionnée par le MENJE sera installée dans la maison relais. Un système de buffet est prévu dans toutes les cantines afin de mieux gérer les quantités.*
*L'acoustique de la villa du parc Edmond-Dune sera améliorée.*
*Les maisons relais seront équipées de matériel informatique.*
*Thierry Wagner passe à l'enseignement et souligne les fluctuations entre les différents postes. Ainsi, les sorties pédagogiques, les sorties scolaires et les colonies couteront plus qu'en 2023.*
*Le Prix de fin d'année est fixé à quarante euros par enfant au lieu de trente euros.*
*Pour ce qui est du Mérite scolaire, le budget passe de 500 000 € à 400 000 €, mais il se pourrait qu'il baisse ultérieurement.*
*Les écoles ont reçu 200 nouveaux laptops et 41 tablettes en 2023. Les anciens ordinateurs ont été abandonnés. Le budget passe de 209 500 € à 10 000 €.*
*La commune va aussi réaliser des économies en ce qui concerne l'Airtramp, dont les formations seront désormais gérées par le MENJE.*
*En 2024, il faudra acheter moins de papier qu'en 2023.*
*Quatre-vingt-mille euros sont destinés au projet Pedibus du Bock. Thierry Wagner espère pouvoir créer cinq bus, mais c'est optimiste. Toutefois, l'appétit vient en mangeant.*
*Le budget pour l'école technique de Differdange passe de 15 000 € à 22 000 €. En effet, six équipes vont participer à la Lego League. L'année dernière, les Woiwer Heroes ont remporté le Robot Design Award.*
*Le budget pour la Semaine créative passe de 3500 € à 28 000 €.*
*Le prix du transport scolaire baisse de 40 000 €.*
*Quatre-cent-soixante-dix-neuf-mille euros sont destinés au premier équipement mobilier de*

enger Augmentation moyenne vu plus minus 8,25 %, bedéngt duerch déi méi héich Salaireskäschten, déi carrement ëm 10 % steigen.

Am Extraordinär steet d'Fäerdegstelle vum Chantier Bock, wéi den Här Ulveling gesot huet, mat zwou Milliounen Euro dran. Mee leider och dee gréissere Waasserschued um Woiwer, wou d'Experten nach amgaange sinn, d'Ursaachen ze analyséieren.

Am Moment muss eist Haus um Woiwer vill Akrobatik mat der Sallplanung maachen. Gutt, dass d'Schoul mat hire Säll hëlleft, anescht wär dat net ze stemmen.

Um Woiwer gouf ee flotte Projet en place gesat: d'Installatioun vun enger pedagogescher Kiche fir d'Maison relais an eng fir d'Schoul, woufir mer dann och e Subsid beim MENJE kënnen ufroen.

Des Weidere schaffe mer nach ëmmer drun, eis Restauranten an den Haiser mat engem Buffetsystem auszestatten. Ee System, deen dozou bäidroe kann, dass d'Quantitéite besser geréiert kënne ginn.

An der Villa Parc Dune gëtt un der Akustik geschafft. Eis Haiser gi weiderhi mat neiem informateschem Material ausgestatt, zum Beispill Wifi-Bornen a besser Sonorisatioun.

Komme mer elo bei d'Schoulen. An Ärem Dossier ass deen a Kapitele Precoce, Préscolaire a Primär agedeelt, plus nach d'Frais divers de fonctionnement.

Et ginn natierlech och hei héich Schwankunge bei de verschiddene Posten, dat wéinst Variatiounen an der Unzuel vu Kanner, mee och Adaptatioune wéinst der Präisdeierecht. Dat gesäit een zum Beispill gutt ënnert Sorties pédagogiques. Do setze mer 15.500 Euro méi an, mee och d'Sortie-scolairen, also d'Kolonien, ginn an d'Luucht.

Ënner de Prix de fin d'années hu mer elo 40 Euro amplaz 30 pro Kand festgesat, wat deemno méi en héije Montant am Budget ausmécht. Mir waren awer och alt scho bei 35 Euro.

Am Mérite scolaire hu mer eis dräi Joer no der neier Formule vum Gesetz e bësse méi agependelt, sinn an enger éischter Estimatioun vun enger hallwer Millioun Euro ausgaangen an elo bei 400.000 Euro gelant, wou et awer nach ka sinn, dass mer nach drënner bleiwen.

An Zesummenaarbecht mam Service informatique konnten d'Schoule schonn dëst Joer 200 nei Laptoppe bestallt kréien an 41 Tablette. Déi al Tower-Computeren, wou et deelweis keen Update méi gouf fir verschidde Softwaren, sinn elo passé. Dofir fält dësen Artikel d'nächst Joer vun 209.500 Euro op 10.000 Euro erof.

Wou mer nach Sue spueren ass beim AirTramp, wou d'Formatiounen elo vum MENJE iwwerholl ginn.

2024 kafe mer manner Pabeier, well mer eis e Stock virkaf hu fir 2023 an och e bessere Präis dofir deemools kruten.

Nei, an domat och eng nei Depense, ass de Pilotprojet „Pedibus – séchere Schoulwee“ um Bock. Do stinn elo 90.000 Euro dran. Dat wäten déi chiffréiert Ausgaben, wa mer fënnef Busser géifen op d'Schinn kréien. Wat awer relativ optimistesch ass. Mee wann et bis leeft, dann entsteet vläicht e bekannte Sproch: „L'appétit vient en mangeant“ a weider Eltere sinn eventuell bereet, dëst mat ze iwwerhuelen.

Punkto Technikschoul gi mer e bëssen an d'Luucht, vu 15.000 op 22.000 Euro. Dat aus engem gudde Grond: Well mer dëst Joer mat sechs Ekippen un der LEGO-League deelhuelen a mer dowéinst zéng supplementar Robotere wëlle kafen. Mir hu jo d'lescht Joer de Robot Design Award gewonne mat eiser Woiwer-Heroes-Ekipp.

2024 organiséiere mer nees eng Kreativwoch. Do gi mer vun 3.500 op 28.500 Euro erop.

Eis Schoultransporter, geleescht vun externen Ubidder, gi 40.000 Euro erof. Wéinst der neier Soumissioun an après corona ass de Präis do nees gefall.

Eriwwer an den Extraordinär. De Premier équipement mobilier um neie Bock plus d'Meederchersschoul Nid-

derkuer chiffréiert sech op 479.000 Euro. Den Här Ulveling hat jo schonns iwwert d'Baute geschwat. Ech wëll wierklech ënnersträichen, dass mer e weidere Campus mat all den Zyklen an och eng Maison-relais-Struktur brauchen. D'Infrastrukturen am Zentrum sinn einfach ze kleng ginn. Respektiv ass den ale Pavillon net méi zäitgeméiss. An dat ass nach léif ausgedréckt! D'Diskussioune sinn amgaangen, fir eng adequat Léisung ze fannen.

Bei eise Sproochecoursë geet de Budget am Ordinär am Verhältnis zu 2023 liicht an d'Luucht. Signifikant ass, dass mer d'Frais divers de fonctionnement vu 5.000 op 50.000 Euro erhéijen, well mer do nei Weeër wëlle goen an alternativ Aktivitéiten ëm d'Sprooche wëllen ubidden. Respektiv hu mer schonns eng Wanderausstellung iwwert d'Lëtzebuerger Sprooch am Januar programméiert.

Am Beräich Jugend gëtt et am Ordinär net vill Ännerungen. Mir bedeelegen eis weiderhi mat 50 % um Fonctionnement vun eise Jugendhaiser. Mir bleiwen a reegelméissegem Austausch mat der Asbl respektiv mat de Leit um Terrain an dëst iwwer eise Service jeunesse.

Et gëtt iwwer e weidere Poste fir de Projet Outreach Youthwork diskutéiert. Mir fannen, dass d'Aarbecht bei de Jonken direkt um Terrain wichteg ass, esou kann een de Kontakt am einfachsten hierstellen. Mat dësem Projet komme mer u Jonker erun, déi mir anescht net an eisem Viseur hunn. Jonker, déi sech méi schwéier di mat institutionaliséierte Servicer.

An deem Kader passt och déi temporär Astellung vu jonke Chômeuren op der Gemeng. E Moyen, fir déi Jonk am Beruffsliewen ze hale respektiv hinnen en Aarbechtsrhythmus ze ginn. Héiert sech banal un, ass awer eminent wichteg. Well e längere Chômage, zemools bei Jonker, séier zu enger Fal gëtt, wou se net méi esou einfach erauskommen.

An dee Beräich passt och eis Konventioun mat Youth & Work, déi ee Coaching fir Jonker um Aarbechtsmaart prestéieren. Konkreet ginn déi Jonk fit gemaach fir Virstellungsgespréicher, mee och am Allgemenge gebrieft, wéi d'Beruffsliewen esou ofleeft.

Ab nächstem Joer iwwerhëlt d'Gemeng dee Projet ganz, nodeems eng Testphas iwwert den Office social gelaf ass. Déi éischt Evaluatioun war ganz positiv, an all Moyen ass gutt, fir de Reemploi ze assuréieren. Ergänze wëll ech, dass dee Projet elo an der Rubrik Aide au réemploi steet an dat mat 71.000 Euro.

Bedéngt duerch d'Präisdeierecht hiewe mer eise Projet Jugendwunnen zesumme mat der Croix Rouge op 180.000 Euro. Dat ass fir d'Frais de gestion, mee och Internet an Tëlee. Ech wäert do an nächster Zukunft zesumme mat eise Servicer eng Evaluatioun vun deem Projet maachen. Mir wëlle sécherstellen, dass all Projet, dee mir als Gemeng ënnerstëtzen, de Besoine vun eise Jonken entsprécht an, le cas contraire, si mer oppe fir Diskussiounen a Reajustementer.

D'Elaboratioun vum Plan communal jeunesse ass nach ëmmer amgaangen, steet am Budget mat 50.000 Euro. A mer hoffen uganks d'nächst Joer, do ze accouchéieren.

Wat ass den Ist-Zoustand? Wou wëlle mer hin? Wéi eng Acteure sinn um Terrain? Wéi kënne mer méi adequat asetzen, respektiv wou si Synergien ze fannen? Deemno en iwwergräifende Plan d'action wéi d'Jugendaarbecht an der Zukunft zu Déifferdeng soll ausgesinn. An dat op all Niveau an an all eise Servicer.

All eis aner Projeten, déi fir de Vivre-ensemble stinn, ginn 2024 nees ëmgesat. Ech ernimmen der e puer: D'Formation Babysitting, d'Fête mondiale du jeu, Clean Challenge, JuKoWo, de Projet Treffpunkt fir Jonker.

Mir sinn der Meenung, an dëst gouf am Jugendhaus esou bestätegt, dass en Treffpunkt fir Jonker um Metzkimmert en absolutte Feeler wär. Éischtens leie mer do an enger Gréngzon, wou net alles méiglech ass, plus fiert keen Transport public dohinner. A mam Vëlo ass d'Montée erop éischter eppes fir Schleck & Co., also eng Solutioun, déi keng ass.

Mir kucken zesumme mat de Jonken an och mam Jugendhaus, eng besser Plaz ze fannen. Eng Iddi steet schonns am Raum a wär och net esou schlecht.

*l'école du Bock et de l'école des filles de Niederkorn.*

*Differdange a vraiment besoin d'un nouveau campus comprenant tous les cycles scolaires et une maison relais. L'école Differdange-Centre est devenue trop petite et le pavillon est vieux.*

*Le budget pour les cours de langues augmente légèrement. Les frais de fonctionnement passent de 5000 € à 50 000 € avec notamment l'organisation d'une exposition sur la langue luxembourgeoise en janvier.*

*Dans le domaine de la jeunesse, la commune participe aux frais des maisons des jeunes à hauteur de 50 %. Un nouveau poste pour le projet Outreach Youthwork pourrait être créé.*

*La commune offrira des postes temporaires à de jeunes chômeurs.*

*Une convention sera signée avec Youth & Work afin de soutenir les jeunes sur le marché de l'emploi. Il s'agit notamment de les préparer aux entretiens d'embauche, mais aussi de les accompagner au quotidien. Après une phase de test, la commune financera ce projet entièrement à partir de l'année prochaine. La première évaluation s'est révélée particulièrement positive. Dans le budget, ce projet figure dans l'aide au réemploi avec 71 000 €.*

*Les frais pour le projet de logements pour les jeunes en partenariat avec la Croix-Rouge passent à 180 000 €.*

*Prochainement, Thierry Wagner va analyser tous les projets communaux pour s'assurer qu'ils correspondent aux besoins des jeunes. Le Plan communal de la jeunesse figure au budget avec 50 000 €. L'objectif est de dresser un état des lieux, mettre au point des synergies entre les différents acteurs et décider à quoi doit ressembler la politique de la jeunesse à Differdange.*

*Thierry Wagner mentionne ensuite des actions comme la formation pour babysitteurs, la Fête mondiale du jeu, le Clean Challenge, la JuKoWo, etc.*

*D'après la maison des jeunes, un point de rencontre pour jeunes au Metzkimmert serait une erreur, car il s'agit d'une zone verte non desservie par les transports en commun. Le collège échevinal souhaite*

*trouver un site plus adapté, directement avec les jeunes.*
*Thierry Wagner passe au ressort du sport. Pour ce qui est des fournitures et des travaux, le budget évolue peu.*
*Dans le cadre d'European City of Sport en 2018, des mesures ont été prises pour soutenir les associations — notamment des subsides liés à la prime Quality + de l'État, un soutien financier pour les membres, une subvention aux athlètes de haut niveau… Mais depuis 2018, aucune nouvelle mesure n'a été prise.*
*Quarante-mille euros serviront à valoriser davantage les subsides extraordinaires. Ensemble avec la Commission du sport, le collège échevinal entend reformuler le Règlement des subsides.*
*Le Gala sportif, qui a eu lieu lundi dernier, sera reconduit en 2024. Le Steel Run et la Nuit du sport figurent aussi à l'ordre du jour.*
*La Journée du sport scolaire pourrait recevoir une nouvelle appellation. Les différents acteurs ont déjà entamé les discussions. Thierry Wagner se dit enthousiaste quant à la prochaine édition.*
*En 2024, Differdange accueillera un contre-la-montre du Tour de Luxembourg.*
*Un tournoi européen d'escrime se déroulera à Differdange. La commune le parrainera à hauteur de 20 000 €.*
*Trente-cinq-mille euros sont prévus pour l'organisation du* public viewing *de la Coupe d'Europe de football en Allemagne avec un écran géant installé sur la place du Marché pour les demi-finales et la finale.*
*Le budget pour les cours de sport augmente de 90 000 €.*
*Spodi coutera 120 000 €. Des nouveautés sont prévues pour 2025.*
*Le budget ordinaire alloué au sport croît de 6,9 % par rapport à 2023. Les salaires augmentent de 10 %.*
*Un-million d'euros sont destinés à la mise en conformité du stade Thillebierg et sept-cent-trente-cinq-mille euros à la rénovation du terrain synthétique du stade Haupert à Niederkorn.*
*Le stand de tir d'Oberkorn a besoin d'une rénovation depuis des années. Des travaux seront aussi*

Deemno, wéi sot de Marc Thoma op der Tëlee: „Affaire à suivre.“

Wa mer schonns vum Schleck schwätzen, passt den Iwwergang op mäin nächste Ressort, de Sport.

Am Ordinär si mer am Outdoor wéi am Indoor relativ no beim Exercice 2023, wat d'Fournituren an d'Aarbechten ubelaangt. Ausser, dass Elektresch fält an d'Salairen ëmmer an d'Luucht ginn.

2018, am Kader vun der European City of Sports, goufen e puer Mesuren ëmgesat, fir Veräiner ze ënnerstëtzen. Ubannen un de Quality+ vum Sportsministère; 50 % Ënnerstëtzung fir d'Käschte vun de Memberskaarten, plafonéiert op 100 Euro; eng speziell Subventioun un d'Sportler aus de Kadere vum COSL. Déi Poste ginn all 10.000 Euro erop, ausser d'Mesure fir d'Comité-olympique-Athleeten. Alles finanziell Hëllefen, déi den ehemolege Buergermeeschter 2018 zesumme mam Service des sports an der Sportskommissioun ausgeschafft huet. Zënter deem ass keng nei Mesure bäikomm, fir de Sport ze entwéckelen. Och wa Corona sécherlech eng Brems war.

Mir hunn eng nei Rubrik dobäigesat mat 40.000 Euro, well mer déi extraordinär Subside méi valoriséiere wëllen an och mat enger gewësser Linn festsetzen.

Dat ass dann och e Punkt, dee mer eis op d'Affiche gesat hunn, fir dat besteeënd Subsidereglement zesumme mat der Sportskommissioun ze iwwerdenken an nei ze formuléieren, fir eng méi substanziell Ënnerstëtzung vun de Veräiner. Dat ass e Projet à long terme, dee mer step by step uginn.

Leschte Méindeg war eng gelongen Editioun vum Gala sportif an deen ass och nees 2024 um Programm, zesumme mam Steel Run natierlech. An d'Nuit du sport steet och nees um Ordre du jour.

D'nächst Joer ass och erëm de Schoulsportdag, vläicht mat engem neien Numm. Déi verschidden Acteure souze schonns e puermol un engem Dësch. Mir kënne gespaant sinn op déi nei Editioun.

Nei ass den Tour de Luxembourg, wou mer d'lescht Woch nach zesummesouzen, fir de Parcours ze definéieren. 2024 ass e Contre la montre, wou Déifferdeng déi ganz Etapp iwwer am internationale Fokus stoe wäert.

Am leschte Gemengerot hat ech schonns matgedeelt, dass mer 2024 dee gréissten europäesche Fecht-Tournoi zu Déifferdeng hunn. D'Gemeng iwwerhëlt do de Patronage mat 20.000 Euro.

Public Viewing ass och nees ugesot an dëst mat der Fussball-EM an Däitschland. 35.000 Euro hu mer do programméiert, fir haaptsächlech e groussen LED-Ecran ze lounen, dee, wéi gewinnt, op der Maartplaz wäert stoen. Normalerweis fir d'Finall an d'Halleffinall.

Flott wär, wa Lëtzebuerg dobäi wär. Mee dat wësse mer elo nach net.

Eis Sportscoursen hu mer op 90.000 Euro erhéicht, well mer zéng nei Coursen hunn. Engersäits Indemnitéite fir eis Moniteuren, anerersäits generéiere mer Recettë mat den Inscriptiounen.

De Spodi hu mer der aktueller Situatioun ugepasst an am Rectifié op 80.000 Euro gesat, mee am Initial 2024 nees op 120.000. Do wäerten nach Ännerunge komme fir den Exercice 2025, nodeems den neie Coordinateur sportif de Spodi analyséiert an ugepasst huet.

Domadder hu mer am Ordinär beim Sport am Total eng Erhéijung vu 6,9 % vum Budget initial 2023 op den Initial 2024. Wuelwëssend natierlech, dass d'Salairen eleng 10 % gewuess sinn.

Am Extraordinär steet de Stadion Thillebierg am Budget mat enger Millioun. Do gëtt weiderhin un der Mise en conformité geschafft. 735.000 Euro wäert déi fälleg Renovatioun um syntheetesche Terrain um Stade Haupert zu Nidderkuer kaschten, natierlech subsidiabel vum Sportsministère. An Ärem Dossier steet eng Millioun. Dat hu mer awer schonns geännert.

Aarbechte ginn op eisen zwee Schéissstänn gemaach. Als Éischt déi Uewerkuerer Installatioun, déi säit Joren e Facelifting néideg huet a beim Fosse et Skeet op der Zowaasch pre-

paréiere mer e Projet, fir 2025 och an déi Infrastrukturen ze investéieren.

Dee gréisste Poste bleift weiderhin d'Sportshal John Scheuren mat néng Milliounen Euro, wou mer hoffen, dass Enn 2024 alles operationell ass.

E weidere wichtege Punkt, hat den Här Ulveling scho gesot, ass de regionale Liichtathleetiksstadion, wou schonns nei Diskussioune mat de Kordall-Gemenge stattfonnt hunn. D'Federatioun an déi zwee Veräiner sinn dovunner am Bild. D'Analysen, fir en ideale Standuert ze fannen, sinn amgaangen. Aktuell hu mer e puer Méiglechkeeten. De Site Woiwerwisen ass awer trotzdeem weiderhin eng Alternativ.

Komme mer zu mengem leschte Ressort, awer keen onwichtegen, well et geet ëm eis Festivitéiten. Ech hale mat engem feuchtfröhlichen Touch op. Am Ordinär ass net all Fest a mengen Hänn, mee ech ernimmen der e puer.

De Chrëschtmaart, natierlech an där Form, wéi mer en elo den Owend aweien. Mir kënnen eis awer och virstellen, dass e fir 2025 eng nei Nues kéint kréien. Dat ergëtt eng grëndlech Evaluatioun. Megafuesend wéi DiffBeach stinn um Programm. Do hu mer bäigesat am Budget, fir der Präisdeierecht am Eventberäich Rechnung ze droen.

Nom Centre de promesses vum Télévie dëst Joer hu mer eis geduecht, de Promi-Dinner am Partenariat mat der Miami University bäizebehalen an dat den 23. Mäerz am Schlass.

Um Virowend vum nationale Feierdag ass eppes Neies virgesinn. Mir hunn nach e Kontrakt mat der Droneschoul, dat bleift dann nach 2024.mMee mir setzen nach e klengen Highlight dobäi, dowéinst hu mer et op 90.000 Euro eropgesat.

Eppes ganz Neits, mee u sech ersetzt et eist Béierfest, wat mer net méi maachen, an zwar hu mer e Music Festival um Programm mat reng Lëtzebuerger Bands, also Made in Luxembourg. À vos agendas, fënnt den 1. an 2. Juni op eiser Maartplaz statt.

Am Extraordinär hu mer Gelder agesat, fir zwielef nei kleng Chalete bauen ze loosse plus eventuell e weidere groussen.

Mir wëllen eis fit maache fir den 1.1.2025, wou kee Wegwerfmaterial méi erlaabt ass op de Fester a Manifestatiounen. Dat Ganzt hu mer mat 270.000 Euro am Budget festgesat.

Domadder wollt ech dann ophalen. Méi Detailer stinn an Ärem Dossier. An nach eemol e grousse Merci un all déi Leit, déi un dësem Exercice geschafft hunn. Merci gesot.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner. Da wier et um Här Hartung Jerry wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif alleguer, gudde Moien. Mam Budget stelle mer bekanntlech d'Weiche fir dat kommend Joer a weisen, wou ons verschidde Prioritéite leien.

Eng vun de Prioritéiten am Walkampf an op de groussen Affichë war de Logement. Eppes, wou de Staat an d'Gemengen enk zesummeschaffe mussen, notamment am Kader vum Pacte Logement 2.0.

An eisem Koalitiounsprogramm steet, datt d'LSAP-CSV-Majoritéit d'Unzuel vu Wunnenge fir den abordabele Logement vun der Stad Déifferdeng significativ eropschrauwe wëll. Datt mer dëst ganz eescht huelen an et net een eidelt Verspriechen ass, ënnersträiche mer mat dësem Budget.

Dir gesitt op der Säit 204, ënner den Dépenses extraordinaires – den Här Buergermeeschter huet et schonn an der Introduktioun gesot –, datt mer zéng Milliounen Euro fir 2024 virgesinn hunn, fir weider abordabele Logement zu Déifferdeng ze schafen. En vue vun der aktueller Situatioun dobaussen, ee Montant, dee sécherlech Sënn mécht.

Mir hunn dofir en neie Libellé agesat, well dëst jo iwwert d'Aides à la pierre leeft, wou d'Investitiounen zimmlech direkt subventionéiert kënne ginn. Sou-

*réalisés au stand de tir de Lasauvage en 2025.*
*Le projet le plus onéreux reste le centre sportif John-Scheuren avec neuf-millions d'euros. Le centre devrait être opérationnel fin 2024.*
*Des discussions sont en cours avec les communes du bassin de la Chiers concernant le stade d'athlétisme. Des analyses sont en cours pour choisir un site adéquat — par exemple, les Woiwerwisen.*
*En ce qui concerne les festivités, Thierry Wagner mentionne le Marché de Noël, dont le fonctionnement pourrait être revu en 2025.*
*Megafuesend et Diffbeach seront reconduits.*
*Le diner des célébrités, qui a eu lieu dans le cadre du Télévie en partenariat avec la Miami University, sera lui aussi reconduit.*
*Pour ce qui est de la veille de la Fête nationale, la commune dispose encore d'un contrat pour l'organisation d'un spectacle de drones. Un deuxième petit évènement est aussi prévu — le tout pour 90 000 €.*
*Le Festival de la bière sera remplacé par un festival de musique* made in Luxembourg, *qui aura lieu les 1er et 2 juin sur la place du Marché.*
*Le collège échevinal va acheter 12 petits chalets et éventuellement un grand. Par ailleurs, à partir du 1er janvier 2025, il ne sera plus possible d'utiliser du matériel jetable dans les fêtes et manifestations. La commune devra s'y préparer et a prévu un budget de 270 000 €.*
*Tous les détails figurent dans le dossier des conseillers communaux.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *rappelle que le budget sert à fixer les priorités pour l'année. Le logement est une de ces grandes priorités et la commune devra collaborer avec l'État dans le cadre du Pacte logement 2.0.*
*Le LSAP et le CSV veulent augmenter de manière significative le nombre de logements abordables. Le budget prouve que les deux partis prennent ces promesses au sérieux. Le collège échevinal prévoit d'investir dix-millions d'euros en 2024. Il s'agit d'un budget pertinent compte tenu de la situation. Ces investissements font partie de*

*ce que l'on appelle* aides à la pierre *et peuvent être subventionnés directement.*
*Pour Jerry Hartung, il existe trois cas de figure. Le premier consiste à faire construire une résidence sur un terrain vague comme cela a été fait pour Gravity. C'est le modèle classique.*
*Mais le collège échevinal veut aussi acquérir des maisons. Actuellement, l'offre dépasse la demande. L'acquisition de maisons par la commune n'aura donc qu'un impact marginal sur le marché. De toute façon, ces maisons devront remplir les conditions pour faire partie du logement abordable subventionné à hauteur de 75 % dans le cadre de l'aide à la pierre.*
*La troisième mesure consistera à minimiser le nombre de logements vides. Bien entendu, le propriétaire devra accepter les règles du jeu et vendre le bien à un prix raisonnable selon le principe des aides à la pierre. La commune entend donc faire d'une pierre deux coups, car les logements vides depuis longtemps sont souvent des taudis. En plus, ils permettront de créer des habitations sans détruire la nature.*
*L'AIS Kordall permet, quant à elle, aux propriétaires de louer facilement des biens immobiliers. Le loyer sera moins élevé, mais le propriétaire ne devra pas s'occuper directement de tout ce qui concerne la location.*
*Par ailleurs, la construction de logements constitue une plus-value pour la commune, qui voit son patrimoine s'agrandir et générer des recettes. Le service logement reçoit régulièrement des propositions qu'il s'agit ensuite d'évaluer.*
*Tout à l'heure, il sera d'ailleurs question de l'acquisition d'une maison. Les négociations ont été rapides, ce qui prouve que le marché de l'immobilier est particulièrement calme en ce moment. L'acquisition d'un deuxième bien en 2024 est déjà prévue.*
*Si d'un côté, les dépenses sont élevées, il faut les baisser de l'autre. Ainsi, la foire du logement Urban Living ne sera pas reconduite. Les 100 000 € serviront à acquérir des biens.*

datt mer dës dann och fir d'Recettes extraordinaires kënne richteg aplangen.

U sech viséiere mer dräi Cas de figure. Dat Klassescht, wéi mer zum Beispill beim grousse Projet Gravity haten. Op engem eidelen Terrain loosse mer en Appartementshaus bauen a kafen dëst of.

Dann, fir e bëssen ze diversifizéieren, datt mer emol eenzel besteeënd Objete kafen. Onsen aktuelle Bestand zielt ganz vill Appartementer a just vereenzelt Haiser. Et besteet awer och e Besoin no Leschterem.

Hei ass natierlech d'Fro berechtegt, ob mer net an de Marché agräifen. Vu datt am Moment esou vill an der Vente ass an et riskéiert net besser ze ginn, huet dëst kaum een Impakt. Au contraire: Mir kafe jo just, wann et fir d'Krittäre fir den abordabele Logement passt, punkto Fläch, Raimlechkeeten a präislech. Deemno just, wann de Präis esou ass, datt en integral an de Prinzip vun den Aides à la pierre passt an esou vum Maximum zu 75 % subsidéiert gëtt.

Dat heescht, mer drécken de Präis no ënnen. Mee effektiv ass dëst eng Pist, wou ee wuel net méi suivéiere wäert respektiv kann, wann den Immobiliemarché nees changéiert.

Den drëtte Cas de figure ass, datt mer versichen, den eidele Wunnraum ze minimiséieren. Eidele Wunnraum, deen net méi bewunnbar ass, hu mer an onser Gemeng. Oft, no laangem Leerstand, keeft kee méi dëst, well et mat vill Opwand verbonnen ass, fir op dëse Plazen nees uerdentleche Wunnraum ze schafen. Natierlech muss de Proprietär matspillen, soudatt de Verkafspräis an déi duerno usteeënd Renovatioun ganz an de Prinzip vun den Aides à la pierre erapassen.

Nieft deem vun eis esou geschafene Wunnraum op scho bebaute Surfacen, stellt dëst an der Reegel zwou weider Plus-valuen. Zum engen, um urbanistesche Plang sinn esou verloosse Plaze jo oft e Schandfleck an dem Quartier, dee mer esou anengems behuewe kréien. Zum anere schafe mer Wunnraum, ouni Natur mussen ze zerstéieren. Mer wëlle jo Logement, awer net alles zoubetonéieren.

Punkto bewunnbaren eidele Wunnraum verlounen, do hu mer jo d'AISK mat den Nopeschgemengen, iwwert déi e Privatproprietär ouni eegenen Opwand ka weiderhin einfach verlounen. Hie kritt zwar manner Loyer, mee en huet och keng Aarbecht mat der Locatioun, well dës vun eiser AIS K iwwerholl gëtt.

Am Kontext vum abordabele Logement wëll ech nach ervirhiewen, datt d'Schafung heivunner laangfristeg e Plus fir d'Gemengefinanzen duerstellt, well nieft dem vergréisserte Patrimoine esou zousätzlech Recettë fir d'Gemengekeess generéiert ginn.

Dir gesitt am Dossier, datt mer schonn aktiv ugefaangen hunn. Eise Service logement kritt reegelméisseg Proposen eran, wat mer evaluéieren, ob d'Objeten interessant fir eisen abordabele Logement sinn.

Um Punkt 8a haut hu mer schonn en éischte Kaf vun engem Haus. Do ware mer selwer iwwerrascht, wéi séier den Nottär alles prett hat. Mee do gesäit een, datt et am Moment immens roueg um Immobiliemaart ass. Dat konnte mer esou nach op d'Joer 2023 verbuchen, vu dass mer nach Sputt haten. An en Zweet ass am Budget 2024 virgesinn, dat ass och schonn um Wee bei den Nottär.

Wann een op där enger Säit vill ausgëtt, versicht een op där anerer Säit, weider Recetten ze hunn oder ze kucken, wou ee ka sträichen. Am Logement gesi mer, zum Beispill, fir den Urban Living, d'Foire zum Logement hei zu Déifferdeng aktuell näischt vir. An onsen Ae benotze mer dës 100.000 Euro zu dësem Moment méi sënnvoll, wa mer se an déi virdru geschildert Acquisitioune vu Wunnraum stiechen amplaz an de Marketing.

Am Kader vum Logement gesitt Der ënner de Recetten och nach, datt mer den Inventaire vun all eise Wunnengen an der Locatioun gemaach hunn a mer hei plangen, vereenzelt nach an de Kader Aides à la pierre eriwwerzehuelen, fir eeben déi staatlech Subsiden ze zéien.

Am Volet Wunne gëtt et eng Hausse vu 5.000 Euro fir d'Frais de fonctionnement. Dëse Surplus gesi mer vir, fir

gegeebenefalls zwou Konventioune mat externen Träger, déi d'Missioun vun, ënner anerem, der Koordinatioun vu Wunngemeinschafte géifen ofdecken. Punkto Logement wëlle mer jo verschidde Wunnforme promouvéieren, notamment d'Wunngemeinschaften. Fir dës ze kadréieren ass eng Zesummenaarbecht mat engem professionellen Träger, deen Erfarung an dësem Beräich mat bréngt, sécherlech sënnvoll.

Dann hu mer och e puer Strukture fir Flüchtlingen hei zu Déifferdeng. Fir de Karro, wou mer jo ee soziale Wunnprojet fir spéider virgesinn, hu mer elo schonn e Subsid ugefrot. Dëst, well jo aktuell dat ganzt Gebai un d'ONA verlount ass, wat am Prinzip souguer méi héich finanziell ënnerstëtzt géif ginn. Dofir ass et nëmme logesch, datt mer elo schonn e Subsid fir de spéidere Projet kréien an ons scho getätegt Depensë beim Kaf hei zum Deel gedeckt kréien.

Mat de Responsabele vun der ONA ass ofgemaach, datt wann 2024 d'Kontrakter fir de Karro an de Klenge Casino verlängert géife ginn, datt, wéi am Prinzip iwwerall am Land, de Staat d'Onkäschten am Klenge Casino iwwerhëlt an e soziale Loyer am Karro der Stad Déifferdeng als Ausgläich bezilt. Ech wëll hei ganz kloer ënnersträichen, datt eist soziaalt Engagement bleift, just datt mer kucken, déi vum Staat virgesinne finanziell Zouwendungen, déi mer zegutt hunn, fir d'Gemengekeess kréien.

Ech bleiwen am Département social. Punkto Job Center hu mer een neie Poste fir 71.000 Euro d'Joer. Hei iwwerhuele mer den zimmlech wäertvolle Projet Youth & Work, wou vill Jonker gecoacht a begleet ginn an esou de Wee an d'Aarbechtsliewe fannen. Dat gouf als Pilotprojet am Office social gestart an ab dem 1. Abrëll 2024 leeft d'Konventioun dann iwwert d'Gemeng.

Des Weidere schaffe mer weiderhin natierlech ganz staark mam CIGL zesummen.

Wéi am Gemengerot schonn ugekënnegt, plange mer, de Pakt vum Zesummeliewe mam Ministère de la Famille unzegoen. Dee ganze Volet Design for all, Égalité des chances an de Vivre ensemble interculturel ginn déi besteeënd Projete weider. An der grad erwäänte Konventioun an onsem Koalitiounsprogramm gesi mer weider nei Projete vir, an der Haaptsaach punkto Vivre ensemble an am Beräich Handicap. Zum Beispill e Café des langues, theematesch Austauscher, Sensibilisatiounsaktiounen, Promotioun vun den Noperschaftsfester an esou weider.

Dofir gëtt hei de Poste verduebelt vun 20.000 op 40.000 Euro, well mer eebe méi Aktivitéite virgesinn.

De Festival des cultures geet ëm 5.000 Euro erop, fir der Deierecht Rechnung ze droen.

Punkto Design for all ass kloer, datt mer dësem och bei eise Bauten a Renovatioune Rechnung droen, dat ass jo och esou gesetzlech virgesinn.

Dann eppes Neies hei zu Déifferdeng: Mir hunn ee Poste Budget participatif geschaf. Heifir gesi mer insgesamt 100.000 Euro vir. Wéi den Numm et seet, ass dëst, fir d'Awunner méi participativ an d'Entwécklung vun der Stad matanzebannen. Hei gi si encouragéiert, fir Iddie mat aneren, zum Beispill, am Quartier oder an anere Gruppen, ze entwéckelen an ons dës matzedeelen. Déi zréckbehale Biergerprojete ginn duerno partnerschaftlech vun de Bierger an der Gemeng ëmgesat. Ech sinn iwwerzeegt, datt dëst eng ganz flott Saach gëtt.

Eng aner flott Saach ass de Projet Déifferdeng, eng Stad hëlleft. Dee féiere mer natierlech weider. Hei brauche mer eng nei Berechnung fir dee gesamte Montant, deen natierlech der Deierecht muss weiderhi Rechnung droen.

Fir 2024 hu mer eng Enveloppe vun 375.000 Euro virgesinn.

Da kommen ech op de Ressort vun de Senioren, wou punkto Personal onse Service Senior Plus nees komplett besat ass. De Ruffbus Dinola fiert weider. D'Begleetpersoun hu mer mëttlerweil fest agestallt, well dëst eng grouss Plusvalue fir dëse Service duerstellt. Zum Beispill fir de Leit beim Eran- an Erausklammen ze hëllefen oder emol eng Akafstut ze droen.

*La commune a dressé un inventaire de tous ses appartements en location.*
*Le collège échevinal souhaite signer deux conventions avec des gestionnaires externes concernant le logement communautaire. Il s'agit de promouvoir les formes d'habitation alternatives.*
*Jerry Hartung passe aux structures pour les réfugiés. La commune a d'ores et déjà demandé un subside pour un projet de logement social pour le Karro. Actuellement, le bâtiment est loué à l'ONA. Les contrats pour le Karro et le Petit Casino devraient être prolongés en 2024. Si tel était le cas, l'État verserait un loyer compensatoire à la Ville de Differdange. L'engagement social de la commune ne faiblit pas, mais le collège échevinal veillera à profiter des subventions.*
*Un nouveau poste sera créé au Jobcenter pour 71 000 € par an. La commune reprend en effet le projet Youth & Work, qui encadre les jeunes sur le marché de l'emploi.*
*Le partenariat avec le CIGL est reconduit.*
*Le conseil communal va mettre en place le Pacte du vivre-ensemble avec le ministère de la Famille. Les projets concernant le Desgin for all, l'égalité des chances et le vivre-ensemble interculturel seront reconduits. De nouveaux projets sont prévus comme le Café des langues, des échanges thématiques, des campagnes de sensibilisation, etc. Cet article budgétaire passe de 20 000 € à 40 000 €.*
*Le budget pour le Festival des cultures augmente de 5000 €.*
*La loi prévoit que les communes tiennent compte du Design for all lors de la construction ou la rénovation de bâtiments.*
*Parmi les nouveautés figure un budget participatif de 100 000 €. Il s'agit d'inclure la population dans le développement urbain. Les Differdangeois pourront proposer des idées. La commune réalisera ensuite les projets retenus. Jerry Hartung se dit convaincu que ce projet fonctionnera bien.*
*Déifferdeng, eng Stad hëlleft sera reconduit. Le budget a été adapté à l'inflation. Le collège échevinal prévoit 375 000 €.*

*Jerry Hartung passe au volet des séniors. Le service Senior Plus est à nouveau au complet.*
*Un accompagnateur a été recruté pour Dinola. Il aide notamment les usagers à monter et à descendre du bus.*
*La commune continuera à proposer son service d'emplettes pour les personnes vulnérables en partenariat avec le CIGL. Les achats sont facturés entièrement aux usagers.*
*Le prix des Repas sur roues passe à 18,76 €. Tôt ou tard, la commune devra adapter le prix demandé aux citoyens.*
*Le service des sports va élargir son offre aux séniors. De son côté, le Club Senior continue de proposer un programme riche financé par les communes du bassin de la Chiers à travers une convention.*
*La fête des retraités a été annulée plusieurs fois pendant la pandémie. En 2023, elle a eu lieu au printemps. En 2024, elle sera de nouveau organisée en décembre.*
*L'école de musique de Differdange va fêter ses trente ans. Un budget extraordinaire de 40 000 € a été prévu à cet effet. Les célébrations principales auront lieu le weekend du 24 mars. Pour le reste, l'école achètera des instruments de musique à louer aux étudiants. Ce poste est passé du budget extraordinaire au budget ordinaire. En effet, l'équipement est renouvelé tous les ans.*
*Jerry Hartung passe à la bibliothèque et aux archives. Les activités ne couteront pas plus cher. En revanche, le budget a été revu à la hausse en ce qui concerne l'acquisition de matériel. Le budget pour les livres et le papier a augmenté de 5000 €.*
*La numérisation joue un rôle de plus en plus grand à la bibliothèque et aux archives. Jerry Hartung mentionne l'offre en livres électroniques. Le service Senior Plus s'occupe quant à lui du projet Mémoire du passé où il s'agit de recueillir le témoignage d'habitants de plus de 70 ans et d'en faire un petit film.*
*À partir du 1er janvier, les membres de la bibliothèque auront accès à la médiathèque numérique du Luxembourg. Ils pourront profiter de l'offre en documentaires, séries, films, musique comme c'est déjà le*

De Projet, wou d'Gemeng vulnerabele Leit hëlleft, fir hir Akeef an de Geschäfter oder der Apdikt ze tätegen, leeft och weider. Den Akaf kréien d'Leit natierlech 1:1 verrechent. Déi aner Onkäschten duerch d'Organiséieren an d'Persoun, déi d'Akeef leescht, oft een aus dem CIGL – vun dëser Plaz ee grousse Merci heifir –, iwwerhëlt d'Gemeng.

D'Offer vum Repas sur roues fir ons eeler Awunner féiere mer weider. De Bedreiwer huet op den 1. September dëst Joer de Präis op elo insgesamt 18,76 Euro gehéicht. Hei wäerte mer de Präis dann och no längerer Zäit nees mussen upassen. D'Onkäschte fir d'Placken iwwerhëlt weiderhin d'Gemeng ganz. Eng Plack, fir de Repas sur roues waarm ze maachen, kascht 646 Euro. An da kënnt nach dobäi, datt dës musse jo dann och reegelméisseg emol geflëckt oder ersat ginn.

D'Fester an d'Aktivitéite fir d'Seniore vun der Gemeng lafen och weider. Mam Sportsservice schaffe mer enk zesummen, fir dat sportlecht Angebot ze erweideren. Zousätzlech bitt onse Club Senior ee flott gefëllten an ofwiesslungsräiche Programm un. Dës Konventioun zesumme mat den anere Kordall-Gemengen ass Bestanddeel vum Budget.

Wärend Covid ass d'Rentnerfeier e puermol ausgesat ginn. 2023 war d'Fest am Fréijoer. 2024 wäerten dann, no laanger Zäit, dës Festlechkeete fir all ons Senioren nees am Dezember stattfannen, ënner neiem Konzept an Numm, der Chrëschtfeier. An zwar den 10., 11., an 12. Dezember 2024.

Ech kommen zur Museksschoul. Och do gëtt gefeiert, an zwar 30 Joer Déifferdenger Museksschoul. Fir dëst e bësse méi grouss opzezéien, hu mer fir 2024 en extrae Poste vu 40.000 Euro virgesinn. D'Haaptevent ass fir de Weekend vum 24. Mäerz geplangt.

Hei stinn och déi aner normal Posten, zum Beispill fir Instrumenter ze kafen, wat mer un d'Schüler ausléinen. Zum Poste fir d'Instrumenter an der Museksschoul sief bemierkt, datt dësen natierlech bestoe bleift. Dee steet elo op der Säit vum Ordinär an net méi am Kapitel vun den Dépenses extraordinaires. Do steet elo eng null, well eeben de Budget eriwwergeholl gouf an den Ordinär.

D'Erklärung ass einfach: Et gëtt jo all Joer Material ze erneieren, soudatt all Joer dëse Budget gebraucht gëtt. Sou mécht et Sënn, dësen am Ordinär ze féieren.

Ofschléisse maachen ech mat der Bibliothéik an den Archiven. Wat d'Aktivitéiten ubelaangt, kënnen dës mat de besteeënde Montanten an Zukunft weider ëmgesat ginn. Wat d'Material ugeet, do bemierkt een déi generell Deierecht, zum Beispill awer och duerch eng Hausse vum Pabeierspräis. Hei gouf de Poste fir den Akaf vu Bicher an Zeitungen ëm 5.000 Euro eropgesat.

Hautdesdaags ass net méi alles op Pabeier, au contraire, d'Digitalisatioun gëtt groussgeschriwwen an eiser Bibliothéik an an eisen Archiven.

Nieft der Offer ebooks.lu schaffe mer weiderhin un der digitaler Preservatioun a Valorisatioun vun eisem Material an den Archiven. An Zesummenaarbecht mam Service Senior Plus leeft de Projet Mémoire du passé, wou d'Erfarungsberichter mat interessanten Zäitzeie vun elo iwwer 70-Järege fir d'Éiwegkeet als klenge Film festgehale ginn.

Nei wäert ab dem 1. Januar sinn, datt mer onse Cliente vun der Bibliothéik iwwer hir Memberskaart den Accès zur Médiathèque numérique du Luxembourg, ofgekierzt de MéNuLu, ubidden.

Dank der Partnerschaft mat de Streamingplattforme Kanopy, Filmfriend an Divercities, déi sech op audiovisuell Programmer an Dokumenter fir Bibliothéiken an Universitéite spezialiséiert hunn, kënnen ons Clienten op eng ëmfangräich Mediebibliothéik mat Dokumentarfilmer, Serien, Spillfilmer, Kannerfilmer oder Musek zréckgräifen. Eng Offer, déi aktuell hei zu Lëtzebuerg d'Nationalbibliothéik, d'City-Bibliothéik an de CNA schonn ubidden. Ab dem 1. Januar dann och ons Déifferdenger Bibliothéik.

Ofschléissend wëll ech alle Leit, déi um Budget matgewierkt hunn, e grousse Merci soen. Och deene Leit a menge

Ressorten. An Iech ee grousse Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. D'Wuert geet un den Här Bertinelli.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dir Dammen an Dir Hären, ech géif mech mat der Ekologie befaassen als Éischt. Dëse Schäfferot hat gesot, datt d'Waasser eng Chefaffär wier, well dat, och wat d'Ëmwelt ugeet, dee gréisste Probleem ass, dee mer de Moment an eiser Stad hunn.

Dat heescht, do hu mer reagéiert. An der éischter Phas mat SICONA, datt mer dee ganze Wee erop vun der Chiers Hecke setzen, déif an de Buedem, fir d'Waasser minimum zwou Stonne gebremst ze kréien. Well no zwou Stonnen, wann et schnell reent, eis Kanalisatioun d'Waasser net méi packt.

Mir sinn och ënnerwee, duerch d'ganz Schmelz d'Kanalisatioun duerchzekucke mat Kameraen, ob do iergendwou eppes ass, wou d'Waasser net duerchkënnt, wat zu Nidderkuer erausgeet.

Da wëll ech och soen, datt mer ganz, ganz vill Uecht mussen dinn, well niewendru mer um déifste Punkt sinn, hei ronderëm, dat ass de Fousbann. An niewendrun eng riseg Zone industrielle gebaut gëtt, a Kronospan sech verdräifacht huet an dee Buedem matversigelt gëtt. An héchstwarscheinlech mir déi sinn, déi dat meeschte Waasser hei wäerten ofkréien. An dofir och elo scho Gespréicher hate mat der Buergermeeschtesch vu Suessem, fir do ze intervenéieren, bei der Ekonomie. Fir ze kucken, datt dat virdrun, ier dat opgeet, gereegelt ass.

Wéi gesot, dat leeft schonn. An der Phas 2 wäerte mer mussen Opfänkbasenge baue vun der Chiers uewen, der Schwaarzer Bréck bis erof an de Parc de la Chiers, fir d'Waasser do gebremst ze kréien, wéinstens zwou Stonnen. Fir datt net um ganze Fousbann d'Leit d'Waasser an de Kelleren oder souguer bis an d'Kiche stoen hunn. Dat war eng Prioritéit an do hu mer eis dru gehalen, do si mer och schonn amgaangen, drun ze schaffen.

D'Natur ass enorm wichteg. D'Natur, fir déi mir hei schaffen, fir déi Kanner, déi no eis kommen an déi Leit, déi no eis kommen, musse mir alles drusetzen, datt déi Natur esou ass, wéi mer se hannerlooss hunn, a wa méiglech nach besser.

Dofir hu mer och praktesch an deem heite Budget guer net vill gekäppt. Mir hunn dat, wat mer wollte maachen, hei an deem Budget dran a maachen dat.

Vu datt mer eng Industriestad sinn, gëtt all Joer d'Loftqualitéit gemooss an dat gëtt och erëm dëst Joer gemaach. Net, dass eppes aus der Industrie austrëtt, wat net sollt. Loft gesäit ee jo net, well se keng Faarf huet. Loft ass duerchsiichteg, dohier gëtt dat all Joer kontrolléiert.

Am Budget vun der Ekologie ass de Vëlo mat dran, d'Mobilité douce.dDofir sti 450.000 Euro dran. Mir hunn eng Zäitche misse waarden, well d'Regierung nach net en place war, well mer eis iwwerall wëllen ubannen un déi national Vëlosnetzer. Och do hu mer Projeten, wéi d'Vëlosnetzer hei och an der Stad selwer weiderzefueren an ze erneieren.

NetZeroCities ass enorm, NetZeroCities betrëfft alles an eiser Stad: d'Bauen, d'Wunnen, d'Mobilitéit.aAlles ass NetZeroCities. Mer hoffen dann och, datt mer et fir 2030 hikréien, wann een dat gesäit, wéi enorm dat ass, datt mer 2030 $CO_2$-fräi sinn. An et och reusséieren. Wann een dat eng Kéier ganz duerchrechent, wou iwwerall NetZeroCities dran ass, wat fir een enorme Budget dat ass, dat ass schonn net näischt. Mee wéi gesot, et ass derwäert fir eis Stad, an och fir den $CO_2$ bis op null erofzesetze bis 2030.

Mir hu Waasseretüde mam Waasserwirtschaftsamt, wat d'Iwwerschwemmung 2021 ugeet. Déi Etüde lafen nach. Do kommen an deenen nächste Méint nach Saachen op eis duer, wat mer kënne maachen. Do hu mer awer direkt musse reagéieren, fir effektiv de Probleem, dee mer an eiser Stad hunn, ze minimiséieren.

*cas pour les membres de la Bibliothèque nationale, de la City Bibliothéik et du CNA.*
*Jerry Hartung remercie tous ceux qui ont contribué à la réalisation du budget.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *passe au ressort de l'écologie. Pour le collège échevinal, l'eau constitue le problème environnemental le plus important. En partenariat avec SICONA, la commune va planter des haies le long de la Chiers pour freiner le flux de l'eau. En effet, quand il pleut fort, les canalisations n'arrivent plus à gérer le flux au bout de deux heures. Les canalisations de l'usine sont passées au peigne fin pour détecter d'éventuels problèmes.*
*Le Fousbann est le point le plus bas de la commune. À côté se trouve une énorme zone industrielle. Kronospan a triplé de volume et a bétonné le sol. Des discussions sont en cours avec le bourgmestre de Sanem pour voir comment intervenir.*
*Dans une deuxième phase, la commune va installer un bassin de rétention du pont noir jusqu'au parc de la Chiers pour éviter que le Fousbann ne soit inondé.*
*Fred Bertinelli souligne l'importance de l'environnement pour les enfants et pour les prochaines générations. Il faut tout faire pour améliorer la situation. Le budget tient compte du fait que l'écologie est une priorité du collège échevinal.*
*Differdange étant une ville industrielle, la qualité de l'air est mesurée tous les ans. L'air est transparent. Il faut donc effectuer des contrôles pour s'assurer qu'il ne contient rien de toxique.*
*Quatre-cent-cinquante-mille euros sont destinés à la mobilité douce. Il s'agira de relier les pistes cyclables differdangeoises aux pistes cyclables nationales.*
*Le projet Net0Cities concerne le domaine de la construction, du logement et de la mobilité. L'objectif est de rendre Differdange neutre pour 2030. Le budget alloué à ce projet est énorme, mais il est essentiel de diminuer les émissions de gaz carbonique.*
*Des études sont en cours concernant les inondations de 2021. Mais*

*le collège échevinal a tenu à prendre de premières mesures. Un bassin de rétention a été aménagé dans la rue Henri-Jungers. Des travaux sont en cours avec le SIACH pour une somme 3 120 000 €.*
*Les Diffprimes figurent au budget avec 175 000 €. Cinq-cent-mille euros sont destinés aux énergies renouvelables comme la photovoltaïque, l'éolien ou la géothermie.*
*L'un des objectifs de Net0Cities consiste à inciter les gens à rénover leurs habitations. Il reste du pain sur la planche dans ce domaine.*
*Le collège échevinal a promis de planter plus de mille arbres. C'est un projet ambitieux. La commune vient d'en commander 500. Fred Bertinelli mentionne aussi la trame verte commençant derrière Auchan et se poursuivant dans la rue de Soleuvre. Le collège échevinal souhaite faire baisser les températures de trois degrés en été. Monsieur Ulveling a expliqué tout à l'heure que les cours de récréation des écoles allaient devenir beaucoup plus vertes.*
*La commune compte acquérir des tanks d'arrosage et en a demandé un à ArcelorMittal pour recueillir l'eau de pluie au Thillebierg et l'utiliser pour arroser les espaces verts.*
*Fred Bertinelli mentionne ensuite la Wuelemswiss, les sentiers, le Kannerbongert, la rue des Mines, les chemins du Fond-de-Gras, etc.*
*Le budget prévoit 310 000 € pour un étang à Lasauvage destiné à recueillir de l'eau.*
*Net0Cities prévoit un bilan agricole.*
*Des études sont prévues pour 235 000 € dans le cadre du Pacte climat et la réduction des émissions de gaz carbonique.*
*L'approvisionnement en eau figure au budget pour 1 990 000 €. Fred Bertinelli mentionne aussi le réseau de chauffage urbain, des bassins de rétention, etc.*
*Une modification du PAG va permettre à la commune d'aménager quatre serres dans le cadre de son projet de maraichage et d'augmenter considérablement sa production de légumes. Vingt arbres fruitiers ont été plantés. Les enfants peuvent apprendre ce qu'est un jardin et d'où viennent les légumes. Récemment, ils sont allés cueillir des*

Natierlech gëtt d'Waasser kontrolléiert: d'Aarbechten, d'Kanäl, d'Reseauen. Mir hunn en Opfaangbaseng an der Rue Henri Jungers gemaach, um AS Terrain an natierlech déi Apporten, déi mer mat S.I.A.CH. zesummen hunn an déi Budgeten, déi mer do musse féieren. Hei geet et ëm eng Zomm vun 3.120.000 Euro, déi do zu Buch schloen.

D'Weiderfuere vun eisen Diffprimme mat 175.000 Euro. Do soll nach eng dobäi kommen. Do si mer nach amgaangen, driwwer ze verhandelen. An natierlech 500.000 Euro fir nei Energien. Do kënnt Photovoltaik, Wandenergie – wou mer eis nach net ginn hunn, fir ze probéieren, dat hinzekréie mat der Wandenergie. An d'Geothermie natierlech. Wou mer elo schonn, wéi den Här Buergermeeschter et gesot huet, ee grousse Succès hunn.

Weider fuere mer och mat der Renovéierung, well dat och ee vun den Haaptopträg vun NetZeroCities ass, datt d'Leit hir Haiser renovéieren. Do musse mer nach e groussen Apport drusetzen, finanziell, well mer do mam Staat a mat deenen Associatiounen, déi eis do mathëllefen, nach vill, vill méi musse maachen, wa mer dat bis 2030 wëlle realiséieren.

Des Weideren hate mer versprach, datt mer géifen an eiser Stad méi wéi dausend Beem setzen, wat en ambitiéise Projet war. An ech muss och elo soen, dass ech ganz, ganz frou sinn, wéi ech matkritt hunn, wéi vill Leit e Bam bestallt hunn an eiser Gemeng. Dat sinn der elo iwwer 500, déi e Bam bei sech doheem wëlle planzen. An dat freet mech enorm.

All déi Projeten, déi mer um Lafen hunn, wéi d'Trame verte hanner dem Auchan, déi herno weidergeet duerch d'Zolwer Strooss. Wa mer déi ufänken, datt mer wierklech nach vill méi Gréngs an nach vill méi Beem an eis Stad kréien. Mir wëlle mindestens dräi Grad aspueren am Summer. An och do, wéi den Här Ulveling et virdru gesot huet, déi Projeten an de Schoulhäff, wou vill, vill Makadamm läit, probéieren, esou gréng ze gestalten a mat Beem ze gestalten, datt mer déi Hëtzt iwwerall do eraushuelen.

Ënner dem Artikel Protection de la Nature hu mer Bewässerungstanken, déi mer wäerte schafen. Een hu mer ugefrot bei ArcelorMittal, fir um Thillebierg Waasser opzefänken, fir datt mer d'Beem a Planze mat Reewaasser netzen an net méi mat Drénkwaasser. Datt mer d'Waasser huelen, wat aus de Minne kënnt, an domadder all eis Plantatioune kënne netzen. Do waarde mer nach op eng Äntwert.

Dann d'Wuelemswisen, den Entretien vun de Feldweeër, de Kannerbongert zu Nidderkuer, d'Rue des Mines zu Uewerkuer, d'Weeër am Fond-de-Gras, de Wee hanner de Boulisten am Frankräich, deen Terrain, wou mer elo dat Gebai, wat eng Ruin war, ofgerappt hunn. Wou mer wëllen an der Natur en Naturpad maachen, wou mer och kënne mat Vëloen duerch een Deel do fueren, well et eis do erlaabt ass.

Zu Lasauvage wëlle mer e Killweier maachen, wou mer Waasser opfänken, wat mer do kënne gebrauchen. Am Budget sinn 310.000 Euro virgesinn.

Etüde fir de Bilan fir d'Agrikultur, déi mer maache musse wéinst NetZeroCities, ginn opgestallt: Recherche am Kader vum Klimapakt, Reduktioune vun den Emissiounen. Fir déi Etüde stinn 235.000 Euro am Budget an déi sinn amgaangen ze lafen.

Bei der Waasserversuergung hu mer am Budget 2024 1.990.000 Euro fir d'Zesummestelle an der Weiderféierung vun der Etüd fir d'hydraulesch Berechnung vum Drénkwaasser, d'Reseauen, d'Kontinuitéit ënner de Waasserleitungen, de Reseau vum Chauffage urbain. Deelweis musse mer do un d'Post an un d'SudEnergie rembourséieren. Divers Waassertanken, déi musse restauréiert an erneiert ginn, stinn hei och mat dran.

Weider wëll ech soen, datt mer et elo endlech gepackt hunn, datt mer de PAG geännert kritt hunn, datt mer do uewe bei eiser Maraichère deen Deel, dee mer ugelount hunn, déi Gäert esou grouss maachen, datt mer elo do véier Zäre wäerten hisetzen a vill méi Geméis do uplanzen.

Mir hunn iwwer 20 Uebstbeem gesat. Mir hunn e Stand gemaach fir d'Kanner, wou d'Kanner an d'Leit geléiert

ginn, wat e Gaart ass, wat am Gaart wiisst. Och mat de Kanner selwer. Deslescht si mer mat de Kanner Grompere siche gaangen a jiddwereen huet Grompere matkritt. Mir wëllen dat awer nach vill méi ausbauen, fir eis Kantinnen, fir d'Groussstrooss an och e Stand maachen um Site selwer, wou d'Leit kënne fir e klengen Obolus Geméis an Uebst kënne siche kommen.

Elo géif ech zu der Mobilitéit kommen. D'Mobilitéit huet e ganz, ganz haarden a schroen a groussen Impakt op eis Stad. D'Haaptgefill, wat d'Leit hunn, ass, datt mer vill ze vill Trafick an eiser Stad hunn. An datt mer och net wësse genau, wéi mer dat sollen ëmkéieren a wou mer de Verkéier sollen hikéieren.

An d'Mobilité douce, hunn ech scho gesot, wäerte mer vill méi mussen investéieren. Mir mussen awer och an de Parkraum investéieren. Mee et muss geziilt sinn, et muss ee wëssen, wou een dat mécht. An och Deeler, wou een da verkéiersberouegt wëll maachen an eng aner Mobilitéit an eis Stad kréien, si virgesinn. An duerfir probéiere mer, an all eise Stadkäre wéi Nidderkuer, Uewerkuer, Fousbann, Déifferdeng virun allem, Verkéiersberouegung ze maachen. Dofir hu mer am Budget eng Etüd fir 400.000 Euro agesat.

An ëmmer nach ze kucken, fir d'Leit op den ëffentlechen Transport ze kréien. Dee musse mer méi attraktiv nach gestalten a probéieren, d'Leit do drop ze kréien. An enger éischter Phas hu mer mol bei all de Busarrête Leitstelle gesat, datt d'Leit gesinn, wéini de Bus kënnt, wou en drun ass a wéini se de Bus huele kënnen, mat deem se fuere wëllen. Wou een um Busarrêt selwer andauernd gesäit, wou de Bus drun ass a wéi laang en nach brauch, bis en dann do ass.

A mir wäerte weider déi Apporte bezuelen, déi mer musse bezuelen. A fir d'Probleemer mam T.I.C.E. probéiere mer och, Léisungen ze fannen. Mee wat mer elo onbedéngt musse maachen: alleguerten eis Busse frësch op de Leescht huelen. Ob dat RGTR, Diffbus, Dinola ass, well vill Leit dobaussen net verstinn, firwat véier Bussen hannerenee gefuer kommen, an a kengem vun deene Busse sëtzt een dran. Do muss ee vläicht d'Logistik e bëssen anescht denken, datt verschidde Strecken, wou den T.I.C.E. souwisou fiert, vläicht net grad nach dräi Busser musse fueren, fir datt d'Leit vun Uewerkuer an den Zentrum kommen oder ëmgedréit.

Do ass eng grouss Aarbecht ze maachen, déi mer ugaange sinn an déi mer amgaange sinn ze maachen. Mir mengen, datt et éischter méiglech ass, wa mer dat richteg koordinéiert kréien, datt mer méi kleng Busse kënnen iwwert déi Kontrakter, déi mer hunn, fuere loossen. An domadder eis Sportsveräiner an eis Museksschoul kënnen desservéieren. Wat eis vill méi géif bréngen, wéi wa véier Bussen eidel ronderëmfueren.

Fir de Standard vun den Artikelen, d'Reglementer, d'Signalisatioun hu mir dëst Joer e bësse méi dragesat, well mir fannen, datt an de leschte Joren an deem Beräich net ganz vill geschitt ass. Och am Kader vun NetZeroCities musse mer, fir dee Kontrakt ze halen, vill Mobilitéitsprojete lancéieren a setzen.

Ënner anerem d'Weiderféiere vun der Rue de Hussigny. Mir wëllen d'Stadafaarte berouegen. Dat heescht net méi, datt ee riicht an eis Stad kann erafueren, wéi op enger Autobunn, mee iwwerall, wou een erafiert, Ëmgeeunge sinn, datt ee muss dréien a méi lues fueren. Wéi zum Beispill an der Woiwer Strooss. Domadder fänke mer elo mol un. An héchstwarscheinlech, mir sinn do amgaangen, kënnen déi Stroossen, och wann een erafiert – muss een ufroen, well et Staatsstroosse sinn –, Zon 30 ginn, fir datt d'Leit do méi lues erafueren.

Zemools well mer ganz vill Afaarten an eiser Stad hunn, déi an engem biergof leien.wWou d'Leit eragefuer kommen an dann nach méi schnell ënnerwee sinn, wéi se solle sinn. Wat extreem geféierlech ass, wann een Nidderkuer kuckt, den Déifferdenger Zentrum. Fir déi Berouegung ze kréien, si mer och mat enger Etüd amgaangen, fir ze kucken, wéi mer dat realiséiert kréien.

D'Vëlosverbindunge wäerte mer nach ausbauen an ausschaffen. An da wäerte mer och probéieren, Quartiersparkingen do, wou et méiglech ass a wou et Sënn mécht, hinzekréien.

*pommes de terre. Ces légumes sont utilisés dans les cantines de la commune. Mais l'idée consiste aussi à permettre aux particuliers d'aller acheter des fruits et des légumes sur le site.*
*Fred Bertinelli passe à la mobilité. Les gens ont l'impression qu'il y a trop de trafic et que la commune ne sait pas comment régler le problème. Il faudra investir dans ce domaine tout comme dans les places de stationnement. Pour cela, il faut une stratégie. L'objectif est de soulager les centres des localités. Quatre-cent-mille euros sont prévus à cet effet.*
*Les transports en commun doivent devenir plus attractifs. Les arrêts de bus disposent désormais d'indications claires quant à l'arrivée et au départ des prochains bus.*
*Le collège échevinal cherche aussi des solutions concernant le TICE. Les gens ne comprennent pas pourquoi le RGTR, le Diffbus ou le Dinola circulent les uns après les autres, mais sans passagers. On n'a pas besoin de quatre bus différents pour se rendre d'Oberkorn à Differdange. Il reste du pain sur la planche pour résoudre ces difficultés. Le collège échevinal estime qu'en coordonnant les différentes lignes, il doit être possible de recourir à des bus plus petits desservant les clubs de sport ou l'école de musique.*
*Au cours des dernières années, peu a été fait en matière de règlements et de signalisation.*
*Net0Cities exige aussi toute une série de projets liés à la mobilité. Il s'agira notamment de soulager les entrées en ville. Des mesures vont être prises pour ralentir le trafic et il ne sera plus possible de rentrer dans Differdange comme si on venait tout droit d'une autoroute. Comme il s'agit de routes nationales, des autorisations sont nécessaires pour en faire des zones 30. Fred Bertinelli pense notamment à la rue Woiwer.*
*En outre, plusieurs entrées de ville sont des descentes et les automobilistes ont tendance à rouler trop vite, ce qui est dangereux. Des études sont en cours.*
*Fred Bertinelli mentionne le développement des pistes cyclables, la création de parkings de quartier, la*

*promotion de sources d'énergie alternatives, etc.*
*Si d'un côté, il faut ralentir le trafic, de l'autre, il faut aussi prévoir plus de places de stationnement. Le City Parking va ouvrir en plein centre-ville.*
*Un des objectifs est de convaincre les gens à se déplacer à pied ou à vélo. De nombreuses rues vont devenir des sens uniques. Mais il faudra attendre le résultat des études pour voir ce qui est possible et ce qui ne l'est pas.*
*Fred Bertinelli mentionne le City Parking, le parking Nelson-Mandela, le parking écologique du Haneboesch, le parking écologique de Servior… Il faudra aussi réfléchir à la question des véhicules électriques. En effet, dans certaines villes allemandes, ils sont interdits dans les parkings fermés à cause du risque d'incendie. Il ne faudrait donc pas installer des bornes électriques partout si plus tard elles vont être interdites à l'intérieur.*
*Le collège échevinal veut aussi aménager un parking dans la rue de l'Eau à Oberkorn, près de l'école du Bock. Ce parking est essentiel. Mais la commune doit trouver une solution concernant les terrains et les infrastructures. Le budget prévoit 960 000 €.*
*La voirie représente aussi une somme considérable. Fred Bertinelli rappelle que certains projets ont été abandonnés comme la montée du Haut-Wangert. Les trous dans la chaussée sont tellement profonds que quand on promène son chien, il faut une échelle pour pouvoir l'en ressortir.*
*La suppression du PN 15 est absolument nécessaire si l'on veut mettre en place un concept tenant la route. Actuellement, les voitures de l'étranger passent par le centre-ville.*
*Des espaces verts seront aménagés dans la rue Émile-Mark et dans la rue de Soleuvre. Le collège échevinal va aussi réorganiser le carrefour du Woiwer.*
*Fred Bertinelli mentionne ensuite le rondpoint de Niederkorn, la rue Saint-Pierre, la rue Belair, la rue Pasteur, le centre de Niederkorn, le balcon de Lasauvage, la rue Saint-Nicolas, l'accès aux Woiwerwisen…*

D'Promotioun vun alternativen Energiequelle fir Elektro oder Waasserstoff. Hei schwätze mer vun enger Zomm vun 155.000 Euro, déi am Budget virgesinn ass, fir dat ze realiséieren.

Trotz dem Zil, generell den Trafick zu Déifferdeng ze berouegen, wat mer och musse maachen, komme mer net dolaanscht, fir Parkraum ze schafen. An dat musse mer och maachen. Wat de Parkraum ugeet, hu mer jo dee grousse Parking, de City-Parking mëtten an eiser Stad. Dee menger Meenung no op där Plaz och Sënn mécht, soudatt een och aner Parkraum kann zréckfueren, wa mer et verkéierstechnesch esou hikréien, datt mer eist Stroossennetz e bëssen do wäerten änneren. Op deem Wee si mer elo op jiddwer Fall, fir dat hinzekréien.

Generell ass geplangt, e ganzt Konzept fir eis Stad ëmzedenken, fir vill méi dem Foussgänger an dem Vëlo Plaz ze ginn. A fir eis Stad esou ze gestalten, datt mer vill Weeër wäerten hunn, déi nëmmen op ee Wee ginn, dat heescht Einbanen oder Kreesverkéier. Op jiddwer Fall ass et dat, wat mer wëllen. Ob et elo an alle Méiglechkeete machbar ass, ass bis elo nach net gewosst, well mer déi fäerdeg Etüden nach net do leien hunn.

Natierlech de City-Parking, Presentatioun Parking Souterrain Nelson Mandela, dee wäert gebaut ginn, wann eist neit Stadhaus, den Ausbau vun der Gemeng fäerdeg ass. Dann en E-Parking am Haneboesch, en E-Parking am Servior.

Do muss een awer oppassen, well do eng Neiegkeet de Moment ass. Dir wäert héieren hunn an den Noriichten, datt et lues a lues verbuede gëtt, Elektroautoen an zoue Parkingen ze stellen. Well wann déi bis brennen, kritt ee se net méi aus. Soudatt an Däitschland verschidde Groussstied schonn extra Parkingen hierstellen, fir d'Elektroautoe bausse stoenzeloossen. Datt, wa se brennen, datt se se esou erauskréien. An Däitschland ass dat schonn Usus: München, Frankfurt maachen dat schonn. A wann een elo géif eppes bauen, wou een Elektrobornen iwwerall hisetzt an am Endeffekt gëtt et da verbueden, se an e Parkhaus ze setzen, da misst ee kucken, do eng aner Léisung ze fannen.

Mer wëllen e Parking maachen an der Rue de l'Eau zu Uewerkuer bei der Bockschoul. Wou mer amgaange sinn, dorunner ze schaffen, fir deen hinzekréien. Well dat och batter néideg ass bei där grousser Schoul, fir dee Parking dohin ze kréien. Do si mer amgaange mat den Terrainen a mat den Infrastrukturen ze kucken, fir dat hinzekréien.

Gesamt an deem Projet sinn 960.000 Euro am Budget virgesinn.

Budgetsartikele vun der Voirie sinn och nach hei mat dobäi, well et och direkt de Stroossebau ugeet. Wat och ëmmer eng enorm Zomm ausmécht an awer batter néideg ass, well och verschidde Saachen an de leschte Joren dat eent oder dat anert emol falegelooss gi sinn. Dat ass virun allem d'Montée du Haut-Wangert, wou mer onbedéngt eppes musse maachen, well do esou grouss Lächer an de Stroosse sinn, datt ee geschwënn, wann ee mam Hond spadséiere geet, eng Lieder muss hunn, fir en erëm erauszehuelen.

D'Suppressioun vum PN15, muss onbedéngt geschéien, wa mer e Verkéierskonzept an eiser Stad wëllen, dat d'Strooss hält. An och fir esou ee Wee ze fannen, datt den Trafick, deen aus dem Ausland erakënnt, net ze vill duerch eise Stadkär muss fueren. Dann ass dat de Wee, deen ee muss maachen.

D'Reamenagement, wou ech schonn driwwer geschwat hunn, vun der Rue Emile Mark an der Rue de Soleuvre. Déi mer ganz gréng wëlle gestalten, Eewee wëlle maachen an elo endlech och an Ugrëff huelen. Déi Kräizung beim Berto, datt déi mol anstänneg gestalt gëtt. Do si mer och amgaangen, driwwer nozedenken.

De Rond-point zu Nidderkuer ass och an engem Projet mat dran. A Fäerdegstellunge vu Projete wéi d'Rue Saint-Pierre, d'Rue Belair, d'Rue Pasteur, den Nidderkuerer Zentrum, Phas 2 an 3, an d'Reamenagement vum Quartier Balcon zu Lasauvage. Reamenagement vun der Rue Saint-Nicolas, Accès zu de Woiwerwisen. Hei schwätze mer vun enger Zomm, am Ganzen, déi am Budget festgehalen ass vu 4.944.000 Euro.

Nach eng Ännerung ass, datt mer e bësse méi intensiv op de Ministèren

aktiv sinn. Datt eis dat wéi mam Tram net méi virkënnt.dDat heescht, mir si vill méi intensiv op de Ministèren, kucken d'Projeten. Mir wäerten Iech am Fréijoer eng Verkéiersetüd virstellen, wou Der gesitt – wat elo net direkt eppes mat der Déifferdenger Gemeng oder mat mir ze dinn huet – wat de Staat mécht: Feuille de route, CFL, Ponts & Chaussées, wat do schonn alles leeft. Beim Contournement Bascharage/Suessem an anere Saachen, wou d'CFL amgaangen ass, och aner Tracen ze leeën, wou aner Stroosse bäikommen.

Wann een do matzäiten um Ball ass, kann ee sech un déi eenzel Projeten ustrécken. Et kascht héchstwarscheinlech manner, mir verléiere vläicht manner Suen, mee et ass enorm wichteg fir eis Stad. Zemools, wann ee kuckt, wéi eis Garen hei an der Gemeng ausgesinn.

Wann elo nach Schoule bäikommen, an et kuckt ee sech moies un, wéi déi Kanner do stinn am Reen, wou keng richteg Arrêten do sinn, do musse mer intervenéieren.dDo musse mer onbedéngt d'Wallis huelen an dat demarchéiere goen, fir datt eis Stad net nëmmen um Pabeier déi drëttgréisst ass, mee een dat och an der Stad selwer ka gesinn.

Wéi gesot, et ass ganz, ganz vill ze maachen an unzepaken. Mir probéieren dat. Mir hu scho ganz, ganz vill gemaach. Eis Ekippen hu mer elo esou opgestallt, datt mer elo richteg ënnerwee si mat deene Saachen do a mir ginn eis do ganz, ganz vill Méi.

Nach eppes anescht, wat mer dobäi hunn, dat ass de Groupe économique, wou den Här Ulveling an ech dra sinn. Dir krut haut e bëssen eng kleng Anung, wat mer schonn an deene sechs Méint geschafft hunn, wou mer do sinn. Mir hu wierklech vill ze dinn, fir Leit iwwerall sichen ze goen, datt se op Déifferdeng hiert Geschäft sollen opmaache kommen. An dat wäerte mer och an deem Konzept weiderfueren.

Dir wäert alleguerten eng Invitatioun fir de Februar kréien, wou mer alleguerten d'Industriezonen, déi Leit, déi an der Zone industrielle sinn, all d'Geschäftsleit aus eiser Stad invitéiert hunn. Wou mer e Konzept wëlle virstellen, wéi Déifferdeng kéint an den nächste Joren ausgesinn.

Mir mussen och Etüde maache mat Leit, wéi zum Beispill zu Mons, eng Stad, déi e bëssen änlech wéi Déifferdeng ass, déi eng grouss Industrie mëtten an hirer Stad haten, déi verschwonnen ass. Déi hunn iwwer alternativ Weeër versicht, hir Stad erëm un d'Liewen ze kréien. Mir mussen eis och do méi schlau maachen, mussen a Stied goen, déi wierklech reusséiert hu wéi Diddeleng oder aner Stied.

Dat si mer och amgaangen ze maachen. Wéi gesot, mir probéieren, dat Liewen erëm an eis Stad ze kréien an net einfach fatal soen, deen alen Deel vun Déifferdeng ass net weiderféierbar. Do muss een dran investéieren. Och do muss een eng aner Mixitéit an d'Stad kréien, da geet d'Geschäftswelt och. De Beweis ass do: Leit aus der Stad, déi op Déifferdeng kommen, déi Geschäfter opmaachen, déi motivéiert sinn, hutt Der och gesinn.

Op jiddwer Fall probéiere mer dat. Mir wäerten eis déi nächst fënnef Joer domadder net ginn, fir der Stad Déifferdeng erëm dat Bild ze ginn, wat Déifferdeng och verdéngt. Duerfir jiddwereen, deen do eng Hand mat wëll upaken, och an deem Groupe économique, ass gäre gesinn. An ech hoffen, datt de Budget esou ass, wéi Dir Iech e virgestallt hutt.

Wéi gesot, et ass schwéier, zemools an der Mobilitéit, Iech genau Punkten ze nennen. Mee wann dat alles fäerdeg ass, sidd Dir déi Éischt, déi alles ze gesi kréien. Da wäert Der verschidde Saache verstoen, wat mer do e bëssen anescht wëlle maachen, wéi eis Stad kann an deenen nächste 15 Joer ausgesinn. Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen dem Här Bertinelli an de Virriedner villmools Merci fir déi Detailer. Maache mer 10 Minutte Paus.

(Paus)

Da kéime mer zum Punkt 4, engem wichtege Punkt: Déifferdeng, eng Stad hëlleft. Projeten an esou virun, déi zesummen ausgeschafft gi sinn, wou den Här Hartung eng Haaptroll gespillt huet. Ech géif d'Wuert dem Här Har-

*La commune a aussi l'intention de discuter de manière intense avec les ministres pour éviter que ce qui est arrivé avec le tram ne se reproduise. Au printemps, le conseil communal se verra présenter la feuille de route de l'État en ce qui concerne notamment le contournement de Bascharage et les projets des CFL. Differdange a tout intérêt à suivre ces dossiers de près — surtout quand on connait l'état de ses gares. Il n'y a pas de vrais arrêts. Les enfants qui vont à l'école doivent attendre le train sous la pluie. Il est temps que Differdange soit la troisième ville du pays ailleurs que sur le papier. La commune travaille dur, mais il reste du pain sur la planche. Fred Bertinelli et monsieur Ulveling font partie du groupement économique. Il n'est pas évident d'aller chercher des commerçants et de les convaincre d'ouvrir à Differdange. En février, la commune va organiser une réunion avec tous les commerçants et entrepreneurs de la ville pour présenter un concept. Fred Bertinelli compare Differdange à Mons, une autre ville avec une industrie en plein centre, qui a disparu. Il faut emprunter de nouvelles voies pour dynamiser la ville. Des villes comme Dudelange ont réussi.*
*En tout cas, le collège échevinal n'entend pas laisser tomber le centre historique de Differdange. Il faut des investissements, des logements et des commerces. Fred Bertinelli se dit convaincu que cela peut fonctionner. Le collège échevinal va tout faire pour redorer l'image de Differdange, comme elle le mérite. Tous ceux qui veulent contribuer à ce renouveau sont les bienvenus au groupement économique,*
*Fred Bertinelli se rend compte qu'il n'est pas facile de présenter des projets concrets — notamment en matière de mobilité. Mais il promet aux conseillers communaux de leur présenter les nouveautés en premier. Le collège échevinal entend faire les choses différemment que ces 15 dernières années.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *annonce une pause de dix minutes*
*(Pause)*

*Guy Altmeisch passe à Déifferdeng, eng Stad hëlleft. Il cède la parole à monsieur Hartung.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *rappelle que chaque année, la commune fixe un budget pour l'aide humanitaire. En 2023, c'était 375 000 €. La répartition des fonds est décidée par un groupe de travail auquel chaque parti politique peut participer. Jerry Hartung remercie tous les membres pour la collaboration constructive. Il remercie aussi madame Romaine Regenwetter, qui recueille toutes les demandes et entre en contact avec les ONG.*
*Les subsides sont accordés en fonction des aspects sociaux, mais aussi des aspects durables des projets : par exemple, des projets éducatifs, la formation professionnelle des femmes, l'accès à l'eau… Il ne faut pas perdre de vue que des projets agricoles sur des terrains en friche permettent non seulement de produire des aliments, mais aussi de lutter contre le réchauffement climatique.*
*La liste des subsides figure sur le Diffcloud. Les projets seront aussi présentés dans le Diffmag.*

**ELISABETH DA SILVA (DP)** *trouve important que Differdange soit une ville qui aide les autres. Elle se réjouit que près de 400 000 € soient mis à disposition. Les démocrates approuveront ce projet et remercient tous ceux qui le soutiennent.*

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** *remercie monsieur Hartung pour sa présentation. Elle salue le fait que tous les partis puissent participer au groupe de travail. De nombreuses organisations ont déposé des demandes plus ou moins détaillées. Il s'agit de bénévoles qui essayent de rendre le monde meilleur.*
*Zenia Charlé remercie à son tour madame Regenwetter ainsi que monsieur Diderich, qui connait bien les associations et qui a pu donner des conseils au groupe de travail.*
*Le subside le plus important — quelque 60 000 € – a été accordé à un projet de longue durée dans un pays du tiers monde. Mais d'autres organisations soutiennent des projets au Luxembourg.*

tung ginn, fir eis dat ze erklären. Här Hartung, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Am Budget gëtt jo all Joer e Betrag festgehalen, fir divers Associatiounen an der Entwécklungshëllef ze spenden. Dat ware fir d'Joer 2023 375.000 Euro. Fir datt dëse stolze Montant transparent a beschtméiglechst agesat gëtt, hu mer, wéi an de leschte véier Joren, e klenge Grupp, wou all Partei aus dem Gemengerot hire Vertrieder ka schécken, fir zesummen all d'Demanden duerchzehuelen.

Ech soen hinne vun dëser Plaz e grousse Merci fir déi flott a gutt Zesummenaarbecht. Dat war e ganz konstruktiven Owend, wou mer wierklech all déi Demanden duerchgeholl hunn.

E grousse Merci un d'Madamm Romaine Regenwetter aus dem Gemengesekretariat, déi all d'Demanden iwwert d'Joer sammelt, de Kontakt zu dësen ONGe fleegt an ons all dës Informatioune prett zesummendréit.

Zu den ONGen. Wéi an de leschte Joren, entsprécht d'Haaptrichtlinn bei der Vergab vun de Subsiden, nieft dem sozialen Aspekt, deem vun der Nohaltegkeet. D'Zil vun esou enger Hëllef muss sinn, fir op laang Siicht an Eegestännegkeet kënnen ze liewen respektiv e Plus fir eng ganz Regioun duerzestellen: Educatioun vu Kanner a Jugendlechen, beruflech Ausbildung vu Frae souwéi agroekologesch Projeten oder den Zougang zu Waasser, zum Beispill.

Et däerf een net aus den Ae verléieren, datt nieft dem Liewensmëttelgewënn fir d'Regioun esou broochleiend Land begréngt gëtt, wat am Kampf géint d'Äerderwiermung ee wichtegen Aspect duerstellt.

D'Lëscht, wéi déi Montante verdeelt goufe respektiv ginn, wat ech Iech bieden, esou wannechgelift matzedroen, fannt Der op der Diffcloud. Verschidde Projete ginn natierlech och wéi gewinnt am Diffmag virgestallt. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen dem Här Hartung Merci. Kéime mer zu de Wuertmeldungen. D'Madamm Da Silva, wannechgelift.

**ELISABETH DA SILVA (DP):**

Merci, fir d'Wuert. D'DP fënnt et ganz wichteg, dass Déifferdeng eng Stad ass, déi hëlleft. Mat grousser Satisfaktioun huele mer déi beuechtlech Zomm vu bal 400.000 Euro zur Kenntnis, wann een déi dräi Zommen hei zesummerechent. Mir kënnen deem als DP nëmmen zoustëmmen a soe villmools Merci u jiddwereen, deen hei ëmmer mathëlleft.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Charlé.

**ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Merci dem Här Hartung fir d'Presentatioun vum Projet Déifferdeng, eng Stad hëlleft. Ech si ganz frou, wéi mer do zesummekomm sinn an engem flotte Groupe de travail, wou all d'Parteie konnten dobäi sinn, dass ee sech do wierklech esou gutt konnt austauschen. aAn dass et esou vill flott Organisatioune gëtt, déi do hir Projeten eragereecht hunn, deelweis ganz detailléiert, anerer manner detailléiert. Mee wann ee sech dat méi genau ukuckt, gesäit een, dass do ganz vill dohanner stécht u Leit, déi am Benevolat schaffen, fir dës Welt besser ze maachen.

Et war eng super, super Zesummenaarbecht. An och vu mir op dëser Plaz der Madamm Regenwetter Merci, dass si hei dobäi war a wierklech iwwer Joren dës Projete scho kennt. Och dem Här Diderich, dee ganz vill vun dësen Organisatioune kannt huet an deelweis konnt e bësse presentéieren, wat engem heiansdo e bësse gehollef huet, ze wëssen, mat wéi engem Budget ee wéi eng Organisatioun soll oder muss ënnerstëtzen.

Do hate mer ganz verschidde Projeten, déi ënnerstëtzt goufen. Wann ech mech

elo net ieren, 57.000 Euro war dee gréisste Projet oder bal 60.000. Wou wierklech iwwer eng laang Zäit do Leit kënnen un eppes schaffen an engem Drëttweltland an do wierklech eppes ëmsetzen. An dann natierlech awer och verschidde Projeten, déi zu Lëtzebuerg stattfannen, fir d'Welt e bëssi ze verbesseren. Dofir villmools merci u jiddwereen, dee bedeelegt war. Dat ass eng ganz, ganz flott Saach. A mir hoffen, dass dat och an Zukunft ëmmer esou am Budget wäert erëmzefanne sinn. Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci och fir déi Informatiounen. Den Här Gary Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci Här Guy Altmeisch. Wéi schonn ugeschwat, Déifferdeng, eng Stad hëlleft ass e Programm an e Finanzement, wat mer decidéiert hunn als Déifferdenger Gemeng virun enger Rei Joren. Wou mer déi eenzeg Gemeng sinn, déi en Deel vun hirem Budget fest dofir andeelt. Dat war zu engem Moment, wou et de Gemengefinanze besser gaangen ass, wou mer op eemol duerch d'Gemengefinanzreform méi kritt hunn. Wat schonn e super Gest war. Awer dass mer dee Gest oprechterhalen, och an Zäiten, wou et och bei eis méi enk gëtt, weist ëmsou méi, wou de Solidaritéitsprinzip a -Gedanken ass an héichgehale gëtt.

Mir wëssen, wéi d'Situatioun an der Welt ronderëm ass a wéi dat eis impaktéiert. Ech mengen, da kënne mer eis just ausmolen, wéi et déi impaktéiert, déi vill manner Moyenen hunn, fir op déi Krisen, Energiekris, Kricher an esou weider, ze reagéieren. An dann ass et ëmsou méi wäertvoll, dass mer dat dote weider esou maachen.

Et ass scho gesot ginn, wéi eng Zort vu Projete mer do ënnerstëtzen. Et sinn eng Rei ONGen a Projeten, déi mer schonn e puer Joer ënnerstëtzen, fir esou en Impakt ze hunn, deen op laang Zäit geet. Deen d'Resilienz bei deene Communautéite soll stäerken, dass se ëmmer manner ugewise sinn op Hëllef an ëmmer méi eegestänneg an eege Moyenen hunn, fir mat de Situatiounen ëmzegoen.

Mir brauchen eis näischt virzemaachen. An där Entwécklung, an där mer sinn, eleng wat de Klimawandel ugeet, wäerte verschidde Regiounen ëmmer méi op eis Hëllef ugewise sinn. Kréie mer dat Ganzt net gedréit, ass nach vill Aarbecht do. An d'Weltwirtschaft, déi schafft och an déi entgéintgesate Richtung vun deem, wat mir am Fong als Esprit hei geholl hunn, fir déi doten Decisiounen ze huelen.

Wann ëmmer méi Baueren ofhängeg gemaach ginn duerch Saatgut, dat ëmmer méi monopoliséiert gëtt duerch Pestiziden, duerch Dumping op de Weltmäertspräisser – wou och d'Europäesch Unioun leider nach ëmmer eng ganz schlecht Roll spillt zum Deel, awer och aner grouss Muechten eebe probéieren, d'Ressourcen, zum Beispill aus engem afrikanesche Kontinent erauszezéien, dann ass nach vill Aarbecht do.

Déi doten ONGe maachen déi Aarbecht. Eng Rei vun deenen ONGen hunn en Accord-cadre mam Kooperatiounsministère – dat sinn och déi, déi méi grouss Finanzementer elo kréien, duerch déi Decisioun, déi mer hei virgeluecht hunn – a brauchen dofir ëmmer e Kofinanzement. E Kofinanzement, wat se iwwer Done kréien. Awer e Kofinanzement, dee mer bei verschiddene Projeten elo wierklech staark erliichteren, doduercher dass d'Stad Déifferdeng hei mataspréngt.

An ech soen och jidderengem Merci, deen an deem Kommitee mat vill Asaz matgeschafft huet a fir déi Méiglechkeet, dass mir als Déifferdenger Gemeng eis och dorunner kënne bedeelegen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. Madamm Ceman.

**EMINA CEMAN (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Ech wëll zu dësem Punkt soen, wéi wichteg et ass, dass mir als Gemeng humanitär a

*Zenia Charlé remercie tous ceux qui ont participé. Elle espère que ce poste continuera à faire partie des prochains budgets.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *rappelle que la Ville de Differdange est la seule commune à allouer une part fixe de son budget à l'aide humanitaire. La décision a été prise à un moment où la situation financière du pays était meilleure. Que la commune décide de poursuivre cet effort en ces temps difficiles montre la place qu'elle accorde à la solidarité.*
*Le Luxembourg constate à quel point les crises mondiales l'impactent. Il est donc facile d'imaginer les conséquences sur des pays qui n'ont pas les mêmes moyens. C'est pourquoi il est important de les aider.*
*Les projets que Differdange soutient sont des projets ayant un impact sur le long terme. Il s'agit de renforcer les communautés pour qu'elles n'aient plus besoin de demander de l'aide, mais qu'elles puissent s'en sortir par leurs propres moyens.*
*Avec le réchauffement climatique, certaines régions auront besoin de plus en plus de soutien. Il reste du pain sur la planche compte tenu du fait que l'économie mondiale va dans la mauvaise direction. L'Union européenne ne joue pas un rôle positif en cherchant à faire baisser les prix. D'autres puissances spolient le continent africain.*
*Les ONG obtenant les subsides les plus importants sont celles qui disposent d'un accord-cadre avec le ministère de la Coopération. Elles ont besoin d'un cofinancement à travers des dons. La Ville de Differdange contribue fortement à la réalisation de leurs projets.*
*Gary Diderich remercie le comité pour son engagement.*

**EMINA CEMAN (CSV)** *salue à son tour le soutien de la commune à des projets humanitaires et sociaux.*

*Les conseillers communaux disposent de la liste des associations soutenues.*
*Parmi ces organisations, figure par exemple Padem ASBL, qui promeut l'éducation, la formation et l'accès aux soins à Madagascar. Médecins sans frontières s'engage partout où il y a des conflits, des épidémies et des catastrophes. Elle intervient dans 74 pays. Stëmm vun der Strooss est active au Luxembourg et soutient les jeunes en décrochage scolaire, les sans-abris, les chômeurs, les bénéficiaires du Revis, les personnes dépendantes de la drogue ou de l'alcool…*
*Emina Ceman remercie madame Regenwetter et tous les membres du groupe de travail pour leur engagement.*

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)** *se dit fière du fait que Differdange réserve 0,25 % de son budget ordinaire à l'aide humanitaire.*
*Elle constate que de nombreux bénévoles, associations, clubs et particuliers s'engagent dans l'aide humanitaire. Elle les remercie tous.*

**MORGAN ENGEL (PIRATES)** *rappelle que Déifferdeng eng Stad hëlleft existe depuis des années. La commune réserve une infime partie de son budget à l'aide humanitaire. Comme il y a de nombreux endroits dans le monde où les choses vont moins bien, Morgan Engel approuvera ces dons.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe aux PAP.*

**TOM ULVELING (CSV)** *commence par une petite modification du PAP Anciens Ateliers à Niederkorn au lieudit Avenue-de-la-Liberté.*

sozial Projete finanziell ënnerstëtzen. Mir hunn hei eng Lëscht vun all deenen Organisatiounen, déi mir dëst Joer ënnerstëtzt hunn.

Dozou gehéiert, zum Beispill, PADEM ASBL, Ofkierzung fir Programmes d'Aide et de Développement aux Enfants du Monde, dee follgend Ziler huet: Färderung vun der Ausbildung, Färderung vun Akommesschafung an Aktivitéiten, Accès zur Gesondheetsversuergung. Dës ASBL ass a Madagaskar aktiv, wou vill Kanner ënnererniert sinn.

Eng aner Organisatioun ass Médecins sans frontières. Déi kenne mir jo all, dat ass weltwäit eng vun deenen Haaptorganisatiounen, déi do am Asaz ass, wou Konflikter, Epidemien oder Katastrophe geschéien. Si intervenéieren an insgesamt 74 verschiddene Länner.

Eng aner ASBL, déi hei am Land gutt bekannt ass, ass d'Stëmm vun der Strooss, déi ville Leit hëlleft, zum Beispill an engem Schoulofbroch, Leit, déi sech an enger schwiereger professioneller Situatioun befannen. Si hëllefe Sansabrisen, Chômeuren, Leit, déi de Revis kréien oder Leit, déi eng psychesch Stéierung oder eng Alkohol- oder Drogesucht hunn. Den Don, dee si kréien, gëtt zum Beispill fir Material benotzt. Wat eng ganz gutt Saach ass.

Dofir och vu mir e grousse Merci un d'Madamm Regenwetter an all déi aner fir hir ganz Aarbecht. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci. Da geet d'Wuert un d'Madamm Schütz, wannechgelift.

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):**

Gudde Moien alleguerten heibannen an och eis Nolauschterer.mMir als Déifferdenger kënnen eigentlech stolz drop sinn, dass dëse Projet: Déifferdeng, eng Stad hëlleft all Joer nees 0,25 % vum ordinäre Budget ofwerft, woumat vill flott Projeten ënnerstëtzt a gedroe kënne ginn.

Ech si frou, dass dat momentan weider esou virgesinn ass. Denken awer och un all déi Leit, ASBLen, Clibb oder Privatleit, déi ëmmer erëm groussen Asaz weisen. Dofir e grousse Merci un all eenzelen, deen heibäi eng Hand ugepaakt huet, soudass dës Hëllef do ukënnt, wou se wierklech gebraucht gëtt. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Schütz. Madamm Engel.

**MORGAN ENGEL (PIRATEN):**

Merci fir d'Wuert. De Projet Déifferdeng, eng Stad hëlleft gëtt et jo schonn eng Rei Joren. Am Moment stellt d'Gemeng e Brochdeel vun hiren Dépenses ordinaires fir e gudden Zweck zur Verfügung. Op ville Plazen op der Welt geet et de Leit net esou gutt wéi bei eis, dat däerfe mir net vergiessen. Dofir kënne mir dat heite gäre matstëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci. Wann et keng weider Wuertmeldunge gëtt, kënne mer zum ' kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les projets et actions soutenus en 2023 par Déifferdeng eng Stad hëlleft.*

Ech soen Iech Merci. Da kéime mer zum Punkt 5, wou mer déi verschidde PAPen analyséieren a votéiere mussen. Ech géif dofir dem Här Ulveling d'Wuert ginn. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dat Éischt ass eng kleng banal Modifikatioun vun engem PAP Anciens Ateliers zu Nidderkuer. Dat ass um Lieu-dit Avenue de la Liberté respektiv Galerie Honsbësch. Hei huet sech erwisen, dass

d'Strooss liicht anescht gebaut gouf, wéi et am Fong initial virgesi war. Doduerch ass e Probleem entstane fir dee Mann, deem säi Garage do hätt sollen hikommen, fir deen dann nach esou do kënnen hinzesetzen, wéi et initialement virgesi war. Dat gouf geännert. De Garage ass esou klasséiert ginn, dass en alignéiert ass un d'Strooss. Soudass mer, mengen ech, dat heite kënnen einfach sans problème stëmmen. Et ass, wéi gesot, eng ganz liicht Modifikatioun.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Gëtt et Wuertmeldungen zu där Modifikatioun? Dat ass net de Fall, da komme mer zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la modification ponctuelle d'un plan d'aménagement particulier dénommé Anciens Ateliers Niederkorn concernant des fonds sis au lieudit Avenue-de-la-Liberté à Niederkorn, présentée par le collège échevinal pour le compte de l'administration communale.*

Da kéime mer zum Punkt 5). Här Ulveling, et ass nach eng Kéier un Iech, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Hei handelt et sech ëm de Projet An der Kundel, wou an engem Quartier existant soll eng Zone jardin an eng Zone jardin-serre ëmgewandelt ginn. Dat heescht, do gëtt eng Zon elo an zwee gespléckt. Well an enger Zon PAP Quartier existant jardin däerfen am Prinzip nëmme ganz kleng Unitéite vun Zären opgeriicht ginn.

An hei freet den Här Bertinelli fir de Projet, wou en elo huet, fir eng relativ grouss Zär op deem Gebitt opzeriichten, fir dat ze ënnerdeelen, wéi gesot, PAP Quartier existant jardin an e PAP Quartier existant jardin-serre. Soudass mer eng kleng Modifikatioun musse maache vun engem Terrain, fir fir de Projet Maraichage Zären do kënnen opzeriichten, wou een och kann eppes dra schaffen an net sou Mini-Zären. Ech mengen, dat ass och eng kleng Modifikatioun, wou mer kënnen hei einfach mathuelen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Erklärungen. Den Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären aus dem Gemengen- an dem Schäfferot, ech wollt kuerz e Wuert dozou soen, ergänzend zum Här Ulveling. Bis elo ass eng Surface vun 20 Meterkaree erlaabt an deem besteeënde Quartier existant. An dat geet jo selbstverständlech net duer.

Mee ech wollt awer soen, an Zukunft wäerte mer nach ëfters musse Modifikatioune maachen. Well Dir gesitt, wann een eppes esou festschreift an de Quartiers existants, wéi mer der elo an der ganzer Gemeng hunn, a mer setzen alles fest, da stousse mer bei ville Projeten op Widderstand.

Mer mussen déi sämtlech Quartiers existants iwwerschaffen. Dofir wäerte mer deemnächst nach ëfters drop zréckkommen. Ech hoffen, dass mer déi Saachen, déi mer elo gesinn hunn, déi Revendicatiounen, déi mer elo scho festgehalen hunn, déi am Laf vun engem Joer oder zwee Joer komm sinn, dass mer déi scho kënne regruppéieren an doriwwer eraus och nach kucken, wat nach kéint Probleemer ginn an dat an der Bautekommissioun virgräifen, virausschauen an dann eng méi staark Modifikatioun vum PAP Quartiers existants hei dem Gemengerot proposéieren. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Interessant Erklärungen. Gëtt et nach eng Wuertmeldung zu deem Punkt? Da kéime mer zum '.

*La route a été construite différemment de ce qui figurait sur les plans. Un des habitants ne peut donc plus construire son garage là où il le voulait. Après une légère modification, le garage est aligné à la route. (Vote)*

*Tom Ulveling passe au projet An der Kundel, une zone jardin. En principe, dans les zones PAP Quartier existant jardin, seules de petites serres peuvent être aménagées. Or monsieur Bertinelli voudrait aménager une grande serre pour son projet de maraichage. C'est ce qui explique la modification du PAP.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *ajoute que dans les quartiers existants, seule une surface de vingt mètres carrés est autorisée.*

**TOM ULVELING (CSV)** *constate que c'est ce qu'il vient de dire.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *précise qu'une telle surface ne suffit pas. Il suppose que ce genre de modifications vont se répéter. Car si l'on fixe beaucoup de règles pour les quartiers existants, cela va poser des problèmes lors de la réalisation de projets.*

*Erny Muller espère que la commune a regroupé toutes les revendications reçues ces deux dernières années pour que la Commission des bâtisses puisse intervenir à l'avance et proposer une modification conséquente des PAP QE. (Vote)*

**TOM ULVELING (CSV)** *passe au PAP Op de breeden Dréischer II destiné à des logements. Le promoteur est tenu de financer l'équipement de voirie et l'équipement public. Il devra aussi verser 145 000 € à la commune pour acquérir du mobilier urbain. Il devra aussi prévoir une garantie bancaire de 2,1 millions d'euros pour la première phase et de 1,2 million d'euros pour la deuxième phase.*
*Le PAP a déjà été approuvé par le conseil communal, mais il a dû être clarifié entretemps pour ce qui est du logement à cout modéré, qui doit représenter 10 % de la surface construite brute.*
*Le prix de vente n'était pas très clair non plus dans la dernière convention. Tom Ulveling rappelle que le projet comprendra à la fois des appartements et des maisons. Leur prix TVA de 3 % comprise devra être inférieur de 20 % au prix moyen indiqué par l'Observatoire de l'habitat.*
*Tom Ulveling trouve que le projet est vraiment chouette. Les ministères ont demandé des précisions. Une fois que celles-ci seront approuvées, le projet pourra commencer.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *confirme que le prix de vente des logements à cout modéré est soumis à certaines limites.*
*Les socialistes apprécient particulièrement la petite surface qui sera cédée à la commune sous la forme d'un petit parc avec une aire de jeux. Sa surface passe de 25 % à 40 %. Un tel parc de quartier constitue une vraie plus-value comme le prouve Wuelemswiss.*
*Pour ce qui est des logements à cout modéré, Erny Muller demande si la commune sera informée de l'évolution des réservations. En effet, Differdange manque de maisons en location.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier Quartier existant de la Ville de Differdange et concernant des fonds sis au lieudit An-der-Kundel et l'article 30, présenté par le collège échevinal pour le compte de l'administration communale.*

Ech soen Iech Merci. Mir kéimen zum Punkt 5). Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Dat ass de PAP Op de breeden Dréischer II. Do soll jo zousätzleche Wunnraum entstoen an dat regléiert éischtens, dass de Promoteur den Equipement voirie an den Equipement public nécessaire à la viabilité du PAP, wéi et hei steet, muss finanzéieren. Dat ass alles op Fraise vun deem Promoteur.

Weider steet an der Konventioun, dass en eis eng Enveloppe budgétaire vun 145.000 an e puer Zerquetschtener muss zur Verfügung stellen, fir do eng Spillplaz an e Mobilier urbain unzeleeën. An dass e muss eng Garantie bancaire vun 2,1 Milliounen an der éischter Phas an an der zweeter Phas 1,2 Milliounen Euro zur Verfügung stellen, fir dass mer eng Garantie hunn, dass déi Aarbechte realiséiert ginn.

Dee PAP war schonn eng Kéier hei am Gemengerot, huet awer haaptsächlech misse modifizéiert ginn, well et net kloer war, wéi dat mam Logement à cout modéré sollt sinn. Elo ass festgehalen, dass 10 % vun der Surface construite brute muss fir de Logement à cout modéré zur Verfügung gestallt ginn an dësem Projet.

De Prix de vente – dat war och ee Punkt, deen net esou ganz kloer war an där vireger Konventioun – ass esou festgeluecht, dass engersäits Appartementer gebaut ginn, anerersäits Haiser.

Fir d'Appartementer ass et esou, dass de Prix de vente mat 3 % TVA comprise 20 % ënner dem Prix moyen au mètre carré indiqué par l'Observatoire de l'habitat muss sinn, fir d'Appartementer en futur état d'achèvement. A bei den Haiser muss en 20 % ënner dem Duerchschnëtt vun den Haiser sinn, 20 % ënner dem Präis ugebuede gi fir de Logement à cout modéré.

Dat heiten ass e flotte Projet, dee scho länger bekannt ass an deen elo aus de Ministèren zréckkomm ass, well dat net esou ganz kloer war. Wa mer dat haut hei esou stëmmen, da kann dee Projet ugoen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Den Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Den Här Ulveling sot kloer, dat geet jo och aus dem Pacte Logement ervir, dass déi Verkafspräisser gewësse Limitte mussen anhuelen, fir iwwerhaapt an de Genoss ze komme vun deene Konditiounen, fir eng Acquisition à coût modéré ze maachen.

Wat eis als LSAP gutt gefält, ass, dass déi Surface vu 25 %, déi cedéiert gëtt – wat hei an dësem Fall eng gréng Surface ass a Form vun engem klenge Park mat Spillplaz –, dass déi op bal 40 % eropgeet. Dat gëtt eis e gutt Fräizäitgefill an engem Quartier, e sougenannte Quartierspark, änlech wéi dat bei de Wuelemswisen de Fall war um Fousbann. Dee Park ass eng Plus-value fir de Quartier an dat geschitt dann och hei.

Mee ech wollt awer an der Haaptsaach op de Logement à coût modéré zréckkommen, déi Wunnengen. Do ass eppes drakomm, wat ech schonn deemools gesot hunn an ech wollt och eng Fro stellen dozou. Dat ass, dass d'Stad Déifferdeng informéiert gëtt iwwert d'Evolutioun vun de Reservatiounen. Well ech hat deemools gesot, dass mer kéinten drun denken an Zukunft, fir d'office als Gemeng do materanzeklammen an esou Wunnengsprojeten.

Zemools well, souwäit ech informéiert sinn, an den Här Hartung weess dat och, dass momentan souguer Haiser e Probleem duerstellen, fir an d'Locatioun ze ginn. Do hu mer e Besoin an

eiser Gemeng, fir Haiser zur Verfügung ze stellen. Hei sinn där Haiser dobäi.

Dir gitt jo informéiert iwwert d'Evolutioun vun de Reservatiounen.sSollt dat net um private Marché fortgoen, dass mer direkt géifen als Gemeng intervenéieren a versichen, déi dann opzekafen zu de Konditioune vum Pacte Logement. An da kéinte mer dat an de Service logement oder der AIS zur Verfügung stellen. An och an zukünftege Projeten.

Hei ass momentan ee vun deene gréisseren, ee vun deene leschten, dee mer elo en vue hunn. Ausser de Mathendahl, wou och nach net fäerdeg ass. Mee duerno hu mer jo nach näischt weider an der Pipeline. Mee och bei neie Projete wär et interessant, wa mer géifen e gewëssenen Undeel iwwerhuelen.

10 % ass de Minimum, et ass jo net verbueden, dass de Promoteur méi zur Verfügung stellt, wa mer mam Promoteur eens ginn, dann ass dat jo och kee Probleem. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Den Här Hartung, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Ech wëll soen, datt mer do effektiv schonn a Gespréicher sinn, fir Haiser an Appartementer an eise Parc immobilier opzehuelen, iwwer Aides à la pierre. Dat ass schonn amgaangen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Gëtt et weider Wuertmeldunge betreffend déi Ännerungen? Nee, da komme mer zum '.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention signée avec la société Bepe Immo SARL dans le cadre du plan d'aménagement particulier au lieudit Op-de-breeden-Dréischer-II à Oberkorn.*

Ech soen Iech Merci. Kéime mer zum Punkt 6, zum Enseignement fondamental. Do géif ech dem Här Wagner d'Wuert ginn. Här Wagner, wannechgelift.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Hei geet et ëm nei Affektatiounen an der Grondschoul. Natierlech muss d'Direktioun de Feu vert ginn an och de Comité d'école. Dat ass geschitt. Trotzdeem muss et duerch de Gemengerot goen.

An do hu mer e puer Changementer. Dir kënnt am Dossier den Numm vun de Leit liesen. Do si Changementer op zwou Plazen allkéiers, den Titulaire de classe gëtt elo Surnuméraire an ëmgedréit, dass deen aneren dann Titulaire gëtt vun der Klass, aus diverse Grënn. Mee dat ass awer esou ofgekläert och mat der Direktioun. An ech bieden Iech, dat matzestëmmen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner. Gëtt et Wuertmeldungen zu deem Punkt? Da komme mer zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide à l'unanimité de ratifier les changements relatifs à l'occupation de postes dans l'enseignement fondamental.*

Ech soen Iech Merci. Kéime mer zum Punkt 7 betreffend d'Personal. Mir mussen eng Adaptatioun vum Organigramm maachen. An zwar misst de Mobilitéitsservice verstäerkt ginn, vu déi vill Aarbecht, déi an deem Service besteet. A vu, dass mer do an der Zukunft wëllen op eng Verbesserung

*C'est pourquoi elle doit se tenir informée de tous les projets de construction. Dans ce cas précis, si certaines maisons n'étaient pas vendues sur le marché privé, la commune pourrait essayer de les acquérir aux conditions du Pacte logement et de les mettre à disposition du service logement ou de l'AIS.*
*Parallèlement à ce projet-ci, celui du Mathendahl est aussi en cours. Mais Erny Muller pense aussi aux projets à venir.*
*En plus, les 10 % de logements à cout modéré constituent un minimum. Rien n'empêche un promoteur d'en proposer plus.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *précise que des négociations sont en cours pour acquérir des maisons et des appartements dans le cadre des aides à la pierre.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe à l'enseignement fondamental.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *passe à de nouvelles affectations dans le fondamental. La direction et le comité d'école ont donné leur feu vert.*
*Les conseillers communaux disposent du dossier avec tous les noms. Il s'agit de titulaires de classe devenant surnuméraire et vice-versa.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe au personnel.*

*Le service mobilité va être renforcé pour faire face au travail engendré par les nouvelles mesures. De nombreux investissements sont nécessaires pour améliorer la situation sur les routes.*
*(Vote)*
*Guy Altmeisch passe aux actes et conventions — et notamment un acte notarié pour l'acquisition d'une maison.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *explique que la commune veut devenir un acteur dans le domaine du logement abordable. Le service logement reçoit régulièrement des propositions pour acheter des biens immobiliers.*
*La maison dont il est question aujourd'hui fait 158 m² et dispose de 4 chambres. Elle n'est pas neuve, mais a été rénovée il y a dix ans.*
*Au départ, le prix de vente était fixé à 900 000 €. Il a baissé de 100 000 €. Mais comme il faut prévoir des travaux, le service logement estime que 720 000 € constituent un prix correct. La propriétaire a accepté l'offre rapidement.*
*Dans le cadre des aides à la pierre, la commune recevra immédiatement une subvention de 540 000 €, c'est-à-dire 75 % du prix, à laquelle s'ajoutent 25 000 € dans le cadre du Pacte logement 2.0.*

**ERIC CILLIEN (DP)** *soutient les investissements dans le logement abordable. Il estime que la commune doit acquérir des maisons, car beaucoup de familles nombreuses se trouvent en situation de précarité.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *salue à son tour l'acquisition. Les logements abordables constituent une priorité pour les écologistes. Il est important d'en mettre à disposition pour le bienêtre des citoyens.*

bauen, wat eise Bierger zegutt kënnt an där ganzer Mobilitéit. Net nëmmen d'Mobilité douce, och d'Mobilitéit mam Auto an déi aner, déi eis jo awer Kappzerbrieches maachen. A wou mer nach musse vill investéieren. Do si mer, nodeem mer mam Service diskutéiert hunn, zum Zesummeschloss komm, e Posten ze schafen, fir déi vill Aarbecht, déi do besteet, ze garantéieren.

Gëtt et zu deem Punkt Wuertmeldungen? Nee. Da kënne mer zum ' kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'adaptation de l'organigramme prévoyant la création d'un poste de fonctionnaire appartenant au groupe de traitement A2, sous-groupe scientifique et technique pour le service mobilité.*

Ech soen Iech Merci. Mir kéimen zum Punkt 8, den Akten an de Konventiounen. De Punkt 8a ass en Acte notarié vun enger Acquisitioun vun engem Haus. Ech géif do d'Wuert un den Här Hartung ginn, fir eis d'Detailer dozou ze ginn. Här Hartung, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Wéi am Budget erklärt, wëlle mer punkto abordabele Logement net nokucken, mee selwer Acteur sinn. De Service logement kritt reegelméisseg vu Privatleit Offeren eran, ob d'Gemeng interesséiert wär, fir hiert Haus oder Appartement ze kafen. Vu datt mer eise Bestand vergréissere wëllen, geet eise Service logement Offeren no, déi interessant kéinte sinn. An dësen Objet ass interessant, mat ronn 158 Meterkaree Wunnfläch a véier Kummeren. Dobäi kënnt, datt et zwar net méi nei ass, awer an engem gudden Zoustand, well et gouf viru ronn zéng Joer renovéiert. Soudass hei keng Aarbechte musse gemaach ginn.

D'Haus stoung uganks fir ronn 900.000 Euro zum Verkaf, dat war zu enger Zäit, wou den Immobiliemarché besser war. Duerno si se mam Präis ronn 100.000 Euro erofgaangen. Eise Service logement huet ausgerechent, vu datt keng Aarbechte mussen agerechent ginn, wären et 720.000 Euro integral an eeben den Aides à la pierre an huet dëst och mam Logementsministère am Virfeld ofgekläert. D'Verkeeferin huet déi Propos zimmlech séier akzeptéiert, soudatt dëse Kaf stattfënnt.

Zum Finanziellen: Mir bezuele 720.000 Euro. Vu datt et integral ofgedeckt ass, kréie mer direkt 75 % zréck. Also 540.000 Euro. An da kréie mer nach 25.000 Euro an d'Dëppe vum Pacte Logement 2.0 guttgeschriwwen.

Ech bieden Iech, dësem Kaf zouzestëmmen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen dem Här Hartung Merci. Gëtt et Wuertmeldungen? Den Här Cillien wannechgelift.

**ERIC CILLIEN (DP):**

Här Buergermeeschter, Här Hartung, natierlech stëmme mer dat dote mat. Et ass eng gutt Saach, datt mer an den abordabele Logement investéieren a virun allem kucken, datt mer Haiser an eise Stock kréien. Well dat effektiv e Manque ass a well mer awer och vill Groussfamillen hunn, déi an enger prekärer Situatioun sinn, fir deene Leit eng Offer unzebidden, wat net en Appartementshaus ass. Dofir wäerte mer dat doten natierlech matstëmmen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Cillien. Här Aguiar, wannechgelift.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Als déi Gréng begréisse mir d'initiativ, fir d'Haus ze kafen. Cette démarche s'inscrit dans notre engagement envers le logement abordable, qui est une priorité pour nous tous.

La mise à disposition des logements adaptés et accessibles est vraiment

importante pour le bienêtre et la stabilité de nos citoyens, de notre avenir.

Mir begréissen d'Initiativ. Cependant, il manque dans le dossier un état des lieux, qui est important. Si on arrive à acquérir une maison, un état des lieux doit être absolument présenté aux conseillers afin d'étudier le dossier, respectivement les photos. C'était toujours un argument qu'on a entendu pendant ces dernières années. Faites ce que je dis, pas ce que je fais — ça donne un peu cette impression.

Non, c'est vraiment important. Mir begréissen natierlech déi Initiativ, mee dorénavant, on aimerait bien que les dossiers soient complets dans le Diffcloud. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Eng ganz interessant a léierräich Bemierkung, Här Aguiar. Dat erënnert mech un al Zäiten. Mee et ass awer richteg. Et ass wichteg, dass een nach Leit heibannen huet, déi sech fir d'Dossieren interesséieren, analyséieren a feststellen, wat feelt. Ech mengen, dofir sëtze mer hei all zesummen, fir dat zum Wuel vun eise Bierger iwwert d'Bün ze kréien. Ech soen Iech Merci.

Wie wëllt nach eppes soen? Den Här Gary Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, ech si ganz frou, dass mer deen heiten Akt haut presentéiert kréien. Dat ass ee vun den éischten Akten, wou mer wierklech en Haus ofkafen. A wann ech d'Presentatioun vum Budget esou kucken, schéngt et nach méi an déi Richtung ze goen. Ech mengen, et ass e gudde Moment, fir dat ze maachen. Den Här Hartung huet zwar gemengt, den Immobiliemarché wär virdru gutt gewiescht. Ech hunn den Immobiliemarché virdrun iwwerhëtzt an iwwerdriwwe fonnt. Elo komme mir erëm méi an eng Normaliséierung zréck.

Ech muss awer och soen, vu dass mer vu bezuelbarem Wunnraum schwätzen: Viru méi wéi zéng Joer, wéi ech hei am Gemengerot ugefaangen hunn, hätte mer och nach Haiser kritt zu deenen dote Präisser. Oder souguer nach méi bëlleg. An déi Jore si leider verluer, wou ee schonn domat hätt kënnen ufänken a schonn hätt kënne maachen. An och zu aneren Zënstauxen, wéi dat haut de Fall ass, mat Emprunten an esou weider.

Mee et ass ni ze spéit! Ech si frou, dass mer elo domadder ufänken. An ech denken dat elo ze maache bréngt en zousätzleche Bien-fait, well wierklech vill Leit dobausse sinn, déi grad an déi schlechtste Period gefall sinn, fir hir Wunneng ze verkafen.dDéi schonn eng nei kaf haten, well se e Wiessel gemaach hunn, an déi wierklech an der Nout sinn. Also déi wierklech virun der Iwwerverscholdung stinn, ganz deier Iwwergangsprête bezuelen.

An do ass et net nëmmen, wéi elo d'Stad Lëtzebuerg, fir de grousse Promoteure vill Saachen ofzekafen, mee och de Leit, eenzel Leit eppes ofzekafen. An dat ass dat, wat mir elo hei maachen. En plus valoriséiere mer domadder de Bestand hei zu Déifferdeng.

Dat sinn alles gutt Argumenter. Virun allem de bezuelbare Wunnraum, deen ech elo net méi extra erwäänt hunn, well dat versteet sech bal vum selwen. Opgrond vun deem, wat scho gesot ginn ass a wat ech selwer déi lescht Jore gesot hunn. Also mir begréissen dat als Lénk a stëmmen dat.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. Nach Wuertmeldungen zu deem Punkt? D'Madamm Charlé wannechgelift.

**ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter, merci fir d'Wuert. Ech kann nëmme begréissen, dass mer dat Haus do kënne kafen. An dat och maachen.

Wéi schonn den Här Diderich gesot huet, et huet zwou positiv Säiten. Op där enger Säit keeft een de Leit eppes of, déi am Moment hir Saache ganz schwéier lassginn oder kënne verkafe

*La seule chose qui manque est un état des lieux pour que les conseillers communaux puissent étudier le dossier correctement. Les socialistes en ont souvent fait le reproche à l'ancienne majorité. Mais en fait, ils ne font pas ce qu'ils disent eux-mêmes. Paulo Aguiar voudrait que les dossiers soient complets.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *constate que monsieur Aguiar vient de dire une chose pertinente qui lui rappelle le passé. Monsieur Aguiar a raison : les conseillers communaux doivent pouvoir étudier les dossiers pour le bien des citoyens.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *se réjouit à son tour de la présentation de cet acte. C'est la première fois où la commune achète une maison. Et d'après le budget, ce ne sera pas la dernière. De toute façon, c'est le bon moment pour le faire. En effet, le marché de l'immobilier était en surchauffe et il redevient normal.*
*Il y a plus de dix ans, quand Gary Diderich est entré au conseil communal, les prix étaient aussi relativement bas. Ces années ont été perdues. Mais mieux vaut tard que jamais.*
*En plus, les gens ont vraiment du mal à vendre leurs habitations. Les taux d'intérêt sont élevés. L'intervention de la commune apporte donc un double bienfait. Contrairement à Luxembourg-Ville, qui n'achète ses biens qu'aux gros promoteurs, Differdange fait des affaires avec des particuliers et valorise en même temps le patrimoine de la ville.*
*De toute façon, Gary Diderich n'a plus à rappeler l'importance qu'il accorde au logement abordable. Il l'a suffisamment dit au cours des dernières années. Déi Lénk approuvera l'acte.*

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** *salue à son tour l'acquisition de la maison. Comme l'a souligné monsieur Diderich, la commune fait d'une pierre deux coups. D'un côté, elle aide ceux qui n'arrivent pas à vendre leurs biens. De l'autre, une famille en difficulté pourra recevoir de l'aide si elle ne trouve rien sur le marché primaire de l'immobilier.*

*Zenia Charlé se réjouit aussi du fait que le budget de l'année prochaine prévoit d'autres acquisitions. La commune a emprunté la bonne voie.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *a pris note de la demande d'un état des lieux. Le service logement s'est rendu sur place et a vérifié que tout était en ordre. Mais il n'a pas dressé d'état des lieux. Cependant, Jerry Hartung peut fournir des photos aux conseillers communaux.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe à un contrat de bail dans la rue de la Liberté.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *explique qu'il s'agit du local de monsieur Glauden, que la commune loue. Il n'est pas spécialiste du type de commerce qui va y ouvrir. Madame Charlé en sait plus que lui. Le rez-de-chaussée est destiné aux enfants. À l'étage, on enferme un groupe de personnes dans une pièce et ils doivent trouver un truc pour ouvrir la porte. Apparemment, ce concept fonctionne bien à Luxembourg-Ville.*
*Le contrat de location porte sur huit ans.*
*Fred Bertinelli se réjouit de l'ouverture d'un nouveau magasin dans la zone piétonne.*

**ERIC CILLIEN (DP)** *félicite le collège échevinal d'avoir réussi à louer ce local à un jeu d'évasion. C'est dans l'air du temps. Le Gaming Café qui ouvert à Esch il y a un an fonctionne vraiment bien.*

wéinst dem problematesche Marché. Op där anerer Säit kann een enger Famill, déi an enger schwiereger Situatioun ass, oder méi Familljen, hëllefen, eppes ze fannen an net op eemol op der Strooss eventuell ze sëtzen oder sech anzwousch anescht mussen Hëllef siche goen, well se sech einfach näischt méi kënne leeschten an hiren aktuelle Stand net lassginn.

Mir kënnen dat just begréissen. An ech freeë mech och, datt am Budget fir d'nächst Joer virgesinn ass, weiderhin esou Projeten ze maachen. Ech denken, dass mer do definitiv um richtege Wee sinn, fir all zesumme besser kënnen ze liewen. Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci fir d'Erklärungen. Wann et keng Wuertmeldunge méi gëtt, da géif ech d'Wuert un den Här Hartung zréckginn, fir nach e puer Detailer. Här Hartung, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci fir déi positiv a konstruktiv Wierder. Dat mam Etat des lieux huelen ech mat. Eise Service logement war op d'Plaz kucken, huet awer kee richtegen Etat des lieux tracéiert, vu datt et jo kaf gëtt. Mee si hunn awer alles gekuckt an eebe bescheinegt, datt alles am gudden Zoustand ass. Ech kann Iech herno awer gären d'Fotoen an alles weiderginn. An d'nächste Kéier wäerte mer dat natierlech alles op d'Diffcloud setzen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci, Här Hartung. Mir kéimen zum '.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte de vente avec madame Nadine Breuskin visant l'acquisition d'une maison unifamiliale sise à Differdange au 5, rue C.-M.-Spoo.*

Ech soen Iech Merci. Kéime mer zum Punkt 8), e Contrat de bail vun engem Geschäftslokal an der Rue de la Liberté 13 bis 17. Dofir géif ech dem Här Bertinelli d'Wuert ginn. Här Bertinelli, wannechgelift

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Wat ech elo uganks gesot hunn, dat ass d'Geschäft vum Här Glauden, wat mer gelount hunn als Gemeng. An do kënnt elo en Escape Room dran. Wéi gesot, do sinn ech net esou dee grousse Spezialist, ech war an esou engem Déngen nach ni dobannen. Do ass ënne fir d'Kanner, wat se ganz flott gemaach hunn, dat hunn ech gekuckt, eppes mat Luuchten, wou d'Kanner op de Mauere Saache kënne maachen.

An uewenop, do gëtt e Grupp erageloos, da gëtt d'Dier zougespaart, an da mussen déi esou en Déngen erausfannen, fir d'Dier erëm opzekréien. Also dat ass eppes, wat iwwerall an der Stad wonnerbar gutt leeft, soe se. Effektiv ware se benzeg, fir do unzefänken. An déi hunn dat op aacht Joer gelount. Also déi hu Courage, fir dat esou laang ze lounen.

Mir si frou, datt mer an der Zone piétonne erëm e Geschäft hunn. Ech soen Iech Merci, datt Der deem zoustëmmt.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Bertinelli. Den Här Cillien, wannechgelift.

**ERIC CILLIEN (DP):**

Och heifir wéilt ech Iech felicitéieren. Éischtens well Der dat Lokal do erëm besat kritt mat engem Escape Room, wat am Fong en vogue du temps ass. Wann een zu Esch kuckt, dee Gaming Café, dee virun engem gudde Joer opgaangen ass, dee leeft richteg gutt. An, vu datt mer eng relativ staark Communautéit jo och hunn u Studenten hei an eiser Stad, mengen ech, ass dat e Point d'attraction, fir déi hei ze halen, a fir datt déi och dat Angebot notzen.

An ech mengen, datt et souguer eppes ass, woumat mer och d'Leit aus dem Kordall an aus der Ëmgéigend kënnen unzéien. Dat ass eng ganz gutt Initiativ. Ech felicitéieren Iech. A mer gesi jo, wann een en Engagement op aacht Joer ageet, datt se sech erhoffen, datt dat och lafe wäert. Ech hunn do vollst Vertrauen dran. Meng Fraktioun wäert dat natierlech stëmmen. Merci.

#### BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Cillien. D'Madamm Pregno, wannechgelift.

#### LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci fir d'Wuert. Och vun eiser Säit Felicitatiounen. Awer virun allem dem ekonomesche Grupp, well et jo déi sinn, déi wierklech um Terrain schaffen a sech all Dag d'Féiss oftrëppelen, fir interessant Projeten op Déifferdeng ze lackelen an dann och ze kréien an am beschte Fall hei ze behalen. Mee do si mir all als Bierger gefuerdert, dass mer déi Saachen och notzen.

Mat esou engem Escape Room ass vläicht genau dat viséiert, wat mer an eisem ale Stadzentrum brauchen.wWell mer jo och virdru gesinn hunn, dass e Shopping Mall à l'air du temps ass fir akafen ze goen. Ech sinn der Meenung, dass mer genau am Stadzentrum esou Nischeproduite brauchen, wou de Konsument sech seet, dat ass elo derwäert, dass ech mech op Déifferdeng an den ale Stadkär deplacéieren. Do si mer um richtege Wee. An dofir och vun eiser Säit all eis Felicitatiounen. Merci.

#### BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci. Da géif ech d'Wuert un d'Madamm Ceman ginn, wannechgelift.

#### EMINA CEMAN (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Zu dësem Contrat de bail wëll ech soen, dass dat eng ganz flott Initiativ vun der Gemeng ass, ganz besonnesch fir eis Jugendlecher, awer net nëmmen. Och fir Erwuessener, déi mat Aarbechtskolleege beispillsweis um Teambuilding schaffe wëllen. Fir jonk Leit ass esou en Escape Room immens flott, well se u Spiller deelhuele kënnen a wou et net nëmmen ëm de Spaass gëtt, mee och ëm d'Kreativitéit oder d'logescht Denken. Ech si ganz optimistesch, dass dëse Centre de loisirs vill genotzt wäert ginn. Merci fir d'Nolauschteren.

#### BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci fir déi Detailer. D'Madamm Charlé, wannechgelift.

#### ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Merci, Här Altmeisch. Ech komme kuerz op dës Firma ze schwätzen, déi elo heihinner wäert kommen. Fir déi, déi se vläicht net kennen, CROCUS Quest Games ass relativ bekannt fir jiddwereen, dee gären am Beräich vun Escape Rooms kurséiert. Dat ass eng, déi et am längsten hei am Land gëtt. Net déi längst, virdru war schonn eppes hei, déi et mëttlerweil net méi gëtt. Mee do gesäit een, datt do eppes dohannert ass.

Wann een eppes op aacht Joer verlount, do gesäit een, dass se sech wierklech wëllen hei niddersetzen. An dat net just als Testphas vun engem, zwee Joer ze gesinn ass. Dofir kann een dat wierklech begréissen, vu dass mer jo op laang Siicht wëlles hunn, Saachen an den Zentrum ze kréien.

Wéi d'Madamm Ceman gesot huet, dat ass net nëmme fir Jugendlecher. Vläicht si Jugendlecher an éischter Hisiicht do viséiert, mee dat ass awer eppes, wat ganz vill vun Erwuessenen och genotzt gëtt: Firmen, déi sech hei zesummesetzen, Teambuilding gëtt do ganz grouss-geschriwwen. Et gëtt och Kanner-Escape-Rooms, wou ee misst kucken, ob dat och viséiert ass.

#### SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):

Jo.

*Differdange compte une communauté importante d'étudiants. Un jeu d'évasion pourrait devenir un point d'attraction — y compris pour les personnes habitant le bassin de la Chiers ou les environs.*
*Les exploitants s'engagent pour huit ans. Cela prouve qu'ils ont confiance.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *félicite à son tour le collège échevinal, mais surtout aussi le groupement économique, qui travaille sur le terrain pour attirer les commerçants. Ensuite, c'est aux Differdangeois d'en profiter.*
*Laura Pregno pense qu'un jeu d'évasion est exactement ce qu'il faut au centre-ville. En effet, les gens vont faire leurs courses dans les centres commerciaux. Les centres-villes ont donc besoin de produits de niche.*

**EMINA CEMAN (CSV)** *salue à son tour cette initiative de la commune, qui est intéressante pour les jeunes, les adultes et pourquoi pas les professionnels voulant s'engager dans des activités de* team building.
*Les jeux d'évasion requièrent de la créativité et un esprit logique. Emina Ceman se dit optimiste quant au succès de ce centre de loisirs.*

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** *croit savoir que la société s'appelle Quest. Mais elle est mieux connue sous le nom de Crocus Quest, du nom de leur local à Luxembourg-Ville. Tous ceux qui s'intéressent aux jeux d'évasion la connaissent.*
*Qu'ils louent le local pour huit ans prouve qu'ils veulent s'établir. C'est une bonne chose pour Differdange. Comme l'a dit madame Ceman, les jeunes ne sont pas le seul public cible. Les adultes, les enfants et les entreprises s'y intéressent aussi.*
*Les jeux d'évasion sont relativement rares au Luxembourg. Celui de Differdange devrait donc attirer du monde.*

*Le local pourrait même avoir des répercussions sur le tourisme, car certains voyagent à travers l'Europe pour participer à des jeux d'évasion. Les gens qui viendront à Differdange vont aussi manger et boire — et donc s'attarder à Differdange.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *ajoute que des discussions sont en cours avec les restaurateurs de la place du Marché. Le jeu d'évasion organisera des activités avec eux.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe à l'avenant d'un contrat de bail avec l'office social.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *signale qu'en juillet, le collège échevinal a discuté avec l'office social de l'espace dont il a besoin. À l'époque, l'office social occupait le premier étage du centre médicosocial et quelques bureaux du cinquième. Il avait été convenu de lui accorder aussi le deuxième étage une fois que l'ADEM déménagerait.*
*En attendant, le collège échevinal a proposé à l'office social plus de bureaux au cinquième étage. Trois sont libres. L'office en occupera deux.*
*Jerry Hartung demande au conseil communal d'approuver le contrat de bail.*

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)** *explique que la décision des écologistes n'a rien à voir avec les locaux ou les personnes.*

**ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Dat ass nämlech eppes, wat et relativ wéineg zu Lëtzebuerg gëtt. Wann een esou eppes hei hätt, géif ee vill Leit unzéien.

Ech weisen och op de positiven Aspekt vum Tourismus hin, well et gëtt effektiv ganz vill Leit, déi duerch Europa reesen an a ganz ville Stied esou Escape Rooms opsichen, ënner anerem ech. Ech fannen dat wierklech eng super, super Saach. Ech denken, dass mer domat richteg vill Leit kënnen heihinner zéien, déi dann och hei iessen, déi hei eppes drénken. Dat ass jo dee wichtegsten Aspekt: Leit heihinner ze kréien, déi no hirer Aktivitéit, déi just eng Stonn dauert, sech hei ophalen.

Ech fannen dat eng ganz gutt Saach. Villmools merci fir d'Wuert.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi flott Informatiounen. Ech géif dem Här Bertinelli nach eng Kéier d'Wuert ginn.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech wollt just soen, datt mer et och fäerdegbruecht hunn, déi Leit beieneen ze bréngen. Déi Leit hei an déi Leit, déi e Restaurant op der Place du Marché hunn. An déi hu scho mateneen ofgemaach, datt se elo Saachen organiséieren, datt déi Leit vum Escape Room sech zesummesetze mam Restaurant, wou deen dann Iessen ubitt oder spezifesch Menüen ubitt, datt déi matenee kënne schaffen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Bertinelli. Wann et keng Wuertmeldunge méi gëtt, kënne mer zum ' kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail avec Crocus Quest Games SARL d'un local commercial situé à Differdange aux 13-17, avenue de la Liberté.*

Ech soen Iech Merci. Mir kéimen zum Punkt 8), en éischten Avenant vun engem Contrat de bail mam Office social. Ech géif d'Wuert un den Här Hartung ginn.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Do hate mer am Juli mam Office social zesumme gekuckt, wat si vu Plaz brauchen. Si haten zu deem Moment dee ganzen éischte Stack am Centre medico. Wat u sech jo hir Haaptplaz ass. An um fënnefte Stack nach vereenzelt Büroen.

Mat hinnen hate mer deemools ofgemaach, datt wann d'ADEM 2024 fortplënnert, si deen zweete Stack zousätzlech bei den éischte géife bäikréien. Dat géif raimlech gutt beienee passen.

Bis dohinner, fir awer uerdentlech kënnen ze schaffen an d'Leit anstänneg ze empfänken, hu mer hinnen, vu datt um fënnefte Stack nach dräi Büroe fräi sinn, dës als Iwwergangsphas proposéiert.

Hei am Avenant gesitt Der, huele se der elo mol zwee vun dësen dräi. Deen drëtte fräie Büro hale mer hinnen awer nach op, well deemnächst hei nach eng weider Persoun wäert agestallt ginn.

Et géif mech freeën, wann Der dëst géift matstëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci, Här Hartung. Gëtt et Wuertmeldungen? Jo, d'Madamm Schütz, wannechgelift.

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):**

Ech wollt just eppes Klenges derzou bemierken. Hei geet et eis net ëm d'Leit, déi de Kontrakt ënnerschriwwen hunn,

an och net ëm d'Raimlechkeeten. Mee vu dass mer de 27. September, deemools, wéi de Projet virgestallt ginn ass, dergéintgestëmmt hunn, wäerte mer natierlech dann haut och nees nee stëmmen, well mer einfach mat deem, wéi dee Service social do ënnerbruecht ass, net d'accord sinn.

Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Weider Wuertmeldungen zu deem Punkt? Den Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Do gëtt awer elo versicht, wierklech gutt Konditiounen ze erstellen. Als LSAP kënne mir net domadder averstane sinn, dass elo gesot gëtt, datt dat net an der Rei wär. Et kënnt elo drop un, mat deene Méiglechkeeten, déi een huet, dat eent oder dat anert nach ze verbesseren, den Accueil anescht gestalten. A moyen terme ass eng Maison sociale geplangt, da kënne mer dat jo komplett plangen, wéi dat haut no moderne Krittäre soll sinn.

Ech mengen, wat Dir gesot hat, deemools housch et, et wäre keng Raimlechkeeten do. An Dir hat optéiert fir en anere Projet, dee scho lancéiert war, fir et net ze nennen, am Gravity. An elo ergëtt sech dat awer hei. An deemools hate mer jo scho gesot, wat mer do aspueren och. Ech mengen, et ass och eng finanziell Fro. An op där anerer Säit solle mer awer och dat esou optimal wéi méiglech gestalten, dass souwuel d'Personal wéi och d'Leit, déi dee Service an Usproch huelen, beschtméiglech kënnen empfaangen an och betreit ginn.

Ech mengen, dorëms geet et. An dat wäert den Här Hartung och kucken, dass mer an deem Kader déi eng oder déi aner Verbesserung maachen. Ech mengen, do ass nach Potential dran.

An X Joren – hoffen net ze laang – hu mer jo dann eng nei Maison sociale souwisou. Dat wollt ech awer nach als LSAP zousätzlech soen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci, Här Muller. D'Madamm Pregno, wannechgelift.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Et ass bewonnerenswäert, Här Muller, wéi Der hei Aarbechte vu Schäffen iwwerhuelt. Mir hunn eis jo erkläert, firwat mer dat esou stëmmen. Mir hunn an eiser Usproch am leschte Gemengerot kloer an däitlech eis Meenung gesot – ech mengen, jidderengem seng. Wann Dir eppes erkläert, ech mengen net, dass mir dann esou géifen op eng Replik reagéieren. Villmools merci awer.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Also ech hunn d'Meenung vun der LSAP gesot.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci fir déi interessant Bemierkungen. Wa kee méi e Wuert ze soen huet, kënne mer zur Ofstëmmung kommen.

*Le conseil communal décide avec 16 voix oui et 3 voix non d'approuver le premier avenant au contrat de bail avec l'office social de Differdange pour des locaux situés au centre médicosocial de Differdange.*

Ech soen Iech Merci. Mir kéimen zum Punkt 8d, engem Contrat de bail vun engem Geschäftslokal op 4, Place du Marché zu Déifferdeng. Ech géif dem Här Bertinelli dozou d'Wuert ginn.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dat ass elo déi aner Säit vun der Medail. Dat ass de Restaurant, deen do opmécht. Ech weess, dass Kolleege vum virege Schäfferot schonn do hannendru waren a laang, laang huet dat gezögert. Elo hunn eise gudde Gemengesekretär

*Mais comme le 27 septembre, ils voteront contre, car ils ne sont pas d'accord avec la façon dont le service social est hébergé.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *trouve pourtant que les conditions sont bonnes.*
*Actuellement, il est nécessaire d'améliorer les choses avec les moyens du bord. À moyen terme, une maison sociale va ouvrir. Elle correspondra à des critères plus modernes.*
*Les écologistes avaient opté pour des locaux différents dans Gravity. Le projet avait été lancé. Mais désormais, il existe d'autres opportunités.*
*Bien entendu, il s'agit aussi d'une question financière. Mais l'essentiel est que les personnes encadrées par l'office social puissent être accueillies dans de bonnes conditions. De toute façon, monsieur Hartung veillera à améliorer l'une ou l'autre chose. Il y a du potentiel. Et dans quelques années, Differdange disposera d'une maison sociale.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *s'étonne du fait que monsieur Muller réponde à la place du collège échevinal. Les écologistes n'ont fait qu'expliquer la raison de leur décision. À chacun de voir les choses comme il l'entend. Mais les écologistes ne répliquent pas quand les socialistes fournissent une explication.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *n'a fait qu'énoncer l'opinion des socialistes.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe au contrat de bail d'un commerce sur la place du Marché.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *précise qu'il s'agit d'un restaurant. Il sait que le collège échevinal précédent était en négociation avec ces restaurateurs.*

*Finalement, Fred Bertinelli et le secrétaire communal ont haussé le ton pour que les choses avancent. En effet, il était temps qu'ils paient leur loyer.*
*Il est tout de même question de six mois de retard. Désormais, le restaurant est censé ouvrir en janvier. Il était temps.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe aux règlements communaux et commence par les nuits blanches de 2024. Il n'y a pas de changements par rapport aux années précédentes. Il s'agit surtout désormais de simplifier la procédure et de permettre aux cafetiers de faire leurs demandes en ligne.*
*Guy Altmeisch rappelle que la commune se réserve le droit de refuser les nuits blanches en cas de trouble de l'ordre public. Elle conserve donc une certaine mainmise sur ce qui se passe.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *demande au bourgmestre s'il est possible de revoir le concept des nuits blanches.*
*Aujourd'hui, les nuits blanches ne sont plus autorisées systématiquement pour les kermesses. Pour ce qui est grands évènements sportifs et culturels, Paulo Aguiar signale que la Coupe d'Europe de football aura lieu en Allemagne. Est-ce que dans le cadre du* public viewing, *la commune ne pourrait pas accorder des nuits blanches aux cafés et aux restaurants ?*
*Par ailleurs, de nombreux cafés reçoivent les demandes de réservations pour samedi le vendredi. Les cafetiers n'ont alors pas le temps de passer à la commune pour demander une nuit blanche. L'initiative d'un formulaire en ligne est bonne. Mais comme le Biergeramt est ouvert le samedi matin, une personne va-t-elle s'occuper de ces demandes ?*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *répond que la liste des conseillers communaux est une liste de principe.*

an ech e bësse méi haart geschwat, datt déi Leit sollte virumaachen, well déi Bailen hätte scho misse lafen. Do hätte scho misse Loyere bezuelt ginn. A mir hunn ëmmer gesot, et ass okay, Dir bezuelt de Loyer, wann Der ufänkt. Mee dat hat op eemol e Retard vu sechs Méint kritt.

An elo hu mer awer Neel mat Käpp gemaach, datt d'Entreprise lo mol sou schaffen, wéi se eis versprach hunn, datt se elo am Januar géifen opmaachen. An doriwwer si mer och ganz frou, well mer ee Restaurant batter néideg hunn an dat och wierklech an Déifferdeng feelt. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Bertinelli. Gëtt et Wuertmeldungen zu där erfreelecher Neiegkeet? Nee, da komme mer zum '.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le premier avenant au contrat de bail avec Gaïa Sud SARL d'un local commercial situé au 4, place du Marché à Differdange.*

Ech soen Iech Merci. Punkt 9, d'Gemengereglementer. 9a, e Relevé vun de fräien Nuechten, déi offiziell fräi Nuechte fir d'Joer 2024. Am Fong geholl gëtt et keng Ännerungen zu deene Jore virdrun. Soudass ech net vill do brauch ze erklären. Dat eenzegt, wouriwwer mer eis Gedanke musse maachen a wat och un eis erugedroen ass ginn, dass mer d'Prozedur vereinfache fir d'Leit. Dass een dat och elektronesch ufroe kann, dass d'Leit net méi brauchen op d'Gemeng ze kommen, fir eng fräi Nuecht unzefroen.

Wëssend, dass do eng Gefor dobäi ass a wëssend, dass mer do awer och d'Hand drop behalen, wa Leit iwwerdreiwen, wat den Nuetsspektakel ubelaangt an d'Nuetsrou vun den Noperen an esou virun. Dass mer do awer och eng Mainmise drop hunn, och wa se se digital ufroen, dass mer se da kënne refuséieren.

Dat ass nach net fest, dat ass nach net fäerdeg, dee Projet, mee ech wollt Iech dat just informatiounshallwer matdeelen. Gëtt et eng Wuertmeldung dozou? Den Här Aguiar.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci pour la parole, monsieur le bourgmestre. Mir begréissen de Relevé des nuits.

Par contre, on se pose une question avec le nouveau collège échevinal : est-ce qu'il est possible de revoir le concept des nuits blanches ? Auparavant, les kermesses, c'était quelque chose qui existait, qui était très présent. Aujourd'hui, on a plutôt l'impression que ces nuits blanches ne sont plus autorisées telles quelles.

Et puis on se pose vraiment des questions concernant les grands évènements. De grands évènements sportifs ou culturels. Si on pouvait éventuellement relier l'Euroleague, qui va venir maintenant en Allemagne, pour laquelle on a déjà prévu un Public Viewing. Pourquoi ne pas faire tout cela avec les différents restaurants respectivement cafés, pour leur donner la possibilité de faire une nuit blanche et d'avoir un peu plus de recettes.

Ça, c'est un côté. De l'autre, comme monsieur le bourgmestre a dit, c'est aussi une demande, parce qu'il y a beaucoup de cafés et restaurants qui ont des réservations le vendredi soir pour des nuits blanches. Le samedi, ils ne peuvent pas se déplacer à la commune, fir eng Nuit blanche ze kréien.

Natierlech begréisse mir d'Initiativ pour faire un formulaire en ligne. Mais on se pose aussi la question de savoir si la commune va avoir une personne au Biergeramt pour s'en occuper vu que le samedi matin elle est aussi ouverte. Est-ce que ça serait éventuellement une solution temporaire ? Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci fir déi gutt Virschléi an déi gutt Iddien, déi Der eriwwerbruecht hutt, Här Aguiar. Ech

kann Iech confirméieren, dass dat heiten eng Prinzippielëscht ass. Dat wëll jo net soen, dass mir als Schäfferot, wa mir gesinn, dass grouss Evenementer mat Public Viewing sinn an engem gewëssene Café, net kënnen do zu all Moment déi Lëscht upasse respektiv quartiersbedéngt fräi Nuechten ausspriechen an autoriséieren a Relatioun mam Evenement, wat do ass. An ech betounen: ëmmer a Relatioun vun der Virgeschicht, wat mer do erlieft hunn. Fir dass mer awer net do e Point chaud erëm schafen, dee mer net wëllen an dee mer dann herno net kontrolléiert kréien.

Ech kann Iech just confirméieren, dass ech an där kuerzer Zäit, wou ech elo déi Responsabilitéit iwwerholl hu vun de fräien Nuechten, des Ëftere fräi Nuechte refuséiert hunn, well et vun der Noperschaft aus net méi ze toleréiere war, et an engem Quartier war, wat net onbedéngt muss sinn, a Relatioun am Respekt vun den Awunner, déi do wunnen. Mir wäerten dat scho respektéieren.

Mir kucken awer och, natierlech ass et eng Saach fir eis Geschäftswelt, dass mer do eng gewësse Flexibilitéit erabréngen. Mir wäerten dat iwwerschaffen an da wäerte mer Iech an engem nächste Gemengerot presentéieren, zu wéi enge Konklusioune respektiv zu wéi enger Ouverture mer do komm sinn. Ëmmer sous contrôle vum Schäfferot awer.

Ech soen Iech Merci. Gëtt et weider Wuertmeldungen zu deem Listing? Soss géife mer zum ' kommen.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le relevé des nuits blanches officielles pour l'année 2024.*

---

Ech soen Iech Merci. Da kéime mer zum Punkt 9(b), den Dréngleckkeetsreglementer. Do géif ech d'Wuert un den Här Bertinelli ginn.

---

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Et si sechs Reglementer, déi mer hei stoen hunn. Et ass näischt Weltbeweegendes, ënner anerem Steeën, näischt Extraordinäres an och eis Stroosse sinn net extreem belaascht domat. Et geet méi iwwert d'Trottoiren, wou se Autorisatioune (0:00:59.7) mussen hunn, awer näischt Weltbeweegendes an och näischt wat eng länger Zäit zou wär, maximum véier fënnef Deeg. Näischt Spezielles.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci, Här Bertinelli. Gëtt et Wuertmeldungen dozou? Wann net, komme mer zum '.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.*

---

Ech soen Iech Merci. Punkt 10, dat ass am Rame vun de Gemengesyndikater, hu mer en Aktiounsprogramm vun der SICONA Sud-Ouest, dat géif den Här Bertinelli eis virstellen. Här Bertinelli, wannechgelift.

---

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

SICONA ass, kenne jo ganz vill Leit heibannen, en Ëmweltsyndikat, wat jorelaang fir eis schafft a verschiddene Sparten. Dat Lescht wat se gemaach hunn, déi déi laanscht de Rouden Haff fueren, all déi Beem déi do stinn, déi hu se virun zwou oder dräi Woche gesat. Si schaffen och vill mat eise Baueren zesummen. Si proposéieren och Biotoper ze organiséieren.

An hei hu mer elo Presentatiounen, wéi de Lasauvager Weier an dat do ass op ee Joer, maache se mat eis e Kontrakt. Dat hei ass ee Kontrakt fir d'Joer 2024, fir all déi Aarbechten ze realiséieren, zum Beispill hanner dem Déifferdenger Kierfecht, an eisem Maraîchage setze se Beem. Déi ganz Aarbecht, déi se d'Joer iwwer fir eis maachen.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Bertinelli. Den Här Tempels, wannechgelift.

*Elle ne signifie pas que le collège échevinal n'accordera pas de nuits blanches lors de grands évènements comme le public viewing.*
*Il rappelle cependant que la commune n'a aucunement l'intention de recréer un point chaud incontrôlable. En tant que bourgmestre, Guy Altmeisch a refusé de nombreuses nuits blanches parce que les voisins ne les supportent plus. Les résidents doivent être respectés.*
*D'un autre côté, il faut assurer une certaine flexibilité aux commerçants. Le collège échevinal devra réfléchir à la question et voir comment organiser les choses.*
*(Vote)*
*Guy Altmeisch passe aux règlements d'urgence.*

---

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *explique qu'il s'agit de six règlements — notamment des échafaudages, qui ne devraient pas poser trop de problèmes.*
*(Vote)*

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe aux syndicats et plus précisément à un programme d'action de Sicona-Ouest.*

---

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *rappelle que Sicona est un syndicat environnemental. Ils ont notamment planté des arbres il y a quelques semaines près de la ferme Rouge. Ils collaborent aussi beaucoup avec les agriculteurs.*
*Le contrat dont il est question aujourd'hui porte sur un an et recense tous les travaux que Sicona va réaliser. Par exemple, l'étang de Lasauvage, le cimetière de Differdange, le maraichage…*

**GUY TEMPELS (CSV)** *confirme que le Sicona s'occupe de la nature à Differdange. Ils coupent les haies le long des routes; ils réalisent des projets pour les enfants avec lesquels ils se promènent dans les bois et cuisent du pain…*
*Parmi les nouveautés figure la réalisation d'un sentier à travers Differdange signalisant notamment les différentes plantes.*
*Le CSV approuvera le plan.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *salue à son tour le travail réalisé par Sicona. Les écologistes soutiennent ces projets. Laura Pregno remercie l'équipe de Sicona ainsi que le service écologique.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe aux commissions consultatives.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *annonce que François Venturini sera remplacé par Alain Schartz au sein de la Commission des bâtisses. Il a envoyé la demande ce matin.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe aux questions et cède la parole à madame Pregno.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *explique qu'elle a envoyé ses questions par courriels et qu'elles se trouvent aussi sur le Diffcloud.*
*La première porte sur une facture d'un montant élevé concernant une étude de mobilité. Cette étude a-t-elle fait l'objet de discussions préalables et a-t-elle été formellement autorisée par le collège échevinal? Laura Pregno demande aussi une copie de la facture.*

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci alleguerten. SICONA, déi maache vill Saachen, wat déi ganz Ëmweltfleeg hei zu Déifferdeng betrëfft. Si schneiden d'Hecke laanscht d'Strossen, an de Felder, si maache ganz flott Projete mat de Kanner, wou se ee ganzen Dag am Bësch verbréngen, wou se e Feier maachen a Brout baken iwwert dem Feier, Stockbrot oder wéi dat heescht, dat ass ganz flott fir d'Kanner.

Een neie Projet, steet och am Budget, dat ass ee Pad duerch Déifferdeng. Ech weess elo net méi genau wéi dee genannt gëtt, mat verschiddene Planzen, déi am urbane Raum sinn, beschëldert ginn, een Trëppelwee duerch Déifferdeng. Dee gëtt nach festgeluecht. Dat wäert an noer Zukunft virgestallt ginn.

Ansonsten sinn déi meescht Saache wéi gehabt. Mir stëmmen dat mat Jo. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Tempels. D'Madamm Pregno, wannechgelift.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci fir d'Wuert. Mir kënnen eis dem Virriedner uschléissen. SICONA mécht eng immens wäertvoll Aarbecht, alles wat den Naturraum zu Déifferdeng ubelaangt. Mir ënnerstëtzen dat voll a ganz. Vun eiser Säit ee grousse Merci, souwuel un d'Ekipp vum SICONA wéi un de Service écologique, déi ëmmer ganz enk mat der SICONA zesummeschaffen. Mir stëmmen dat mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci. Weider Wuertmeldungen? Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le Programme d'action de Sicona-Ouest pour l'exercice 2024.*

Ech soen Iech Merci. Si beim Punkt 11, de Changementer an de Kommissiounen. Do géif ech dem Här Diderich d'Wuert ginn, fir eis d'Changement matzedeelen am Rame vun hirer Partei.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Mir proposéieren, de François Venturini ze ersetzen duerch den Alain Schartz an der Bautekommissioun, wannechgelift. Ech hunn Iech dat gemailt. Et ass e bësse spéit gewiescht. De Moien eréischt.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci, Här Diderich. Mir huelen dat mat an droen déi Ännerungen an de Kommissiounen an.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les changements proposés au sein des commissions consultatives et des groupes de travail.*

Da géife mer zu de Froe kommen, déi ufanks dëser Sitzung erakomm sinn. Ech géif d'Wuert ginn un d'Madamm Pregno, fir hir Fro nach eng Kéier virzestellen. Madamm Pregno, wannechgelift.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, fir d'Wuert. D'Froe sinn am Virfeld gemailt ginn, Dir fannt se och op der Cloud. Ech liese se kuerz vir.

Et handelt ëm eng Étude de mobilité, wou eng Facture vun engem relativ grousse Montant un d'Gemeng soll adresséiert ginn. An deem Kontext froe mer eis:
Conformément aux procédures courantes, l'étude susmentionnée a-t-elle fait l'objet de discussions préalables et d'une autorisation formelle de la part du collège échevinal ?
Pourriez-vous, s'il vous plaît, nous faire parvenir une copie de la facture en question?

Si cette étude a été inscrite au budget, pourriez-vous nous informer sur la ligne budgétaire spécifique qui lui a été attribuée ?
Étant donné le montant substantiel associé à cette étude de grande envergure, n'aurait-elle pas dû être préalablement débattue et approuvée par le conseil communal ?

Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci fir déi Erklärungen zu Äre Froen. Een Deel kann ech Iech direkt beäntwerten.

Dir berufft Iech an Ärer Fro op eng Facture. Ech muss do d'Fro stellen, ob Dir déi Facture gesinn hutt. Well Dir baséiert Iech op eng Facture an doropshi baut Dir dee Questionnaire do op. Leider musse mir feststellen, dass mir am Schäfferot nach keng esou eng Facture gesinn hunn. Soudass mir Iech keng Äntwert kënne ginn.

Ech géif et flott fannen, wann Der Froen un eis hutt, dass Der déi Quellen, déi Der hutt – Dir musst jo iergendwéi gewuer gi si vun enger Facture –, fir d'éischt géift iwwerpréiwen, ier Der mat enger Fro kommt, déi net baséiert ass.

Wann ech eng Fro gestallt kréien iwwer eppes, wat net besteet, dann ass et ganz schwéier, eng valabel Äntwert dorop ze fannen.

Et ass keng Facture do. Et ass keng Aarbecht an Optrag geholl ginn. Punkto Plan national de mobilité hu mir eng Analys intern am Schäfferot gemaach. Mir hunn dee studéiert, dee Questionnaire, dee ganze Libellé, dee besteet jo säit engem Joer. An do hu mir erausfonnt als Schäfferot, dass vill Projete vum Staat, wou mir concernéiert sinn, Projeten, déi eis Gemeng betreffen, laanscht eis Gemeng lafen.

Zum Beispill steet dra vun engem PN15, wouriwwer bis dato net weider detailléiert beschwat ginn ass an dem Gemengerot. An dofir hu mir eis Suerge gemaach iwwert dat, wat do steet. An iwwert déi méiglech Subventiounen, déi mer doduerch verléieren, well mer och kee Representant haten, wéi dee Plang opgestallt ginn ass.

An dat ass dat, wat engem wierklech leed deet. Dat kënnt Der mer fräi gleewen, dat wäert eis am Schäfferot oder an däser Majoritéit net passéieren, dass beim Opstelle vun esou wichtegen Elementer kee Representant vum Schäfferot oder vun der Majoritéit disponibel ass, fir do an déi Reuniounen ze goen.

Dat gesot, géif ech dem Här Ulveling d'Wuert ginn, fir zousätzlech Informatiounen zu deene Froen. Här Ulveling, wannechgelift.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Just, wann ech elo kuerz verstanen hunn, mir kënne jo als Conseiller och froen, fir Facturen ze gesinn?

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Wann Der do sinn!

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Wa se do sinn. Dat heescht, Dir sot ganz kloer, esou eng Facture vun engem gréissere Montant gëtt et am Kader vun der Mobilitéit aktuell net?

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Nee. Ass net do. Dofir wonneren ech mech iwwer Är Fro.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Merci.

Mee mir musse jo hei froen. Mir kënne jo net enzwousch anescht froen.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Dach.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Nee, ech kann net. Ech hu gefrot, fir Facturen ze gesinn.

*À quel poste budgétaire cette facture a-t-elle été attribuée ? L'étude n'aurait-elle pas dû faire l'objet d'un débat au sein du conseil communal ?*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *ne pourra répondre qu'à une partie des questions.*
*Madame Pregno a-t-elle vu la facture ? En effet, ses questions semblent porter toutes sur une facture dont le collège échevinal ne sait rien. Guy Altmeisch ne peut donc pas répondre aux questions.*
*Madame Pregno pourrait-elle citer ses sources ? Alternativement, elle devrait vérifier que ses informations sont correctes.*
*En tout cas, Guy Altmeisch ne peut pas répondre à une question portant sur quelque chose qui n'existe pas. Il n'y a ni facture ni étude en cours.*
*En revanche, il existe un Plan national de la mobilité, que le collège échevinal a analysé ou dans lequel il a constaté que de nombreux projets concernaient Differdange, mais qu'ils n'ont pas été discutés. Il y est notamment question du PN 15. Guy Altmeisch s'inquiète de ce qui y est écrit et des éventuelles subventions auxquelles Differdange aurait dû avoir droit. Il est inacceptable qu'aucun représentant du collège échevinal n'ait assisté à toutes ces réunions et cela n'arrivera pas à la majorité actuelle.*
*Monsieur Ulveling a-t-il d'autres explications à fournir ?*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *constate qu'en tant que conseillère communale, elle peut demander à voir une facture.*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond qu'il faut d'abord que cette facture existe.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *n'a pas d'autre choix que de poser ses questions au conseil communal.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *rappelle à madame Pregno qu'elle pose des questions concernant une facture.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *proteste. Elle a demandé à voir les factures.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *conseille à madame Pregno de demander à son informateur si cette facture existe réellement.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *explique comment elle a procédé. Elle a entendu parler d'une facture à la suite de quoi elle a décidé de demander au collège échevinal de la lui montrer. Elle ne peut quand même pas se rendre à la commune comme elle l'entend et demander à voir tous les dossiers.*

**TOM ULVELING (CSV)** *signale que les conseillers communaux ont parfaitement le droit de se rendre auprès des services et de poser des questions.*
*Madame Pregno pourrait-elle expliquer ce qu'elle entend par facture substantielle ?*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *répond que cela commence à 50 000 €.*

**TOM ULVELING (CSV)** *estime que madame Pregno aurait pu demander à voir une facture de 50 000 € ou de 100 000 €.*
*Ce qui existe, c'est l'offre d'un prestataire de services pour 170 000 €. Cette offre date du temps où madame Pregno était échevine à la mobilité. À l'époque, des fonds ont été engagés, mais la société en question ne disposait pas de contrat. La commune lui a désormais demandé une offre de services pour qu'elle puisse ensuite émettre une facture.*
*Le collège échevinal a aussi demandé une offre de services concernant la mobilité à l'avenir..*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *constate qu'il est question de montants de 50 000 € ou 100 000 €. Il rappelle qu'il existe une loi sur les marchés publics pour les projets de plus de 60 000 €.*
*(Interruption et discussions)*

**TOM ULVELING (CSV)** *explique qu'il ne s'agit pas d'un seul projet, mais de six ou sept. C'est pourquoi il serait possible de fractionner les travaux. Mais de toute façon, il n'existe pas de facture pour le moment. Quand le collège échevinal*

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Dir baséiert Är Fro op eng Facture. Ma da musst Der Ären Informant froen: Besteet déi Facture?

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Ech wëll just erklären, wéi mer virgaange sinn. Mir hunn héiere vun enger Facture. Doropshin hu mer nogefrot, ob mer kéinte Facturë gesinn. An dann ass d'Prozedur u sech, dass mer am Schäfferot oder am Gemengerot froen, ob mer Facturë gesinn. An dat ass halt dëse Punkt elo.

Just, dass Der verstitt, a wéi enger Logik mer funktionéiert hunn. Ech ka jo net einfach hei eraspadséieren a soen: Weist mir elo den Dossier.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

All Conseiller huet d'Recht, wann eppes um Ordre du jour steet oder wann e gären eppes wéisst, an d'Servicer ze goen an ze froen.

Ech stéiere mech just drun: Wat ass eng Facture substantielle, wann et esou eng géif ginn? Wat mengt Der mat substantielle? Wat ass dat?

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

50.000, 100.000 Euro. 150.000 Euro et plus.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Okay, da kéint ee jo och schreiwen, ëm wat fir eng Facture et sech handelt, wann een dat esou genau weess. Da soll ee schreiwen, et ass eng Facture vu 50.000 Euro erakomm oder 100.000 oder wéi och ëmmer.

Mee ech wëll Iech awer erklären, deen, deen Iech dat gezielt huet, deen huet da Saachen net verstanen. Well wat erakomm ass, dat ass eng Offre de services vun enger Firma, déi eis verschidde Servicer ubitt.

Servicer a Relatioun mat 170.000 Euro ass déi Offer do post festum, well vergiess ginn ass – zu Ärer Zäit, wéi Dir Schäffe waart vun der Mobilitéit, do si Saachen engagéiert ginn, Pläng gezeechent ginn, ech nennen do d'Rue Hussigny, de Passage piétons zu Uewerkuer, d'Mise en conformité vu Bushaltestellen an Zebrasträifen an déi ganz Reorganisatioun vum Diffbus, wat am Fong gemaach ginn ass vun enger Firma, déi kee Kontrakt hat. An dofir hunn déi eis elo post festum, kann ee soen, keng Rechnung geschéckt, mee eng Offre de services gefrot, fir dass si kënnen eng Rechnung schreiwen. Dat betrëfft also deen ale Schäfferot an net deen neien.

An dat Zweet ass, wat den Här Buergermeeschter elo erkläert huet, et ass eng Offre de services fir déi Saachen, wou mir an der Mobilitéit ugeduecht hunn, mat där Firma, fir ze soen, wa mir dat wëlle weiderféieren an Zukunft, da wäert dat esou vill kaschten. An ass et ganz kloer keng Facture, mee eng Offre de services.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Mir fält just op, wa mer vu Montanten tëschent 50.000 Euro an 100.000 Euro schwätzen, da si mer iergendwa beim Gesetz vun de Marchés publiques, wa mer hei iwwer 60.000 – oder wéi vill ass et?

**ENG STËMM:**

Et ass OAI.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Okay. Bon, just den Hiweis: Iergendwa spillen och déi do Saachen.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

An dësem Fall kéints de nach, well et jo net nëmmen ee Projet ass, mee et si fënnef oder sechs oder siwe Projeten, kéints de nach soen, ech gi fir de Projet Stroossen een an Optrag, ech gi fir dee Projet hei een an Optrag, ee fir dee Pro-

jet do. Da kéint een nach fraktionéieren, da wär een nach ëmmer richteg. Mee wéi gesot, et ass keng Facture do.

Iergendwann kënnt warscheinlech eng Facture, wa mir dann déi Offer do akzeptéieren. An da muss een da kucken. Dann hu mer eng Facture.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

An da géif ech d'Wuert dem Här Muller ginn. Ech mengen, hien huet eng Fro.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Genau. Ech hätt eng Fro.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Hartung fir d'éischt, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Ech sinn nach eng Äntwert vun der leschter Kéier schëlleg. Wéi Der gesi kënnt, ass d'Diffcloud fir d'Kommissiounen elo operationell, all d'Sekretären hunn hir Dokumenter dropgesat, d'Invitatiounen, d'Rapporten, d'Avisen alles un dee ganze Conseil gemailt an op d'Diffcloud gesat.

Dem Service informatique, eisem Sekretariat hei an och de Sekretären aus de Kommissiounen duerfir e grousse Merci.

Op d'Fro, wéi vill Sëtzunge vu Juli bis den 13. November 2023 waren, dat waren der insgesamt 18.

Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Den Här Muller, wannechgelift, mat enger Fro.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Meng Fro betrëfft den Här Ulveling. Ech wollt eng Kéier nofroen, et handelt sech hei ëm de LIHPS. Am Summer wärend dem Congé collectif gouf et jo ee grousse Waasserbroch am LIHPS. Dir hat deemools eng Kommunikatioun erausginn, dem Gemengerot, der Press. Ech wollt emol froen, wéi déi aktuell Situatioun ass. Ass dee Schued behuewen? Funktionéiert de LIHPS erëm normal? A wat fir enger Gréisstenuerdnung, finanziell gesinn, befënnt sech de Schued? Wéi geet et weider an där Affär? Merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Muller, fir d'Fro. Et gouf effektiv ee Waasserschued an der Sportsfabrick, ënnen am Keller, wou déi ganz sensibel Maschinnen alleguer stinn. À ce stade ass de Schued evaluéiert ginn, zënter e puer Deeg, op eng Millioun Euro ongeféier.

Et ass elo eng Saach, wou d'Assurancen amgaange sinn, eis Assurance respektiv d'Assurance vun deem Bauträger, deen do, eiser Meenung no, verschidde Saache vergiess hat ze maachen, ier en an d'Vakanz gaangen ass.

Do streide se elo driwwer, wien d'Responsabilitéit ze droen huet a wie fir de Schued opzekommen huet. De Probleem ass, dass näischt ka gefléckt ginn, ier d'Assurancë sech eens sinn iwwert deen Devis, deen elo erakomm ass. Do geet erëm vill Zäit verluer.

Entretemps sinn awer déi Maschinnen, déi net futti sinn, déi nach brauchbar sinn, op den éischte Stack bruecht ginn. Do, wou d'Buvette virgesi war. Säit e puer Deeg ass ee Service réduit, géif ech dat nennen, vun der Sportsfabrick domat amgaangen.

Mee, wéi gesot, ëmmer wann Assurancen am Spill sinn, da muss ee fäerten, dass dat laang dauert. Well éischtens musse si sech intern mol eens sinn iwwer ee Schued an da musse se kucken tëschent den Assurancen: Wie bezilt wat?

An dat schéngt awer nach eng gewëssen Zäit ze daueren. Dat eenzeg wat ech Iech momentan soe kann, dass de

*aura accepté l'offre, une facture pourrait bel et bien arriver.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *a une question.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *rappelle qu'il doit encore répondre à une question posée la dernière fois.*
*Le Diffcloud est opérationnel pour les commissions. Les secrétaires y ont déposé leurs documents. Jerry Hartung tient à remercier le service informatique et les secrétaires des commissions.*
*Entre juillet et le 13 novembre 2023, 18 réunions ont eu lieu.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *signale que des inondations ont eu lieu au LIHPS pendant le congé collectif cet été. Où en est la situation actuellement ? Le LIHPS est-il à nouveau opérationnel ? À combien s'élèvent les dommages ?*

**TOM ULVELING (CSV)** *confirme que la cave du LIHPS, où se trouvent des machines fragiles, a été inondée. À ce stade, les dommages se montent à plus ou moins un-million d'euros.*
*Il reste encore des questions concernant l'assurance du promoteur. Les différentes assurances se disputent pour savoir qui devra régler les frais. Mais tant que les assurances n'ont pas trouvé un accord, il n'est pas possible de procéder aux réparations.*
*En attendant, les machines en bon état sont stockées au premier étage à la buvette.*
*Comme Tom Ulveling le dit toujours, dès que les assurances entrent en jeu, les délais se rallongent parce qu'elles doivent d'abord estimer les dommages et ensuite décider qui paie quoi.*
*Tom Ulveling répète que les dommages sont estimés à un-million d'euros. Les plaques seront envoyées à l'étranger pour voir si elles sont récupérables.*

*Mais tous ces travaux doivent attendre que les assurances aient pris leurs décisions. Bref, cela risque de s'éterniser.*

**ERIC CILLIEN (DP)** *avait posé une question concernant les sangliers la dernière fois. Ils causent des dégâts. Le service écologique a-t-il des informations à ce sujet ?*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *en a discuté avec le garde forestier et avec les chasseurs. S'il y a vraiment trop de sangliers, le garde forestier devra organiser une chasse. Fred Bertinelli propose d'attendre encore quelques semaines pour voir comment les choses évoluent. Il tiendra monsieur Cillien informé.*

**ERIC CILLIEN (DP)** *rappelle qu'il avait aussi été question d'une place de stationnement au sein de la Commission de la mobilité.*
*Ensuite, Eric Cillien voudrait faire une suggestion. Les gens qui travaillent à Differdange acceptent de payer pour garer leurs voitures. Mais comme la durée de stationnement est limitée, ils doivent aller acheter un nouveau ticket régulièrement.*
*Or les agents municipaux attendent avec impatience que le temps s'écoule pour verbaliser les conducteurs. Ils font leur travail, mais ce n'est pas très correct.*
*La commune ne pourrait-elle pas introduire une vignette mensuelle ?*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *répond qu'une telle vignette existe déjà pour les écoles.*

**ERIC CILLIEN (DP)** *s'en étonne.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *explique qu'on peut se garer dans les parkings pour cent euros.*

**ERIC CILLIEN (DP)** *proteste.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *suppose que monsieur Cillien fait allusion à une vignette à coller sur la vitre.*

**ERIC CILLIEN (DP)** *ne parle effectivement pas d'un abonnement dans un parking.*

Schued evaluéiert ass op ronn eng Millioun Euro. Wat jo awer net näischt ass. An et war och gesot ginn, zum Beispill, dass déi Drockplacken, déi do sinn, géifen an d'Ausland geschéckt ginn, fir analyséiert ze ginn, ob een déi erëm recuperéiere kann oder ob ee muss ganz neier dohinner maachen.

Mee och dat kann net geschéien, also déi sinn nach net an d'Ausland geschéckt ginn, well d'Assurancen eréischt viru Kuerzem den Devis kritt hunn. An déi musse sech elo eens ginn iwwert den Avis, iwwert déi Aarbechten, déi musse gemaach ginn, an da kënne mer eréischt handelen. Soudass dat eng Never-ending Story ass.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech soen Iech Merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci och!

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Den Här Cillien, wannechgelift.

**ERIC CILLIEN (DP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Ech wollt zréckkommen op zwou Froe vun der leschter Kéier. Ob Der eventuell eng Äntwert hätt par rapport, zu de Wëllschwäin, zu deem Probleem. Ob de Service écologique eng Äntwert fonnt hätt entretemps. Well et gëtt ëmmer méi schlëmm an d'Lächer ginn déif.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Jo, mir hunn dem Fierschter an der Kommissioun, dem Pächter, deen déi Juegd huet, dat matgedeelt mat deene ville Schwäin. Elo ass et un him ze kucken. Wann dat awer Iwwerhand hëlt a wann dat esou ee grousse Probleem gëtt, da musse mer dem Fierschter dat mellen. Dee kann eng Juegd maachen, fir d'Schwäin ze reduzéieren. Mee normalerweis, muss ech soen, wann een de Jeeër dat seet, déi do d'Juegd hunn, reagéieren déi normalerweis. Dat kann eng, zwou oder dräi Wochen daueren. Mee op jiddwer Fall waarde mer elo mol of, wat do geschitt, ob si dorop reagéieren, ob se eng Kéier eng Klappjuegd maachen oder ech weess et net.

Mee Dir kritt do vun eis eng Informatioun, esou oder esou, wéi dat leeft.

**ERIC CILLIEN (DP):**

Villmools merci. An dann déi aner Fro: Dir hat gesot gehat, dat kéim an d'Verkéierskommissioun, fir ze kucken, wéinst där Parkplaz do, ob déi kéint ewechgeholl ginn.

An dann hätt ech eng Suggestioun zum Parken am grousse Ganzen. Wann Der vläicht kéint drun denken: Vill Leit, déi an Déifferdeng erakommen, déi hei schaffen an hei parken, si gäre bereet ze bezuelen. Mee déi hunn de Probleem, datt se dann awer net zu deem Zäitpunkt kënnen eraus, fir den Auto ze changéieren oder fir en neien Ticket ze huelen. Wou dann d'Pecherten awer do stinn an nëmmen drop laueren, fir engem een ze pechen. Wat net ganz korrekt ass, muss ech ganz éierlech soen. Et ass hir Aufgab, dat ze kontrolléieren, deem ginn ech Recht. Mee wier et net eng Iddi, fir eng Monatsvignette fir déi Leit anzeféieren?

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Hu mer!

**ERIC CILLIEN (DP):**

Eng Monatsvignette?

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Jo. An de Schoulen hu mer dat. Fir an de Parking. Déi kënnen do fir 100 Euro an deem Parking stoen. Dat hu mer op e puer Plazen, wou ee fir 100 Euro an engem Parking, Parkhaus stoe kann.

**ERIC CILLIEN (DP):**

Nee, nee. Ech mengen net en Abonnement an engem Parkhaus.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

D'Vignette mengt Dir, an d'Fënster baussen?

**ERIC CILLIEN (DP):**

Jo, datt d'Leit kënnen zum Beispill bei der Woiwer Schoul oder zu Nidderkuer parken.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Oder mat enger App, dass een iwwer App fiert?

**ERIC CILLIEN (DP):**

Genau. Datt een einfach seet, datt een e Monatsticket huet. Deen och kascht, wat de Monatsticket géif kaschten. Mee fir de Leit et méi einfach ze maachen an deem Sënn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Mat der Indigo-App kanns du nodréiglech, wann s du gesäis, et leeft of, kanns de nodréiglech nochargéieren. Ouni mussen dohinner ze goen. Dat ass an der Maach.

**ERIC CILLIEN (DP):**

Well et gëtt ee vun den Enseignanten an och Geschäftsleit gefrot.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

De Besoin ass do, jo.

**ERIC CILLIEN (DP):**

De Besoin ass do. Ech wollt dat just …

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

De Probleem ass, wa mer an esou eng Richtung ginn, da musse mer dee ganze Quartier résidentiel nei iwwerschaffen.

**ERIC CILLIEN (DP):**

Dat ass jo bei Iech an der Maach.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dat jo, mee da musse mer fir déi Leit, déi an deene Quartiere wunnen, en anere Wee fanne fir d'Quartiers résidentiels.

**ERIC CILLIEN (DP):**

Soe mer, et wier jo éischter fir déi Saachen, wou ee richtege Parking ass. Net laanscht d'Strooss.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Jo, jo. Also wat wierklech an deene Saachen do fonctionéiert, dat ass déi App, déi mer amgaange sinn, déi mer haut gestëmmt hunn. Déi App, déi funktionéiert zu Esch, zu Diddeleng. Dat fonctionéiert fantastesch. Dat ass wierklech eppes, wat gutt geet. An ech mengen, datt mer och do e Schratt no vir maachen, wa mer esou eng App hei hunn.

Mir hunn eis et virgeholl, mir huelen dee ganze Parking op de Leescht, well do sinn nach vill Changementer ze maachen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Da géif ech d'Wuert un den Här Diderich ginn. Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Meng Fro dréit ëm d'Maison moderne. Do hunn ech jo eng Ukënnegung héieren, mee ech froen, fir e bëssen den Hannergrond do ze kréien. Ech ginn nämlech vu Leit gefrot, déi zënter Méint probéieren, also och schonn ënner dem virege Schäfferot, do e Rendez-vous ze kréien, fir sech dat unzekucken. Déi e Projet eraginn an déi keng Äntwert kréien. Ech wollt nofroen, wien dofir zoustänneg ass, wéi d'Leit sech sollen uleeën, wa se e Projet hu fir op esou Plazen. Wéi do d'Prozesser sinn. Wéi déi ausgewielt ginn, déi Proje-

**TOM ULVELING (CSV)** *signale qu'il existe une application mobile.*

**ERIC CILLIEN (DP)** *pense à un ticket mensuel. Cela faciliterait la vie des gens.*

**TOM ULVELING (CSV)** *répète que l'application mobile d'Indigo permet de prolonger la durée de stationnement sans se déplacer.*
*(Interruption)*
*Tom Ulveling répond que c'est en cours.*

**ERIC CILLIEN (DP)** *estime que ce serait bien pour les enseignants et les commerçants.*
*(Interruption de M. Bertinelli)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *souligne le fait que le besoin existe.*

**ERIC CILLIEN (DP)** *confirme les propos du bourgmestre.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *signale que si on s'engage dans cette direction, il faudra revoir le fonctionnement de tout le quartier résidentiel.*

**ERIC CILLIEN (DP)** *rétorque que c'est de toute façon en cours.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *fait allusion aux habitants des quartiers.*

**ERIC CILLIEN (DP)** *suggère de privilégier les parkings et non les places le long de la route.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *répond que l'application mobile en question fonctionne déjà à Esch et à Dudelange. C'est une bonne idée. De toute façon, le collège échevinal entend revoir le fonctionnement du stationnement à Differdange et prévoit de nombreux changements.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *demande des informations quant à la maison Moderne. Apparemment, plusieurs personnes ont demandé un rendez-vous pour visiter les lieux, mais ils ne reçoivent aucune réponse. Qui s'occupe de ce projet ? Quel est le processus à suivre ? Car le collège échevinal travaille sans doute beaucoup, mais les gens n'en savent rien et sont découragés.*

*Pourquoi les citoyens ne reçoivent-ils pas de réponses ?*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *ne peut parler que de la période depuis qu'il est échevin. Les locataires actuels ont signé un contrat avec le city manager lors de la période législative précédente. Rien ne s'est passé pendant un certain temps, ce qui explique que d'autres personnes ont posé leurs candidatures. Mais entretemps, le locataire a tenu ses promesses de sorte qu'il n'était pas nécessaire de faire visiter les lieux à d'autres personnes,*
*Fred Bertinelli répète que quand il est arrivé, le contrat était déjà en place. Il n'a donc pas pu choisir un autre locataire alors même qu'il avait des idées. La commune a tenu parole et a soutenu les locataires du mieux possible afin qu'ils puissent ouvrir rapidement.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *estime que monsieur Bertinelli n'a pas répondu à sa question. Les gens reçoivent-ils une réponse quand ils écrivent à la commune ? C'est prévu dans la charte.*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond que oui.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *répond que le city manager a reçu les candidatures. L'échevin aurait préféré pouvoir proposer un choix au conseil communal, mais c'était trop tard. Il ne pouvait rien changer.*

**TOM ULVELING (CSV)** *ajoute que le comité économique a pour mission de redynamiser Differdange. Il s'agit désormais de restructurer le city management et de changer son nom.*
*Tom Ulveling estime qu'il faut dresser une liste des gens disposés à louer leurs biens. Ensuite, il faut s'assurer que ces biens sont sous-loués aux mêmes conditions pour chacun. Il faut donc dire au propriétaire qu'il ne recevra pas de loyer pendant quelques mois ou un loyer plus faible, et qu'une réévaluation sera faite au bout d'un an.*
*Toutefois, monsieur Diderich a raison. Quand quelqu'un écrit à la commune, celle-ci doit répondre. Dans ce cas-ci, on aurait pu dire*

ten. An och wéi d'Kommunikatioun mat de Leit vir sech geet, déi sech mellen.

Well, ech héieren, Dir schafft vill. Mee déi Leit, déi Saachen ufroen, déi kréien ënnerwee näischt mat. Dat heescht, do ginn awer Leit dann decouragéiert. An dat sinn och eege Matbierger, déi sech dann awer froen, firwat se keng Äntwerte kréien.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech kann nëmme schwätze vun där Zäit, wou ech elo do sinn. An der Maison moderne hate mer zwee Restauranten. An déi Leit, déi elo drasinn, déi ee Kontrakt mat eis gemaach hunn, déi hate schonn am Virfeld mam City-Manager – do war ech nach net do – en Apport ginn, datt se dat géife maachen. Dunn ass eng laang Zäit näischt geschitt.

A wou et dann op eemol enk ginn ass, wéi aner Leit sech gemellt hunn, fir de Site ze kréien, do si se awer erschéngt a si ware bei eis, hu gesot, mir hunn dat jo versprach, datt mer dat maachen. A si hunn et och gemaach. A si hunn dat och agehalen. Soudatt mer net méi mat engem anere konnten dohinnergoen, well et scho verlount war u sech. Déi Leit hu gesot, mir maachen dat Investissement dran. Dat do wëlle mer drasetzen. Soudatt et kee Sënn méi gemaach huet, wann een dat fest hat, mat engem aneren dohinnerzegoen.

Wou ech komm sinn, war et jo scho praktesch ofgemaach, datt déi Leit dat géife kréien. Do si mer guer net zu der Situatioun komm, datt mer do ee konnten aussichen, wat eis besser gefall hätt. Well ech hätt souguer eng Preferenz fir eppes anescht gehat. Mee vu datt mer do als Gemeng eist Wuert ginn hunn, da muss een dat och halen.

An esou si mer dann och verbliwwen, datt mer déi Leit ënnerstëtzt hunn a probéiert hunn, sou schnell wéi méiglech virunzekommen, datt déi dat kënnen opmaachen, wat se sech do virgestallt hunn. Dat ass d'Äntwert dorop.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Bertinelli.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Dat ass net beäntwert, wéi dat dann elo an Zukunft wäert oflafen an ob d'Leit eng Äntwert kréien, wa se eppes un d'Gemeng schécken. Ech mengen, dat steet och an der Charta vun der Gemeng, datt dat misst gemaach ginn. An an dësem Fall ass dat net de Fall.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dat huet de City-Management kritt. A wéi gesot, ech hätt och léiwer dräi oder véier gehat a mir hätte kënnen als Gemengerot dat Bescht eraussichen. Do hate verschidde Leit eng Iddi derzou. Mee dofir war et awer schonn ze spéit, do war schonn en Accord gi ginn. An do war net méi vill dorun ze änneren.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech soen dat hei:eEe Comité économique gëtt jo gegrënnt, dee soll hëllefe kucken, dass mer den Zentrum respektiv Déifferdeng erëm dynamiséiert kréien. Mir sinn amgaangen ze iwwerleeën, wéi mer dee City-Management, dee mer am Fong net méi esou wëllen nennen, nei strukturéiert kréien.

An et sinn och Iwwerleeungen amgaangen – also fir mech brauche mer eng Lëscht vun all deene Leit, déi éischtens bereet sinn, hire Bien ze verlounen, an da musse mer en Accord fanne mat deene Leit, fir ze soen, jiddwereе muss no deene selwechte Konditioune kënne verlounen. Fir dass do keen Dumping oder esou eppes entsteet. Dat muss een ofmaache mat de Leit.

Mir schwieft vir, dass een hinne seet: Dir musst bereet sinn, X Méint kee Loyer ze kréien oder en hallwe Loyer oder méi e bëllege Loyer. An da muss ee kucken, no engem Joer, ob een de Loyer muss evaluéieren oder net, an da Leit heihinner ze drainéieren.

Dat ass alles an der Maach. Mee Dir hutt Recht an deem Sënn, wann ee sech

mellt an et wëll ee gär eppes hunn, misst een awer eng Äntwert kënne kréie vun eise Servicer. Dass ee seet: Et deet eis leed, mee et ass scho verlount. Mir kënnen Iech awer do oder do oder do oder do nach eppes ubidden. Esou soll dat an Zukunft fonctionéieren.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dat ass richteg.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Dat ass eng interessant Bemierkung vum Här Diderich. Mir wäerten dat mathuelen, fir déi berechtegt Kritik, fir déi ëmzesetzen a fir déi aus der Welt ze schafen en faveur vun der Geschäftswelt oder vun deene Leit, déi Interessi hunn an Déifferdeng.

Madamm Pregno, wannechgelift.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Merci. Ech wëll op eppes reagéieren, wat den Här Bertinelli sot. An deem leschte Schäfferot gouf keen Accord gi fir d'Maison moderne. Ech mengen, do ass iergendeppes falsch verstane ginn. Entweeder hutt Dir eppes falsch verstanen oder et ass falsch vermëttelt ginn. Menges Wëssens, well ech jo och deels mat deene Servicer zesummeschafft hunn, ass do keen Accord vu menger Säit komm, fir dee Kontrakt fest un eng bestëmmten Entreprise, Boîte oder wien och ëmmer erauszeginn.

An da sinn ech awer ganz frou, Här Ulveling, ze héieren, dass soll ee Comité économique gegrënnt ginn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Deen huet sech scho getraff, virun zwee oder dräi Deeg. Ech weess et net méi genau.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Een Dag virdrun invitéiert. Dat ass e bësse schwiereg fir eng Grënnung vun engem wichtege Kommitee.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Jo, dat war e bësse schifgaangen. Mee dat gëtt jo elo …

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Wien ass dann do invitéiert ginn? U wien ass déi Invitatioun erausgaangen? Dat géif eis lo interesséieren.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Leider konnt ech och net do sinn, et war mir och e bësse kuerzfristeg.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Okay, ech formuléiere meng Fro anescht: Wie presidéiert dee Kommitee? Wéini ass déi Invitatioun erausgaangen? An u wien ass déi Invitatioun erausgaangen? Merci.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Deen hunn ech déi éischte Kéier presidéiert. Mee dat war och just déi éischte Kéier. An den Här Ulveling, deen hat sech ofgemellt. Mee mir hu schnell misse reagéieren, fir Invitatiounen un all eis Geschäftsleit an Industrië erauszeschécken, well mer de Februar eng Sitzung mat deenen hunn am Hall O. Dat huet musse schnell geschéien. Dat war de Grond, firwat et esou séier gaangen ass.

Dat hu mer iwwer Telefon gemaach. Et ass just drëms gaangen, fir déi Saach ze organiséieren am Februar. Fir ze kucken, wéi mer d'Opstellung maachen, iwwer wat mer do schwätzen.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Ech fannen et just …

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Et ass keng Kommissioun, wollt ech just soen.

*que le bien était déjà loué et proposer autre chose.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *est du même avis.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *constate que la critique de monsieur Diderich est pertinente et qu'il faudra résoudre ce problème dans l'intérêt des commerçants.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *revient sur les propos de monsieur Bertinelli. Le collège échevinal précédent n'a pas donné son accord quant à la maison Moderne. Soit monsieur Bertinelli a mal compris, soit on ne lui a pas dit la vérité. En tout cas, Laura Pregno n'a jamais signé de contrat avec une entreprise pour la maison Moderne.*
*Laura Pregno se dit contente de la création d'un comité économique.*

**TOM ULVELING (CSV)** *précise qu'il s'est réuni il y a quelques jours.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *regrette avoir reçu l'invitation un jour avant.*

**TOM ULVELING (CSV)** *avoue que tout ne s'est pas passé comme prévu.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *demande qui a été invité.*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond que les invitations ont dû être envoyées à la va-vite.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *demande qui est le président du comité. Quand les invitations ont-elles été envoyées ? À qui ?*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *a présidé la première séance. Monsieur Ulveling était absent.*
*Il a fallu envoyer les invitations rapidement aux commerçants et aux industriels, car une séance avec eux aura lieu en février au Hall O. C'est pourquoi tout a été fait rapidement.*
*L'échevin précise qu'il ne s'agit pas d'une commission.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *le sait bien. C'est un groupement économique.*
*Mais elle trouve étrange que le représentant de déi Lénk ait reçu un courriel contrairement aux écologistes.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *réplique qu'ils ont téléphoné.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *n'a pas reçu d'appel téléphonique. Elle répète que cela est étrange.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *lui assure que quelqu'un a essayé de téléphoner.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *rétorque qu'il y a un monde entre essayer de téléphoner et joindre quelqu'un.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *répond que ce sera fait la prochaine fois.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *trouve étrange que l'on exclue une partie des représentants.*

**TOM ULVELING (CSV)** *admet que chaque parti devait pouvoir envoyer un représentant.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *proteste. Les écologistes n'étaient au courant de rien.*

**TOM ULVELING (CSV)** *répète que la séance a été organisée à la va-vite. Lui-même n'a pas pu y assister.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *réplique que monsieur Ulveling était au courant et qu'il a pris une décision en connaissance de cause.*

**TOM ULVELING (CSV)** *n'en a été informé que le jour avant.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *insiste sur le fait que monsieur Ulveling avait donc bel et bien été informé.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *insiste sur le fait qu'il aurait fallu inviter tous les partis. Le collège échevinal n'a pas essayé d'exclure quelqu'un volontairement. Mais il a fallu réagir rapidement, car le temps était compté.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Et ass keng Kommissioun, et ass e Groupement économique. Ech fannen et awer elo komesch ze héieren, dass e Vertrieder vun déi Lénk eng Email krut a mir als déi Gréng krute keng. Also da fillen ech mech …

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Si hunn ugeruff.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Jo, oder ugeruff kritt. Ech fannen dat awer ganz komesch.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

D'Déngen huet probéiert, Iech unzeruffen.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Jo, mee tëschent probéieren unzeruffen an un een ze kommen si fir mech zwou Welten. Well u sech ass jo hei ee Kommitee zesummekomm, wou all Vertrieder misst do sinn.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Da kritt Der d'nächste Kéier …

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Wou Dir jo da wëssentlech Leit ausschléisst. Dat fannen ech awer e ganz komescht Verständnis vun Demokratie.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Et war kloer gesot ginn, dass vun all Partei kann een dobäi sinn, wann ee wëll dobäi sinn.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Jo.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Jo, mee et ass jo awer komesch, wa mer vun näischt wëssen. Well mir hätte jo natierlech gären ee geschéckt.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Jo, richteg, dat war iwwert de Knéi gebrach ginn, hu mer jo gesot. Ech konnt och net do sinn, well ech hat meng Rendez-vousen.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Jo, mee Dir wousst et. Et war Äre fräie Wëllen, ob Der kéint do sinn oder net. Bei eis …

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Nee, ech wousst et och eréischt een Dag virdrun.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Jo, mee Här Ulveling, Dir wousst et jo awer dann den Dag virdrun. Mir si jo zu méi breet opgestallt. Och wa mir et den Dag virdru gewosst hätten, dann hätte mer vläicht keen aus dem Gemengeconseil kënne schécken, mee op d'mannst awer ee vun deene Gréngen. Ech fannen dat einfach eng komesch Prozedur.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Et ass e bëssen iwwert de Knéi gebrach ginn, well mer zäitlech begrenzt waren. Et ass iwwerhaapt keng Diskussioun, datt do een invitéiert gëtt. Et ware jo och Leit, d'Geschäftsleit ware jo och do, de President vun der ACOMM war do. Et ass net, datt do elo ee probéiert huet, een do ewechzehalen. Et ass guer net esou. Mir hu probéiert, ganz schnell ze reagéieren, well mer do en Zäitprobleem hu bis de Februar.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Dir musst awer zouginn, dass et net ganz glécklech ass, wann esou Invitatiounen erausginn an net un all d'politesch Vertrieder.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Jo.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dat ass net ganz schlëmm, fannen ech.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Ech mengen, Dir hat jo ëmmer bemängelt, dass verschidde Saachen net gutt organiséiert goufen, wou net jiddereen dann invitéiert war.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Mir huelen dat jo elo zur Kenntnis a wëllen eis entschëllegen.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Jo, et ass jo an der Rei. Merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech wollt awer nach soen, dat wat Dir virdru gesot hutt, ass zum Deel net richteg. Well Dir wësst, de Max Felten, eise Beroder wat de City-Management ugeet, hat schonn zënter Méint mat engem Interessent vun der Maison moderne Gespréicher gefouert an déi ware ganz konkreet. Dee war och ganz interesséiert. An dat war awer schonn zu där Zäit, wou Dir nach am Schäfferot waart.

Et gouf kee Kontrakt a keng Zouso an deem Sënn, mee d'Gespréicher ware gefouert, se ware fortgeschratt. An da kann ee jo awer net einfach op eemol soen, nee, dee wëlle mer elo net méi, huele mer en aneren. Ech mengen, deen ass och nach ëmmer interesséiert, dee wëll och e Kontrakt mat eis maachen, souwäit ech dat emol matkritt hunn.

Mee ech ginn Iech Recht, wann een eng Ufro mécht hei, oder egal, wat fir ee Bréif, dann huet een eng Äntwert ze kréien. Ob se positiv ass oder negativ.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci. Den Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Nach e klengen Detail dozou. Ech wollt Iech matdeelen, deen nächste Comité économique, deen ass festgeluecht op méindes, den 8. Januar um 17 Auer hei am Sall.

De 25. sollt déi Reunioun stattfannen, vun där den Här Bertinelli geschwat huet. Dat geet awer net aus terminesche Grënn. Mir maachen déi méi spéit am Februar. Do gëtt iwwert de Programm geschwat. Dat ass e Genre Forum. Do gëtt doriwwer geschwat, wat do ganz genee stattfënnt an esou weider. An da mussen déi Iddien, där mer der schonn ee ganze Koup hunn – also, et war éischter e Brainstorming, déi éischt Sitzung –, elo op Pabeier bruecht ginn. Dat muss alles dokumentéiert ginn, déi Konzepter, déi mer schonn do deelweis beschwat hunn. Déi musse gepréift ginn an esou weider. Do si ganz vill Méiglechkeeten.

A wat mer esou vill wéi méiglech Input kréie vun alle Säiten, wat d'Chance méi grouss ass, dass mer schnellstméiglech eng Reussite hu fir d'Redynamiséierung vun eisem Zentrum. Wat jo wichteg ass. Mee net eleng deen, mir gi jo doriwwer eraus. Dat ass zwar eng vun eisen Haaptaktivitéiten, mee mir wëllen och de Kontakt mat der Industrie, mat deem grousse Commerce, mat de petites et moyennes entreprises verbesseren an auswäiten. A vun alle méigleche Partner Iddien anhuelen, och d'Populatioun matagebonnen iwwer Biergerinitiativ. Fir duerno e Konzept ze fannen, wéi mer dat an de Grëff kréien, déi ganz Problematik vun eisem Commerce an der Industrie an eiser Stad.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Presidéiert Dir dat, Här Muller?

**ERNY MULLER (LSAP):**

Jo.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *trouve cette situation bien malheureuse. Elle insiste sur le fait que tous les représentants politiques n'ont pas reçu d'invitation.*
*Elle rappelle que les écologistes se plaignaient souvent du manque d'organisation de la majorité précédente.*

**TOM ULVELING (CSV)** *prend note des remarques de madame Pregno. (Interruption de M*[me] *Pregno et discussions)*
*Tom Ulveling souhaite apporter quelques corrections à ce qui a été dit. Monsieur Felten, le conseiller en city management, a mené des discussions pendant des mois avec une personne intéressée à la maison Moderne. Même si aucun contrat n'avait été signé, les discussions étaient concrètes. C'est pourquoi le nouveau collège échevinal ne pouvait pas simplement dire qu'il ne voulait plus de ce candidat. Celui-ci souhaite toujours un contrat avec la Ville de Differdange.*
*En revanche, il est vrai que chaque personne qui s'adresse à la commune doit recevoir une réponse.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *annonce que la prochaine réunion du comité aura lieu le 8 janvier à 17 h dans la salle des séances.*
*Un forum devrait avoir lieu le 25 janvier, mais il a fallu le reporter à février.*
*La première réunion a surtout été une sorte de remue-méninge pour rassembler les idées. Désormais, il s'agit de les documenter. Les possibilités sont nombreuses. Erny Muller constate que plus il y a d'idées, meilleures sont les chances de redynamiser le centre-ville rapidement.*
*Parallèlement, la commune veut aussi améliorer ses relations avec l'industrie, le grand commerce et les petites et moyennes entreprises.*
*La population peut aussi soumettre des idées. Il faut résoudre le problème du commerce à Differdange.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *demande à monsieur Muller s'il sera le président du comité.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *répond par l'affirmative.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *en prend note.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *ajoute qu'il a été désigné.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *n'avait pas bien compris la situation.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *précise que dorénavant, c'est lui qui organisera les réunions.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *constate qu'il faudra clarifier cela sur le terrain.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *précise que le collège échevinal désigne les membres des commissions. Il y a aussi des experts.*
*Pour être tout à fait transparent, il tient à dire que la première séance a eu lieu il y a une semaine.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *s'en étonne.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *demande si les anciens membres du comité étaient là.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *répond que oui.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *constate que monsieur Liesch aurait donc dû être là pour les écologistes.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *suppose qu'il y a eu une erreur.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *répète que les invités auraient dû être appelés, mais que tout a été fait à la va-vite.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *rétorque que même si monsieur Aguiar a été appelé, il n'est pas monsieur Liesch.*

**TOM ULVELING (CSV)** *ajoute que Net0Cities sera présenté au groupement économique. L'objectif consiste à obtenir le soutien des entrepreneurs et industriels.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *clôture la séance publique.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Okay.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech sinn designéiert. Dofir hunn ech dat gesot.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Jo, jo, okay, well ech hunn elo net verstanen, firwat Dir Erklärunge gitt.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ab elo wäert ech dann déi Sitzungen aberuffen, wa bis kloer ass, wien do mat dru bedeelegt ass. Domat hunn ech elo näischt direkt ze dinn. De Schäfferot designéiert, wien an där Kommissioun ass.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Jo, mir klären dat um Terrain.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Mir hunn och nach Experten dobäigeholl a mir huelen der nach warscheinlech derbäi. An da presidéieren ech dee Kommitee. Dat hat den Här Bertinelli net gesot. Ech wëll Iech dat awer fairnesshallwer soen, well dat och an där Sitzung do gesot ginn ass. Déi éischt Sitzung war en Dënschdeg dës Woch, dat ass jo nach net ganz laang hier.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Ma nee. Just, dass mir net dobäi waren.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Jo, dat bedaueren ech och.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Ech mengen, et waren déi fréier Memberen aus deem deemolege Comité d'accompagnement économique do. Do war fir déi gréng, mengen ech, de Goerges Liesch dran. Vläicht ass do eppes schifgelaf. Et ka sinn. Ech weess et net.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech sot, et soll déi Leit all uruffen. Et war kuerzfristeg.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Wann och den Här Aguiar ugeruff ginn ass, dann ass et net den Här Liesch, Här Meisch. Et ass flott ze erklären, mee …

(Diskussiounen)

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Mir reiden awer elo net um Paragraf hei!

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

An Zukunft geet et besser. Dat do war eng schwéier Gebuert.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Wat ech awer nach wollt soen, dee Groupement économique, dee wäerte mer benotzen an enger éischter Phas, zumindest fir déi Leit, déi dann do geruff ginn, fir deenen och eise Projet NetZeroCities méi no ze bréngen. Wou mer hoffen, eventuell Leit aus der Industrie respektiv gréisser Entrepreneuren oder esou mat op de Wee ze kréien, fir eis ze hëllefen, eist Zil ze erreechen. Dat ass eng vun hire Missiounen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci. Wa mer keng Froe weider hätten, da géife mer zu der Séance non-publique kommen. Da géif ech eisen Techniker bieden, d'Mikroen auszemaachen.

# IL SUFFIT DE LE FAIRE EN LIGNE



La vignette résidentielle, l'autorisation de construire, la Diff Prime ou l'inscription à la maison relais : réglez vos démarches administratives facilement et confortablement depuis chez vous !

Grâce à notre rubrique *Formulaires en ligne*, vous pouvez demander de nombreux services en ligne en quelques clics seulement. Que vous utilisiez un ordinateur portable, une tablette ou un smartphone.

Vous pouvez trouver rapidement ce que vous cherchez à l'aide de la fonction de recherche par mot clé – la recherche par catégorie vous aidera également rapidement.

# ACTIVITÉS EN PLEIN AIR




Vous avez envie de faire de l'activité physique en plein air ? La Ville de Differdange a ce qu'il vous faut ! Tous les dimanches des mois de juillet, aout et septembre, elle organisera en effet ses traditionnelles activités sportives dans les parcs de la ville. Ces activités s'adressent à tous ceux qui ont envie d'améliorer leur condition physique. Les cours sont gratuits et vous n'avez pas besoin de vous inscrire. Choisissez une activité, rendez-vous dans le parc en question et amusez-vous !

Les activités sportives en plein air commencent le dimanche 7 juillet et se déroulent dans le parc Edmond Dune, au plateau Funiculaire (parc de la Chiers), dans le parc Gerlache ou au Fond-de-Gras.

Au programme figurent des activités d'une heure – de 10 h 30 à 11 h 30 – comme Pilates, la qi gong, des randonnées pédestres, le F.A.C. (Fessier, abdo, cuisses), la capoeira…

Les participants sont priés d'adapter leurs vêtements aux conditions météorologiques. En cas de fortes pluies ou d'orage, les activités seront annulées.



# Kerzen-Recycling

in Zusammenarbeit mit der „Käerzefabrik Peters“

Kerzen sind nicht nur schön, ihr Wachs ist auch ein hochwertiger Rohstoff. Handelsübliche Anzünder enthalten oft Stoffe, die gesundheits- und umweltschädlich sein können. Anzünder aus Wachsresten mit Eierkartons, Sägespänen oder z.B. Nadelbaumzapfen stellen eine umweltfreundliche Alternative dar. Aber was geschieht mit ihnen, wenn sie einmal abgebrannt sind?

## Vermeidung

→ Eine Kerze ist ein offenes Feuer, die Flamme kann bis zu 1400 Grad heiss werden. Kerzen daher immer auf einen festen, hitzebeständigen Untersetzer stellen.

→ Dicke Kerzen sollten jedes Mal wenigstens so lange brennen, bis der ganze Brennteller flüssig geworden ist. Sonst brennen sie hohl ab und die Flamme kann verkümmern.

# *Recyclage des bougies*

*en collaboration avec la « Käerzefabrik Peters »*

*Les bougies ne sont pas seulement belles, leur cire est aussi une matière première de qualité. Les allumeurs du commerce contiennent souvent des substances qui peuvent être nocives pour la santé et l'environnement. Les allumeurs faits de restes de cire avec des cartons d'œufs, de la sciure ou, par exemple, des pommes de pin constituent une alternative écologique. Mais que deviennent-ils une fois qu'ils ont brûlé ?*

## *Prévention*

→ *Une bougie est un feu ouvert et la flamme peut monter jusqu'à 1400 degrés, alors placez toujours les bougies sur un dessous de verre ferme et résistant à la chaleur.*

→ *Les bougies épaisses doivent brûler au moins jusqu'à ce que toute la plaque de brûleur soit devenue liquide. Sinon, ils brûlent en creux et la flamme peut se faner.*

**Information**
***Informations***

**Ressourcenpotential**
***Potentiel de ressources***

## Circa 96%

Die eingesammelten Rohstoffe können somit in den Kreislauf zurück geführt werden und für die Wiederverwendung benutz werden.

Die Kerzenreste werden zunächst im SDK-Center in Colmar-Berg geprüft, ob sie den Vorgaben entsprechen. In der ‚Käerzefabrik Peters' werden die Kerzenreste dann bei der Produktion neuer Kerzen, Fackeln und Brennschalen eingesetzt.


**Korrekt entsorgen**
Mobile Sammlung der SuperDrecksKëscht®
Ressourcencenter

## *Environ 96%*

*Les matières premières collectées peuvent ainsi être réintroduites dans le circuit et utilisées pour la réutilisation.*

*Les restes de bougies sont d'abord contrôlés dans le center SDK à Colmar-Berg pour voir s'ils répondent aux exigences. Dans la ‚Käerzefabrik Peters', ils sont ensuite utilisés dans la production de nouvelles bougies, torches et photophores.*

***Elimination correcte***
*Collecte mobile de la SuperDrecksKëscht®*
*Centre de ressources*



**95,93%**
Zurückgewinnung von Rohstoffen
*Récupération de matières premières*

**1,99%**
Herstellung eines Ersatzbrennstoffes
*Production d'un combustible de substitution*

**2,08%**
Verunreinigungen werden beseitigt
*Les impuretés sont éliminées*

# WORKING TOGETHER

## THIS IS HOW WE CAN SAVE WATER



### VISIT PUBLIC POOLS

AVOID FILLING AND REFILLING PRIVATE POOLS.



### WASH YOUR CAR IN A CAR WASH

CLOSED SYSTEMS REUSE WATER MORE THAN ONCE.



### OPTIMIZE THE USE OF YOUR WASHING MACHINE

RUN IT ONLY FULLY LOADED.

### WATER AS LITTLE AS POSSIBLE WITH DRINKING WATER

THE LAWN DOES NOT NEED TO BE WATERED BECAUSE IT RECOVERS QUICKLY. WATER YOUR BEDS AND PLANTS AFTER SUNSET.





### AVOID CLEANING YOUR OUTDOOR SURFACES WITH DRINKING WATER

USE DRINKING WATER SPARINGLY.

### DO NOT SHOWER FOR TOO LONG

A SHORT SHOWER IS ENOUGH TO FRESHEN UP.



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Administration de la gestion de l'eau

ALUSEAU
association luxembourgeoise des services d'eau

Zesumme fir eist
WAASSER